pétange
MOTIVATION COMMUNE


# PÉITENG AKTUELL
Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 153 – Februar 2024




# Gemengerotssëtzunge
vum 23.10.2023 a 27.11.2023

# Dans ce numéro:


| | |
|---|---|
| **1** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 23.10.2023 |
| **17** | Gemeinderatssitzung vom 23.10.2023 (Kurzform) |

(Fichier audio)

| | |
|---|---|
| **19** | Compte rendu de la séance du conseil communal du 27.11.2023 |
| **32** | Gemeinderatssitzung vom 27.11.2023 (Kurzform) |

(Fichier audio)

| | |
|---|---|
| **35** | Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins |
| **37** | Règlements communaux (avis) |
| **38** | Eng Kuer fir d'Natur (anc. Fréijoersbotz) |



**Péiteng Aktuell**

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.800 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

**Éditeur responsable:**
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

+352 50 12 51 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Commune de Pétange

**Rédaction et mise en pages:**
Service Culture et communications de la commune de Pétange

# Conseil communal

## Séance publique du 23 octobre 2023

***Durée de la séance***: *16.00 à 18.45 heures*

**Présents:**

| | |
|---|---|
| **Halsdorf Jean-Marie**, bourgmestre (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 1er échevin (LSAP)<br>**Martins Dias André**, 2e échevin (CSV)<br>**Brecht Guy**, 3e échevin (LSAP)<br>**Agostino Maria**, 4e échevine (CSV)<br><br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Barnabo Nicolo** (LSAP)<br>**Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Conter-Klein Raymonde** (CSV)<br>**Mellina Pierre** (CSV)<br>**Welter Patrick** (LSAP) | **Agostino Barbara** (DP)<br>**Becker Romain** (déi gréng)<br>**Bernard Chris** (Piraten)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)<br>**Ecker Jean-Pierre** (Piraten)<br>**Monteiro Teresa** (Piraten)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Christian** (Piraten) |

**Absents et excusés:**

**Néant**

## ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (16.00 heures)**

1. Personnel
   - 1.1. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.
   - 1.2. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.
   - 1.3. Réduction de la durée du service provisoire d'une fonctionnaire communale – décision.
   - 1.4. Nomination définitive d'une fonctionnaire communale – décision.
   - 1.5. Réduction de la durée du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
   - 1.6. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

**Séance publique (16.15 heures)**

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   - 3.1. Formation du tableau de préséance – décision.
   - 3.2. Titres de recettes – décision.
   - 3.3. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2024 - décision.
   - 3.4. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2024 - décision.
   - 3.5. Pose et raccordement d'une cabine de transformation d'occasion dans l'enceinte du Centre sportif «Bim Diederich» à Pétange: vote du devis et d'un crédit spécial - décision.
   - 3.6. Construction d'une nouvelle école et d'une nouvelle maison relais à Lamadelaine: vote d'un devis adapté – décision.
   - 3.7. Construction d'une nouvelle école et d'une nouvelle maison relais à Lamadelaine: vote d'un crédit supplémentaire – décision.
   - 3.8. Travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue Adolphe à Pétange: vote du décompte définitif – décision.

4. Affaires sociales
   4.1. Organisation des après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» pour l'année 2024 - décision.
   4.2. Arrêt provisoire du compte de l'exercice 2021 de l'Office social - décision.
   4.3. Arrêt provisoire du compte de l'exercice 2022 de l'Office social - décision.
5. Propriétés
   5.1. Convention d'occupation temporaire et de réalisation de travaux concernant l'immeuble à usage mixte sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», avec le Fonds du Logement – décision.
   5.2. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Romains», de la part de la copropriété de la résidence «Rue des Romains» - décision.
   5.3. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch» de la part de M. Illya Kurek et Mme Paula Figueiredo Ferreira – décision.
6. Sylviculture: Plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2024: approbation des devis – décision.
7. Urbanisation
   7.1. Demande de lotissement / morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Fontaine des Porcs», de la part de la société ArcelorMittal Belval & Differdange SA - décision.
   7.2. Demande de lotissement / morcellement de sept terrains sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy», de la part de la société TRIDENT SARL - décision.
8. Transports et communications
   8.1. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, rue Nicolas Biever – décision.
   8.2. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, Chemin de Brouck et rue du Clopp – décision.
   8.3. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, rue Guillaume – décision.
   8.4. Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.
9. Vie associative: Statuts de l'association «Association Nationale des Victimes d'Accidents de Travail ASBL» – information.
10. Dépenses diverses: Octroi de cadeaux de service – décision.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

### Personnel.

Les points 1.1 et 1.6 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos. Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.

**M. Chris Czempisz, demeurant à Rodange, est engagé aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement D1, à attributions particulières (agent municipal).**

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal), pour les besoins du service circulation et éclairage public – équipe des agents municipaux – décision.

**M. Kevin Hilger, demeurant à Roedgen, est engagé aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement D1, à attributions particulières (agent municipal).**

Nomination définitive d'une fonctionnaire communale – décision.

**Mme Iris Poensgen est nommée définitivement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif.**

Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

**M. Alain Silverio est nommé définitivement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif.**

## 2.

### Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Heimat maache mir elo déi ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot vum 23. Oktober 2023 op. Als éischte Punkt hu mir d'„Communications du collège des bourgmestre et échevins“. A well mir haut en nei Conseiller derbäi hunn, de Chris Bernard, géif ech him d'Wuert gi fir datt hien eis säi „maiden speech“ hei mécht. Här Bernard, dir hutt d'Wuert.

**Bernard Chris (Piraten):**

Här Buergermeeschter, Schäffen, léif Gemengeconseilleren, geschätzte Parteikolleegen a léif Bierger dobaussen. Als neie Gemengeconseiller vun der Gemeng Péiteng wollt ech mech kuerz virstellen. Mat der Entscheedung vum Marc Goergen, dës Legislaturperiod net méi als Duebelmandat weiderzeféieren, ass him bewosst ginn, datt hien eng Aufgab vun de Piraten am Süde kritt huet fir d'Piraten aus dem Süden ze vertrieden an ë.a. als Direktgewielte vu Péiteng och Péiteng an der Chamber wäert representéieren. Esou hunn ech da mat dëser Demissioun vum Här Marc Goergen elo d'Opportunitéit kritt, fir an eiser 4 Mann a Fra staarker Fraktioun hei an der Gemeng ze schaffen.

D'Péitenger Gemeng ass meng Heemechtsgemeng. D'Grousselteren hunn sech no de Suite vum 2. Weltkrich an dëser Gemeng néiergelooss a jeeweils eng Famill gegrënnt. Meng Elteren hunn sech hei zu Péiteng kennegeléiert a waren iwwer Joerzéngten a verschidde Veräiner aktiv an droen d'Gemeng Péiteng bis haut fest an hiren Häerzer.

Ech selwer ka mir kaum eng Regioun virstellen, déi ech besser kennen, besser verstinn a mat där ech besser ka matfillen ewéi mat der Gemeng Péiteng. Dëse Posten als Gemengeconseiller hunn ech ugeholl, well et fir mech zum engen eng grouss Éier ass fir an dëser Gemeng dierfen aktiv matzeschaffen an zum aneren, datt ech menger Partei an eise Wieler a Wielerinne beweise kann, datt ech zu eise Wäerter stinn an se beschtméiglechst vertriede wäert.

Ech wëll mech an dësem Sënn positiv erabréngen an hoffen op eng géigesäiteg respektvoll Zesummenaarbecht fir an dëser Legislaturperiod esou konstruktiv ewéi méiglech mateneen zesummeschaffen ze kënnen. Als geléierte Biolog an aktiven Enseignant leie mir verständlecherweis déi sozial Themen, spréch Educatioun ewéi och Ëmwelt, Ëmweltschutz, Déiereschutz an Energietransitioun um Häerz. Aner Themeberäicher sinn awer net manner interessant fir mech. Nei Themeberäicher wäert ech mat enger grousser Gewëssenhaftegkeet a rationeller Ugoensweis opschaffen. Ech si frou, datt ech op menger Säit 3 Parteikolleegen hunn, op déi ech kann zeréckgräifen, esou wéi op den nationale Pirategrupp wann ech eng Fro hunn oder e Rot bréicht. Ech wäert menge Parteikolleegen an dem gesamte Gemengerot mat grousser Zouverlässegkeet entgéintkommen. Domat ënnersträichen ech, datt ech dës Aufgab vum Gemengerot mat beschtem Gewëssen a mat Gewëssenhaftegkeet wäert ausfëllen. Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet a ginn d'Wuert zeréck un den Här Buergermeeschter.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci Här Bernard. Ech soen iech Merci fir dee konstruktiven Depart. Dat ass eng ganz gutt Saach. Mir sollen hei zesummeschaffen, dat ass eng ganz gutt Saach. Mir begréissen dat.

Wat ech dem Gemengerot elo wollt matdeelen ass, datt mir eng Entscheedung getraff hu wat eisen Ëmweltservice ugeet. Mir wäerten dee restrukturéieren. Mir wäerten en Know-how akafen, wann een esou wëll. Eng Persoun, déi spezialiséiert ass. D'Ëmwelt huet jo vill Gesiichter: Natur, Energie, Klima, Urbanismus an esou weider. D'Ausschreiwung wäert elo geschéien an ëm den Detail wäert eis Ëmweltschäffin, d'Madamm Agostino Maria, sech këmmeren. Beim nächste Budget wäerten do scho verschidden Ännerunge komme vun enger Persoun, déi mir astellen, respektiv vun aneren Iddien, déi mir am Hannerkapp hunn an déi mir wëllen an den nächste Joren ëmsetzen. Dëst ass eng Informatioun vum Schäfferot, déi mir iech wollte ginn, well dat eng Entscheedung vun eis ass.

Duerno komme mir bei en anere Punkt. Et ass eng Première an deem Sënn, datt de Patrick Arendt a senger Qualitéit als Member vum Büro vu Minett-Kompost eng Informatioun wollt ginn. Här Arendt, dir hutt d'Wuert.

**Arendt Patrick (CSV):**

Merci fir d'Wuert. Als Member vum Comité a vum Büro beim Minett-Kompost ass et mir wichteg, reegelméisseg de Bilan ze maache wou mir am Moment dru sinn. De Minett-Kompost ass an enger permanenter Evolutioun. Et kann ee mëttlerweil scho vun engem nationale Syndikat schwätzen, nodeems d'Stad Lëtzebuerg och bäikomm ass. Eise Syndikat ass op 22 Membersgemenge gewuess. Mir hunn an Zukunft eng jett Erausfuerderungen op der Dagesuerdnung stoen – dorënner den Neibau vun eiser Verwaltung, d'Vergréisserung vun eiser Methanisatiounsanlag an de Bau vun enger Biomasszentral. Och eis Photovoltaikanlag, déi op eiser fuschneier Komposthal opgebaut ginn ass, wäert elo ufanks November déi éischte Kéier Stroum an d'Netz aféieren. Mir hunn eng SARL mat Sudenergie gegrënnt – fir genee ze sinn, d'Minettenergie SARL – wou mir elo 15 Joer eng Einspeisevergütung geséchert hunn, ganz am Sënn vun eisem Motto, erneierbar Energien a Wäermequellen ze fërderen. Esou eise Biogas, wou de Kreeslaf zum Schutz vun eiser Ëmwelt nees Dag fir Dag respektéiert gëtt.

Dat sinn déi grouss Zich, déi eis am Moment beschäftegen. Et geet mir awer haut ëm eng Analys, déi all 2 Joer gemaach gëtt. Méi präzis: d'Störstoffanalys an eise gréngen Dreckskëschten. Et geet drëm, eng Iwwerpréiwung vun der Trenngenauegkeet vun eise Bierger ze maachen. Firwat ass dat esou wichteg? Majo well et vun deem Faktor ofhänkt, wat schlussendlech dovun an d'Vergärung an an d'Kompostéierung kënnt. Doraus ergëtt sech e Moossnamekatalog fir de Störstoffgehalt erofzesetzen. Et dierfe keng Liwwerung, wou méi ewéi 3% Störstoffgehalt dran ass, veraarbecht gi well dat neit Offallgesetz aus dem Joer 2021 ënnerseet ganz kloer eng Mëschung mat Konschtstoffer. D'Gesamtbewäertung fir eis Gemeng ass 1,52%, wat eis Bewäertung nach akzeptabel mécht, ma wou eng verstäerkt Ëffentlechkeetsaarbecht ze verriichten ass. Wann een dat Bild dann awer analyséiert – an dat hunn ech gemaach – da fënnt een dëst eraus: 3 Lokalitéiten, 3 Prouwen, 1,06%, 1,98% an 1,55%. Insgesamt also 1 mol d'Bewäertung befriddegend an 2 Mol nach akzeptabel, woubäi de Faktor, datt mer eis insgesamt vun 1,11% am Joer 2019 – wou déi lescht Prouf gemaach gouf – verschlechtert hunn, awer iwwerweit.

Et gi verschidde Faktoren, déi matspille wann et ëm d'Genauegkeet beim Trenne geet. De Sammelsystem z.B., ob et eng Huel- oder Bréngsammlung ass. De Fakt vun der Taxestruktur nom Veruersaacherprinzip, wou et bei eis jo esou ass, datt de System iwwer déi fix Tax bezuelt gëtt, déi variabel Tax bei der grénger Dreckskëscht awer gratis ass. Dat heescht, datt d'Frequenz vum Eidelmaachen näischt kascht, wat jo och gutt esou ass fir d'Bierger ze motivéiere fir matzemaachen.

Aner Weeër sinn d'Ëffentlechkeetsaarbecht, ë.a. d'Wanderausstellung vum Minett-Kompost oder de Film vum Minett-Kompost, deen ee kéint méi dacks op eiser Homepage oder op de soziale Medien deelen, ë.a. op Facebook oder Instagram, wou mer jo och aktiv sinn a sécherlech och vill Jonker wäerten erreechen. Ausserdeem kéint een am Gemengebuet dorop hiweisen.

An Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung ass d'Campagne „L'Organique sans plastique" oder „Matières organiques – ressources magiques – c'est esthétique" an d'Liewe geruff ginn. Well dat modifizéiert Offallgesetz ganz kloer d'Mëschung vu Biooffäll mat Konschtstoffer ënner Strof verbitt, sti mir als Gemengen an der Flicht. Am Ausland ginn zum Beispill ëmmer méi automatesch Störstofferkennungssystemer op de Camionen agesat, déi zu Deel gutt Resultater mat sech bréngen. Well jo grad bei eis op d'zousätzlecht Personal bäigefüügt gëtt, wann esou Kontrolle gemaach ginn, wier dat vläicht eng Iddi. Ausserdeem gi verschidde Gemengen op de Wee hir Tuten, also déi vum Minett-Kompost, de Bierger zur Verfügung ze stellen. Bei eis kréien all nei Bierger e Starterkit mat enger klenger Dreckskëscht vun 20 Liter an engem Rouleau Tute mat dem néidegen Info-Flyer vum Minett-Kompost. Also an deem Sënn eng permanent Info-Campagne, wat eis nei Matbierger ugeet. Absolut luewenswäert.

Par contre steet d'Fro op, wat all aner Bierger ubelaangt. Do verkafe mir d'Tuten zum Präis vun 3 €, also méi bëlleg ewéi zum Beispill an engem Supermarché. De Minett-Kompost selwer verkeeft se un d'Gemengen zu hirem Akafspräis. Vill Leit benotzen awer leider nach ëmmer aner Tuten, déi deels net vu Minett-Kompost guttgeheescht sinn an domat en ze vill héije Plastiksundeel hunn.

Am Joer 2022 – ech hu mir dës Zuelen duerch d'Recette bestätege gelooss – hu mir 98 Rouleauen à 25 Tute verkaf, wat 294 € erabruecht huet. Am Moment sti mir an dësem Joer bei enger Recette vun 360 €, wat 120 Rouleauen ubelaangt, also eng liicht Hausse, wat positiv ass.

Ech géif der Exekutiv vun dësem Gremium – eisem Schäfferot – gären dës Iwwerleeunge mat op de Wee ginn. Et wier net schlecht, wa mir an deem Sënn eis Ëffentlechkeetsaarbecht verdéiwe géifen. Ech hu jo elo grad e puer méiglech Piste promouvéiert wat d'Handlungsfelder ubelaangt. Merci fir d'Nolauschteren.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci Här Arendt fir dës interessant Informatioun un de Gemengerot vu Péiteng. Avis aux amateurs. Déi aner Gemengerotsmemberen, déi a Syndikater sinn an déi wëllen de Gemengerot informéieren, kënnen e Statement an der Rubrik vun der „Communications du collège des bourgmestre et échevins“. Domat wier dee Punkt um Enn.

## 3.1.

### Administration générale.

Formation du tableau de préséance – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat ass eng Obligatioun, well d'Gemengegesetz vun 1988 gesäit am Artikel 11 vir, datt wann eng nei Persoun an de Gemengerot kënnt, den „tableau de préséance“ geännert muss ginn. Deen orientéiert sech un der Anciennetéit vun de Memberen, déi hei am Gemengerot sëtzen. An da kënnt dohannen als 19ten den Här Chris Bernard op der Lëscht bäi, an dat op den 23.10.2023. Féierend ass nach ëmmer de Pierre Mellina, deen den 12. Januar 1994 hei an der Gemeng ugetrueden ass. Hien ass elo d'Nummer 1, virdru war dat de Roland Breyer.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 9.300.888,20 euros – décision.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Dëst ass och e Punkt, deen an all Gemengerot erëmkënnt. Do hu mir Recetten an Héicht vun 9.300.888,20 €, déi mir guttheesche sollen. Déi gréissten Zuelen hunn ech iech do erausgepickt. Dat ass de „Fonds de dotation globale des communes – solde 3e trimestre 2023" fir 8.763.969 €. Et sinn awer och 320.000 € Subsid, déi mer kritt hu fir den Ausbau fir d'Dëschtennishal zu Rolleng a ronn 71.000 €, déi mir kritt hu fir d'Erneierung an d'Beliichtung vun de Keelebunnen am QT.

80.000 € TVA hu mir och nach fir de Mount August erëmkritt. Dat ass och haaptsächlech duerch d'Aarbechten an der PiKo, wou mir dës Zomm erakritt hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.3.

### Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2024 – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Do wollt ech soen, datt mir gemengt hunn, datt mir déi Tauxe sollten esou stoeloossen a kucken, wat déi nei Regierung mécht. A Funktioun vun deenen Entscheedungen, déi do getraff ginn, kann een dat ëmmer nach applizéieren. D'Gesetz gesäit vir, datt mir dat nach virum 1. November musse maachen an déi Tauxe fir 2024 fixéieren. Mir hu gesot, mir fueren an der Kontinuitéit weider. Dofir bleiwen d'Tauxe fir d'Grondsteier d'selwecht: A bei 400%, B1 bei 640%, B2 bei 400%, B3 bei 200%, B4 bei 200%, B5 bei 400% a B6 bei 600%.

**Bernard Chris (Piraten):**

Bei der Grondsteier B6 si mir der Meenung, datt deen Taux net héich genuch wier. Dat wier fir e symbolesche Message ze gi fir déi Terrainen, déi eidel stinn a wou drop kéint gebaut ginn. Ënner anerem wier dann och d'Chance gi fir datt d'Gemeng déi Terraine kéint kafe fir dann erschwéngleche Wunnraum ze bauen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci fir déi Suggestioun.

**Welter Christian (Piraten):**

Do wollt ech dat selwecht dozou soen. Dat war e klenge Koordinatiounsfeeler.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Déi Iddi ass ganz interessant, ma mir wollten elo net „fouteurs de troubles“ sinn, ewéi een esou schéi seet. Et muss een elo kucken, wat fir Dispositiounen d'Regierung hëlt, well déi huele jo doudsécher an deem dote Beräich Decisiounen. An dann hu mir Decisiounen, déi komplementar a produktiv sinn. Et huet kee Wäert, datt mir elo virrennen an eppes entscheeden an dann net am Aklang si mat eppes, wat d'Regierung decidéiert. Mir deelen dat do och, datt een an déi Richtung muss denken, awer et ass elo net de Moment fir dat ze maachen. Et ass eng politesch Decisioun, dat soen ech als Buergermeeschter, fir dëse Status quo ze halen. Datselwecht ass och bei der Gewerbesteier, wat elo hannendru kënnt. Do bleiwe mir och bei 350% well mir och do ofwaarde wat d'Regierung entscheet. An a Funktioun vun deem kann een dat dann dat nächst Joer upassen.

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 4 voix 'Non' (Piraten).**

## 3.4.

### Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2024 – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat ass dat, wat ech elo grad annoncéiert hunn. Hei geet et ëm déi kommunal Gewerbesteier, fir déi festzeleeë fir d'Joer 2024. Déi war bei 350% a mir proposéieren dem Gemengerot nach eng Kéier fir déi esou ze loossen, an dat mat deene selwechten Argumenter ewéi déi, déi ech beim Punkt 3.3 gesot hunn.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Mir begréissen dat, datt mir den Taux net änneren, well an dëse Krisenzäiten hunn d'Leit all Su néideg. An et komme jo

vläicht och nach aner Krisen op eis duer. Mir hu jo schonn eng méi héich Gewerbesteier ewéi an anere Gemengen, an dofir si mir ganz frou, datt mir net do erhéijen. Ëmsou méi wéi et vun der CSV gesot gouf, datt si versprach hunn, eng Steierreduktioun ze maachen. An dofir waarde mir dann of, wat da kënnt. Ob dat, wat se eis versprach hunn, och kënnt. Dofir begréisse mir dat, datt mir do näischt erhéijen.

**Monteiro Teresa (Piraten):**

Also mir sinn e bëssen dogéint, well wann ee kuckt, dann hu mir deen héchsten Taux, deen et gëtt. Dat sinn 350%. Dat ass guer net kompetitiv fir dann hei an der Gemeng eng Gesellschaft ze setzen. Mir wëssen och, datt déi kommerziell Leit an d'Gesellschaften, déi hei sinn, déi musse bezuele wann se am Benefice sinn. An alles mécht eng Differenz aus. Vun 2016 bis elo war e jo ëmmer op deem Taux. A mir wëlle jo kompetitiv sinn, a mat esou engem Taux geet et net. Mir géifen et besser fanne wa mir en e bëssen erofsetzen, well d'Leit jo mussen esou vill bezuelen. Sief et fir d'Energie, de Gas, an esou. An eisen A kéinte mir och eppes fir eis Leit hei, fir eis Gesellschafte maachen.

**Bernard Chris (Piraten):**

Jo, un sech kann ech d'Meenung vun der Madamm Bouché net deelen, well un sech huet den Här Mischo, de Buergermeeschter vun Esch, den Taux schonn erofgesat. Dat heescht et ass jo net onbedéngt fir op déi nei Regierung ze waarde fir den Taux erofzesetzen. Deen ass jo ënner 300% gefall. Also misste mir deem Rechnung droen an eis ënner 300% guidéieren. Ë.a. well et dann u sech méi attraktiv ass fir bestëmmte Geschäftslokaler heihinner ze bréngen. Gewosst, datt natierlech och Tankstellen sech wäerten an dësem Taux verkrauchen, woubäi nach do ze soen ass, datt Tankstellen an engem Stadbild ewéi Péiteng lues a lues misste verschwannen. Sief et duerch d'Liichtverschmotzung an datt et näischt Nohalteges ass, esou eng Tankstell. Dofir géife mir éischter gesinn, datt mir deen Taux kéinten erofsetzen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci fir dëse Kommentar. Wa meng Erënnerung richteg ass, dann hat äre Kolleeg, den Här Goergen, deen elo net méi ënner eis ass, d'lescht Joer de Géigendeel gesot. Hat en och gesot erofsetzen? Wéi deem och ass. Ech mengen, mir sollten elo ofwaarden. Ech verstinn, datt dir Politik maacht an dann als Oppositioun dogéint sidd. Dat mécht jo och gutt, awer et bréngt näischt. Wat eppes bréngt ass, datt mir kucken, datt mir eppes maache wat komplementar ass zu deem, wat am Fong geholl an der Stad entscheet gëtt. Well grad wann een esou Saache mécht, wann een individuell Saache lancéiert, da mécht een en Challenge tëscht deenen eenzele Gemengen. Wien ass deen éischten an hei an do. De Pierre Mellina kéint iech dat nach vill besser erklären, well ech war déi Zäit net am Gemengerot. Ech war an der Regierung, an do war e ganzt Gedeessems mat der Gewerbesteier mat der Stad Lëtzebuerg. Erop an erof. Wann déi en änneren, dann houscht d'ganzt Land. Dofir wëll ech emol soen, wat den Effet ass vun der Péitenger Gewerbesteier. D.h. mir kënnen hei eng grouss Show maachen, awer et bréngt guer näischt. Dat ass mäi Kommentar dozou.

**Mellina Pierre (CSV):**

Ech mengen, et muss een effektiv e bëssen d'Konstellatioun vun där Gewerbesteier kucken. Wien bezilt hei? Den Här Bernard huet et op de Punkt bruecht, wien hei bezilt. D'Gewerbesteier, an dofir mengen ech, ass hir Entscheedung a Propositioun hei kontradiktoresch, well engersäits wëllen se keng Tankstellen, anersäits wëllen se deene gär eng Faveur gi fir manner Gewerbesteier ze bezuelen. Et muss ee ganz kloer soen, d'Handwierks-betriber, déi mir de Moment hei hunn, bezuelen iwwerhaapt keng Gewerbesteier. Deen eenzege Virdeel – do muss een de Fong kucken – dat ass, datt mir zu Péiteng eis Part vun deem, wat mir kréie vun deem wat an der Stad Lëtzebuerg erwirtschaftet gëtt am Finanzsecteur, déi gëtt méi grouss um Niveau vu Péiteng duerch deen, dee mir duerch d'Gewerbesteier kréien. Dat wat am Ganzen am Land erwirtschaftet gëtt an net, wat zu Péiteng erwirtschaftet gëtt. An ech kennen u sech kee Betrib hei zu Péiteng, dee Gewerbesteier bezilt an sech iwwer den Taux hei zu Péiteng opreegt. Dofir muss ee ganz gutt oppassen, wat ee mécht. Et kann ee selbstverständlech esou Schrëtt maachen ewéi dir dat elo hei virschlot. Natierlech mam Risiko, datt mir net méi Betriber heihinner kréien, awer datt déi Fongen, déi mir iwwer de „Fonds de dotation globale des communes", wesentlech erofginn. Bei allem Respekt fir är Meenung, et muss ee just oppassen, wat ee mécht an ob et net méi kontraproduktiv ewéi produktiv ass. Dir wäert dofir kee Finanzbetrib weider heihinner kréien. Ech wëll iech dann och informéieren, datt ee vun deene „Big 4" sech hei zu Péiteng installéiert huet trotz dësem Taux. Do sinn et aner Virdeeler, déi si gesicht hunn a vun deenen si versicht hunn ze profitéieren. D.h. haaptsächlech Leit, déi aus dem Ausland op Lëtzebuerg schaffe komme fir dee positiven Effet wouerzehuelen, datt se net mussen an d'Stad fueren. Dat huet fir déi méi eng grouss Roll gespillt ewéi déi 350% Gewerbesteier. Gutt oppasse wat ee mécht, dat ass e gudde Rot, deen ech un all meng Nofollger ginn. Passt drop op wat dir maacht, datt dir net deen Aascht, op deem dir sëtzt, selwer ofschneit.

**Bernard Chris (Piraten):**

Natierlech weess ech och vun Tankstellen, datt déi manner enger „inspection sanitaire" ënnerleien. D.h. mat den Tankstellen, déi hei op der Haaptstrooss leien, sinn natierlech och eis hiseg Geschäfter mat Bäcker a Metzler hei, déi awer all Mount eng „inspection sanitaire" iwwer sech ergoeloosse mussen. Deementspriechend hunn se da schonn e Virdeel, datt si hir Produkter kënne verkafen, wat se de Leit aus den hisege Geschäfter ewechhuelen.

Déi aner Saach ass déi, datt eng Tankstell net nohalteg ass. Mir wësse genee, datt 2030 oder 2035 iergendwann en Ëmdenken ass. Wann een elo lues a lues dat wëll ufänken, dann ass et Zäit fir an dëser Legislaturperiod lues a lues dorunner ze denken. Wann ech iech gutt verstanen hunn, da setze mir den Taux net erof wéinst den Tankstellen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Wéi den Här Mellina elo gesot huet, dat ass ganz richteg. Dir sidd kontradiktoresch. Seng Konklusioun ass och meng Konklusioun. Mir schwätzen hei iwwer den Taux multiplicateur an net iwwer d'Tankstellen. Dat ass en anere Sujet, doriwwer kënne mir eng Kéier hei diskutéieren. Hei solle mir vun engem Taux multiplicateur, vun engem ICC schwätzen an dee soll ee sachlech diskutéieren. Et ass och net esou, datt mir deen héchsten Taux hunn. Et kann ee bis 400% goen. Dir hutt gesot, mir hätten deen héchsten, dat ass net wouer. Et ginn der och mat 400% am Land. Dofir, ech mengen, et muss een d'Saach prezis soen. Wann een esou Aktioune mécht, soll een sech och ofschwätzen. Dofir ass de Syvicol do. Déi Diskussiounen si ganz dacks am Syvicol gefouert gi fir sech tëscht deene grousse Gemengen ofzeschwätzen. An esou eppes eleng maachen, ewéi dir dat virschlot, bréngt guer näischt. Dat mécht héchstens méi Duercherneen ewéi dat Ganzt wäert ass.

**Bernard Chris (Piraten):**

Et ass jo net elo ëm 100%, déi mir froen. Dann hätt een awer e symboleschen Akt gemaach.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Neen, et ass eng Saach vu Prinzip. Ech versichen, datt dir eis Demarche verstitt. Ech fannen, mir hunn eng koherent Demarche. Wa mir esou Saache géife maachen, op eemol esou eng Saach géife maachen an op 200% erofgoen, da géif dat kee Mënsch verstoen. Do kéint een dat och net argumentéieren. Fir do z'argumentéieren, datt keng Tankstelle méi op Péiteng kommen, dat ass keen Argument. Dat ass e klengt Argument. Wann een esou Saache mécht – an do kann ech mech just mengem Virgänger uschléissen – dann huet dat ganz vill Effeten. Dat si ganz vill horizontal Effeten, vill Vernetzunge mat aner Saachen. Et ass ze einfach fir esou eppes ze fuerderen ouni sech bewosst ze sinn, wat fir Konsequenzen do derhannert sinn. Ech soen iech dat ganz éierlech, do si ganz vill Konsequenzen hannendrun. Dofir ass et besser, mir maachen dat net.

**Monteiro Teresa (Piraten):**

Ech si Comptabel fir kommerziell Leit, an ech weess, datt dat eppes fir si ausmécht. Et deet mir leed, ech hunn elo net un d'Tankstelle geduecht. Et war méi fir eis kleng Bäckeren, eis Metzleren. Fir si mécht dat eppes aus. Ma wann den Här Mellina seet, déi bezuele souwisou net, dat ass schonn eng ganz schlecht Saach. Dat wëll heeschen, si sinn an der Perte, dat ass och net ganz gutt. Also, et hänkt dervun of, wéi de Bilan opgesat gëtt. Eis ass et drëms gaangen, datt mir kompetitiv bleiwen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat do mécht ganz gutt, wann een dat no baussen zielt. Awer den Effet, deen dir an de Raum setzt, deen ass net do. Dat wëll ech iech just soen. Dir wëllt do eppes an den ICC eran interpretéieren, wat net eran z'interpretéieren ass. An et muss een de Leit dobaussen déi Saache soen, déi richteg sinn. A richteg ass dat, wat ech elo gesot hunn a wat de Pierre Mellina elo gesot huet.

**Mellina Pierre (CSV):**

Ech wollt just eppes soen. Hei sinn elo zwou Saache gesot ginn, déi komplett falsch sinn. Dat heescht, wann ech soe fir den Taux bei deene Prozenter ze loossen, déi mir hei festgehalen hunn, dann huet dat näischt mat den Tankstellen ze doen. Net ewéi den Här Bernard gesot huet, datt ech dat am Kontext mat den Tankstelle gesot hunn. Ech hu just gesot, datt dat am Fong net virdeelhaft ass fir d'Gemeng. An da fir der Madamm Monteiro ze äntweren: et gëtt e Fräibetrag bei der Gewerbesteier. Dat kennt dir jo als Comptabel, dat wësst dir jo. Deen ass esou héich, datt een eigentlech als Geschäftsmann richteg gutt Sue muss verdénge fir datt een iwwerhaapt eppes bezilt. An ech fäerte ganz, dee klenge Bäcker, deen dir genannt hutt, déi verdénge Suen a maachen och nach Boni. Awer et geet net duer fir Gewerbesteier ze bezuelen. An dofir mengen ech, dass dat fir d'lokal Geschäftswelt näischt wäert bréngen. Awer et bréngt eppes fir d'Gemeng, well si hiren Apport gëtt zu deenen, déi richteg bezuelen – dat ass de Finanzsecteur -, déi awer net hei finanziell bezuelen, ma zu Lëtzebuerg. An zwar fir datt mir en Deel kréien, well mir d'Chargen hu vun deem Ganzen. Dat verkenne ganz vill Leit. Déi Leit, déi an der Stad schaffen, déi wunnen hei. Déi mussen an d'Schoul goen, se musse Maisons relaisen hunn a mir mussen all déi Käschten decken. A well se do schaffen a mir och Käschten hunn, kréie mir iwwer d'Gewerbesteier e gewëssenen Deel erëm wou d'Stad Lëtzebuerg räich ewéi keng aner Stad ass an net weess, wat se mat de Sue soll maachen. A wa mir deen Taux méi kleng maachen, wat deen Deel, dee mir aus deem Pott kréien, och méi kleng gëtt.

Do muss een einfach wëssen, wat ee wëll. An et ass un der Politik fir dat z'entscheeden. Awer et muss een dat genee wëssen an sech net selwer an de Fouss schéissen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Nach e leschte Saz fir dat zesummenzefaassen, fir dat do ze maachen oder d'Gewerbesteier ass kee Besteierungs-instrument fir Wirtschaftspolitik ze maachen. Wann dir mengt, dir kéint déi domat steieren, da steiert dir guer näischt. Dat ass et, wat ech wollt soen. Ech hat mech e bëssen anescht ausgedréckt. De Pierre Mellina huet dat elo méi prezis gesot. Dat spillt guer net fir d'Bäckeren an d'Metzleren. A wann dir de Leit dat dobaussen zielt, da gleewen d'Leit dat och. Awer dat ass eng Ligen, dat ass net wouer. Wat wouer ass, dat ass, datt dat bei grousse Strategië – ech hu jo gesot, wann d'Stad Lëtzebuerg den Taux ännert, dann houscht dat ganzt Land. A mir kënnen hei esou vill änneren ewéi mir wëllen, dat mécht iwwerhaapt näischt. A wa mir géifen änneren, da géife mir dat am Kader vum Sikor maachen. Dat ass de Syndikat vun de Kordallgemenge mat de Gemenge Käerjeng, Déifferdeng a Suessem. An da schwätze mir eis mat hinnen of. An de Rescht bréngt näischt. Wat dir do suggeréiert, dat ass an deem Sënn net koherent.

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 4 voix 'Non' (Piraten).**

## 3.5.

### Administration générale.

Pose et raccordement d'une cabine de transformation d'occasion dans l'enceinte du Centre sportif «Bim Diederich» à Pétange: vote du devis au montant total arrondi de 55.000,00 euros (TTC) et d'un crédit spécial de 55.000,00 euros – décision.

**Brecht Guy, Schäffen:**

Et ass effektiv esou, datt eisen Transformator an eisem Sportzenter Bim Diederich an esou engem schlechten Zoustand ass, datt mir eng Kéier eng béis Iwwerraschung kéinten erliewen. Dofir hu mir eis entscheet, fir en ze ersetzen. Mir hunn d'Chance, datt d'Gemeng Reckeng eis esou eng „cabine de transformation" – et ass zwar eng Occasioun – gratis zur Verfügung stellt. An d'Creos vu Lëtzebuerg huet eis dann och garantéiert, datt déi kompatibel ass zu den Ëmstänn am Moment. Mir kënnen och spéiderhin, wat e grousse Plus ass, eng Photovoltaikinstallatioun dorop setzen.

Den Devis vun der Kabinn beleeft sech op 55.000 € a mir musse fir déi Suen e Spezialkredit virgesinn, dee mir dann och op de Budget 2023 huelen. Déi Sue stinn eis zur Verfügung duerch Fongen, déi mir disponibel hunn, esou datt mir dat roueg kënne maachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

D'Iddi ass also déi, fir eis Struktur ze moderniséieren. Et ass eng Opportunitéit, déi mir direkt geholl hu fir Photovoltaik do ze maachen. Dat ass fir mech dee wichtegste Saz.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Mir begréissen et, datt mir do eng Recup maachen. Et ass jo och e ganz gudde Geste, déi d'Reckenger Gemeng fir eis mécht. Gratis ass nach méi flott. Ech hoffen, datt mir hinnen net iergendwann eppes dergéint ginn. Dat ass et, wou ech mir d'Fro stellen, well wann een haut eppes gratis gëtt. Wann se näischt wëllen, dann e ganz ganz grousse Merci un d'Gemeng. Wat mir ganz ganz gutt fannen, dat ass, datt mir duerno Photovoltaik-Panneauen dropsetze kënnen. Ma wat mir awer och fannen, dat ass, datt an deem Budget vu 55.000 € bal 20.000 € nëmme fir „Dégagement, terrassement, fondation..." virgesi sinn. Also ech fannen, dat sinn immens vill Sue fir nëmmen déi Kabinn do dropzesetzen. Mir fannen, datt dat eng grouss Zomm ass.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir hunn dat selwecht gesot am Schäfferot. Dat sinn d'Präisser haut. An elo hu mir nach d'Opportunitéit.

**Brecht Guy, Schäffen:**

Ech kann der Madamm Bouché nëmme Recht ginn. Dat si vill Suen. Et erféiert ee bei där Zomm. Awer wéi de Buergermeeschter gesot huet, dat sinn d'Präisser haut. Do kënne mir näischt änneren. Bon, mer hu schonn déi Chance, datt mer se gratis kréien. Eent hieft dat anert op, soss wier et eis nach vill méi deier ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.6.

### Administration générale.

Construction d'une nouvelle école et d'une nouvelle maison relais à Lamadelaine: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 19.400.000,00 euros (TTC) – décision.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Wéi de Buergermeeschter grad gesot huet, geet et bei dësem Punkt dorëm fir en adaptéierten Devis ze stëmmen an der Héicht vu 15.775.743 €. An et ass elo esou, datt mir zousätzlech e Kredit brauche fir ronn 3,5 Milliounen Euro. Déi Erhéijung, déi mir do brauchen, ass zum Deel z'erkläre well bei de Soumissiounen déi Präisser, déi mir am Fong matgedeelt kritt hunn, schonn 1.140.000 € (TTC) iwwer deem louche wat virgesi war. Dat ass deen Delai tëscht deem Moment, wou mir den Devis kritt a gestëmmt hunn an der Ausschreiwung vun den Aarbechten a wou schonn dobäikomm ass. An da kommen nach eng Kéier fir 1.655.000 € zousätzlech Aarbechten dobäi. Entweder waren dat Aarbechten, wou hu musse geännert gi well d'Situatioun sech anescht presentéiert huet ewéi dat geplangt war, respektiv sinn et Aarbechten, déi duerno zousätzlech hu musse gemaach ginn. An da spillt awer och en Effekt vu Verlängerung vun Delaien – ë.a. wéinst Garantien – an zousätzlech Käschte fir den Encadrement vum Schantjen eng Roll, well deen eng Zäitchen zou war wärend der Pandemie. Dat heescht dat sinn am Ganzen 1.655.000 €, déi dobäikommen. An dann hu mir och d'Honorairen, déi wéinst de Méikäschten eropginn. Dat sinn och nach eng Kéier 600.000 €. Esou datt mir do bei 3,5 Milliounen Euro leien, déi mir zousätzlech bräichte fir fäerdeg ze ginn.

Ech schécke just nach viraus, datt dat do déi aktuell Schätzunge sinn. Wat hei nach feelt, dat ass eng Donnée, déi mir als Gemeng nach net hunn. Dat sinn d'Erhéijunge vum Material. D'Entreprisen hunn déi nach net matgedeelt, well si se selwer nach net berechent hunn. Esou datt ech unhuelen, datt mir am Fréijoer nach eng Kéier mussen erëmkomme fir dann nach eventuell e Kredit nozestëmmen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci Här Martins fir déi detailléiert a gutt Erklärunge firwat dat méi deier gëtt. Gesitt dir, Madamm Bouché, do gesitt dir firwat dat esou deier ass fir déi Plaque ze leeën. Et ass schrecklech, a mir sinn net Meeschter.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Also ech hunn emol déi éischt Fro. Mir ware jo alleguer derbäi, wéi déi Schoul ageweit ginn ass. Do war jo nach net alles fäerdeg. Ech wollt froen, well dat jo och esou vill Sue kascht, ob mir dann elo esou wäit sinn, datt alles fäerdeg wier. Wann ee bausse ronderëm d'Schoul kuckt, da kommen do nach e puer Problemer, déi ee misst behiewen.

Och wann dat net mat deem am Gebai ze doen huet, d'Alentoure gehéieren och zum Gebai an d'Sécherheet vun de Kanner och. Ech fannen et net ganz gutt. Wéi mir hei ugefaangen hunn am neie Gemengerot, hu mir gesot kritt, mir sollte fair zesumme schaffen. Ech fannen, datt mir als Partei – dat ass meng Meenung, et ka jidderee maache wéi e wëllt – gesot kritt hunn, mir kéinten eis Doleancen eraginn oder mir kéinten am Service Bescheed soe wann eppes net klappt. Ech mengen, déi Partei huet jo elo eng Fro gestallt an och eng Äntwert kritt. Dann ass et net, eiser Usiicht no, fair wann ee Fotoe mécht a Remarke mécht. Ech mengen, mir solle fair zesummeschaffen an ech fannen et net gutt wann esou Remarken op engem Facebook-Site lafen. Si hunn net Onrecht vun der Sécherheet hir. Si hunn och eng Äntwert kritt, datt d'Luucht net méi soll a Betrib komme fir den Zebrasträifen an datt eng Zone 30 soll do sinn.

Awer bei enger Schoul soll een awer dofir suergen, datt d'Schüler sécher iwwer d'Strooss kommen. Wann een aktuell kuckt, do sinn 2 Citéen, déi do erauskommen – d'Grousswiss an d'Nicolas Thill. Wann se do erauskomme wëllen, dann huet ee keng Iwwersiicht. Besonnesch wann e Camion an der Strooss steet fir ze liwweren. Do misste mir eis eng Kéier Gedanke maache fir dat ze behiewen, well do sinn elo Parkplaze gemaach gi laanscht d'Strooss wou fréier keng waren. Dat heescht, deen Zebrasträife leeft elo op déi Parkplazen. A mir wësse jo och, datt d'Kanner sech och net grad un de Code de la Route halen. Dir hutt jo och geschriwwen, datt eis Pecherten dohinner géife goe fir ze kucken a fir dat ze behiewe wann d'Leit falsch stinn. Ech mengen, de Bauer op där aner Säit huet scho mussen eppes maache fir datt kee méi bei him am Haff parkt. Et ass schonn traureg genuch. Mir hunn dat Thema jo scho beschwat, datt d'Leit et net packe fir zu Fouss bis bei d'Schoul ze goen. Ech mengen, et wier gutt fir d'Kanner a fir d'Elteren. Mir missten dat Thema Sécherheet ronderëm d'Schoul kucken. Mir haten nach keng Verkéierskommissioun, well soss hätt ech et do matgeholl. Awer ech wier frou, wa mir esou Themen do kéinte beschwätzen, well mir setze jo all hei zesummen an all Partei ass an der Verkéierskommissioun mat agebonnen. Da kéinte mir och an deem Service Bescheed soe wa mir e Problem hunn. Wéi gesot, ech fannen et net ganz fair, wann dat iwwer Facebook gemaach gëtt.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ech ka mech just dozou ralliéieren.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Ech mengen, ech hunn am Ufank net direkt verstanen, ëm wat et géif goen. De Sekretär huet mech drop opmierksam gemaach, datt op Facebook e Post zirkuléiert ass, deen ech zwar gesinn, deen ech awer net direkt heimat assimiléiert hu well mir déi Suen hei brauche fir de Bau. Dat anert geet éischter ëm de Verkéier. Et ass awer déi Situatioun, déi dir mengt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt just eng Kéier drop hiweisen – ech hu jo kengem Virschrëften ze maache wat ee wëll wou maachen oder wien et seet – awer de Buergermeeschter, den Här Halsdorf, hat am Virfeld als neie Gemengerot gesot huet, mir solle fair zesummeschaffen. Mir hu jo dofir Kommissioune gegrënnt fir datt ee kann seng Doleance virdroen. Mir kennen alleguer d'Telefonsnummer vum Service an et wier méi flott, wa mir dat géifen esou maachen. Awer ech weess, datt all Partei säi Wee wëll goe fir sech hei breet ze trëppelen. Ma ech fannen et net ganz fair an ech géif et méi schéi fanne wa mir anescht géife fonctionéieren.

Also et war esou geduecht, datt ech d'Sécherheet wichteg fannen, well et gehéiert zum Gebai. Mir musse jo och ronderëm investéiere wann et mam Gebai ze dinn huet.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Absolut. Dir hutt och vun den Alentoure geschwat. Do ass och nach deen een oder anere Problem. Nämlech um Niveau vun der Spillplaz, wou de „sol coulé“ nach e bësse muss gefléckt ginn an nach Klengegkeeten, déi effektiv musse gekuckt ginn. Ma déi Problemer wäerten och deemnächst behuewe ginn.

Zu där aner Situatioun, déi dir ugeschwat hutt, d'Alentouren, do si mir effektiv am gaangen ze kucke fir net just bei där Schoul, ma bei all eise Schoulen, eng gewësse Berouegung hinzekréien. Mir sinn do nach um Ausschaffe vun engem Konzept, esou datt et net onbedéngt op déi Fro hin ass, datt mir eis déi Gedanke gemaach hunn. Déi Gedanke lafe schonn e bësse méi laang, awer mir hunn nach keng Léisung, déi mir iech hei virschloe kënnen. Dofir ass do nach näischt an deem Sënn komm.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat eenzegt, wat ee ka soen, dat ass, datt mer scho festgehalen hunn, datt et soll eng Zone 30 ginn. Dat kënnt ganz sécher. Déi Entscheedung hu mir am Schäfferot geholl, dat war schonn déi Majoritéit virdru mam Pierre Mellina, wou mir dee Gedanke gefouert hunn. Awer dee kann een eréischt féiere wann och d'Konditioune gi sinn. A wann dee Schantje fäerdeg ass, da kann een dat maachen. Du kanns net Saachen ëmsetze wann d'Konditiounen net deementspriechend sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass ronderëm schonn Zone 30.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Awer nach net bis uewenhin.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dach. Et ass Rietsvirfaart. Den Här Brecht hat iech, wou hien nach am Gemengerot war, gesot, datt dat Schëld, déi Rietsvirfaart soll erneiert ginn.

**Welter Christian (Piraten):**

Mir wollten och soen, datt d'Schoul ganz schéi ginn ass. Mir hunn se jo och matgestëmmt a kruten och eng ganz zefridde Resonanz vun de Bierger. Mir kruten och nach e puer Doleancë matgedeelt. Am Ufank war z.B. näischt do op den Toilette fir den Toilettëpabeier opzehänken. D'Waasser virum Gebai leeft net richteg of, an dat misst vläicht nach virum Wanter gekläert gi well dat gëtt eng zimmlech Äispist virum Gebai. D'Brandschutzdire fonctionéieren anscheinend net ewéi se sollen. An och de Verkéierschaos wollt ech nach eng Kéier uschwätzen. Do wollt ech just froen, wéi wäit äert ugesprachent Konzept ass a wat do är Haaptprioritéite wäerte sinn. Där hutt elo gesot, datt dat nach net esou wäit ass. Déi Fro krut ech jo elo beäntwert, awer ech wollt et just nach eng Kéier uschwätzen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir huelen déi Froen do mat. Ech mengen, haut kënne mir déi net beäntwerten. Ech hu keng Kenntnis dovunner, ma et weess ee jo net alles. Mir kucken dat do an da gesi mer eis eng Kéier méi spéit a soen iech, wat gelaf ass.

Dat do war konstruktiv wann ee Saache seet, déi net gutt sinn. Da kucke mir dat, ob dat och esou ass, an da soe mir iech dat.

**Bernard Chris (Piraten):**

Effektiv, den Här Dias huet dat schéin erkläert an och op de Punkt bruecht, datt haaptsächlech d'Honorairë vun dem Architekt zimmlech héich sinn. An eng hallef Millioun, dat ass scho vill wann dat derbäi kënnt. Do misst een an Zukunft kucken, ob een esou en héije Montant net kéint vermeiden. Hei steet jo, datt et u sech vun 1,4 Milliounen Euro op 1,9 Milliounen Euro eropgaangen an den Honorairen. Do misst een eng Kéier higoen a froen, ob d'Honorairë bei engem Supplement esou héich musse sinn, respektiv wann elo e Knäppche geännert gëtt, kritt den Architekt dann nach eppes derbäi?

**Martins Dias André, Schäffen:**

Ech sinn absolut ärer Meenung. Wann een dat lescht Joer oder déi lescht Joren e bësse gelauschtert huet, dann ass dat e Punkt, dee mir wéigedoen huet a wou ech och ëmmer bemängelt hunn. Et ass nun emol esou, datt déi Konventioune mat den Architektebüroen de Reegele vum „Ordre des architectes et ingénieurs conseillers“ ënnerleien. An déi Kontrakter sinn esou gebonnen. Et muss ee kucken, mat der aktueller Situatioun um Maart, ob een do net vläicht verschidde Konditiounen ausgehandelt kritt an ee seet, datt ee vu vir era mat enger gewëssener Zomm erageet a wat net virgesinn ass, dat muss een duerno verhandelen oder net. Déi aktuell Situatioun um Maart gëtt vläicht e gewëssene Sputt hir fir dat ze verhandelen. Awer zu deem Zäitpunkt, wou dës Aarbechten an Optrag gi sinn, do konnt een net all zevill maachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ech ka bäifügen, datt et haut Gesellschafte gëtt – dat ass et fréier net ginn – déi schloen dat vir. Si soen, mir bauen iech eng Schoul fir 25 Milliounen – suggestion en bloc - an da bauen si iech déi an da gëtt se och net méi deier. Dat heescht, wann et da méi deier gëtt, da ginn déi Tauxen net an d'Luucht. De Problem hei ass jo wann alles an d'Luucht geet, an hei hu mir eng Héicht vu 5 Milliounen Euro. Da verstitt dir jo, wou déi Suen hierkommen.

**Agostino Barbara (DP):**

Ech wollt eigentlech e bëssen dat Selwecht soen. Fir d'Zukunft musse mir eis awer op déi Devisen aschränken, well soss brauche mer keng Devise méi ze maachen. Natierlech hu mir hei e Stararchitekt geholl mat Bruck + Weckerle, déi bekannt si fir Schoulen ze bauen. Si hunn an der Stad Lëtzebuerg e puer Schoule gebaut an och de Provisoire vum Kolléisch. Musse mir dann esou Architekten huelen an der Gemeng Péiteng? Ass dat alles néideg?

An dat anert: kënne mir net méi eis eegen Architekte mat an esou Projeten abannen, esou datt mir do vläicht an deem Kontext d'Käschte vun den Architekten erofdrécken?

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Wat deen éischte Punkt ugeet, do wollt ech iech soen, datt mir deen net geholl hunn. Mir hunn eng Ausschreiwung gemaach mat puer Stéck an deen doten ass zeréckbehale gi vun deem Kommitee. De Pierre Mellina war Member an deem Kommitee an hie ka spéiderhin eppes dozou soen.

**Agostino Barbara (DP):**

Dat zweet ass: déi Schoul ass jo opgaangen an do ware sämtlech Saachen nach net fäerdeg. Do ka jo keen dat bestreiden. Ma eng Schoul, déi opgeet, muss an hirer Globalitéit gekuckt ginn. A wann d'Alentouren net fäerdeg sinn, esou gehéiert dat och zur Sécherheet a mir mussen als Gemeng kucke fir déi Sécherheet ze garantéieren. Esouwuel fir d'Elteren, déi d'Kanner siche kommen, ewéi och fir d'Schüler an d'Léierpersonal. D.h. do musse mir wierklech kucken, datt déi Alentoure schnellstens fäerdeg gemaach ginn.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Zum Thema Sécherheet kann ee soen, datt déi Schoul a Betrib gaangen ass nodeems d'Abnahme gemaach goufen. An déi Abnahmen, déi si virgeschriwwen. A mir haten eng

ganz Rei Remarken e Mount ier déi Schoul a Maison relais opgaange sinn. Do ass mat Héichdrock geschafft gi fir datt déi Remarken esou wäit ewéi méiglech zefriddegestallt konnte ginn. Déi lescht puer Remarken, déi iwweregbliwwe sinn, do war nach e gewëssenen Delai do fir déi z'erneieren. An deenen Delaie wäert dat och geschéien, esou datt mir do konform zu deem si wat d'Gesetz hei virschreift.

**Agostino Barbara (DP):**

Dat heescht, mir hunn e Rapport ouni Remarken? An dat an der Sécherheet vun der Noutbeliichtung, Sécherheet, Paratonnerre. Hu mir do e Rapport ouni Remarken?

**Martins Dias André, Schäffen:**

Den Dag, wou déi Schoul opgaangen ass, waren déi Remarken op alle Fall eliminéiert. Déi spezifesch Punkten, déi dir elo opgezielt hutt, waren eliminéiert.

**Agostino Barbara (DP):**

Also ouni Remarken?

**Martins Dias André, Schäffen:**

Neen, de Rapport war net ouni Remarken. Awer zu deene Punkten, déi dir gesot hutt, do waren se eraus.

**Agostino Barbara (DP):**

Dann hunn ech eppes anescht gesinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Et sinn e puer Remarke gemaach ginn.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Awer net Paratonnerre, Noutbeliichtung.

**Agostino Barbara (DP):**

„Sécurité générale".

**Martins Dias André, Schäffen:**

Mir kënnen dee Rapport eng Kéier nokucken. Am August hate mir e Rapport, wou eng ganz Rei Remarken dra waren. Ech mengen, dir wësst et och, datt mir eis et net kënnen erlabe fir de Leit ze soen, datt d'Maison relais an d'Schoul zou bleiwen. D.h. et ass mat Héichdrock geschafft gi fir datt dat bis dohinner fort war. An déi eenzeg Remarken, déi bliwwe sinn, dat sinn der wou een 3 Méint Zäit huet fir se an d'Rei ze setzen. An déi betreffen net déi Punkten, déi dir elo opgezielt hutt.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir hunn och drop gehalen, dat kann ech och nach soen – well ech hunn dat aus der zweeter Rei matgemaach –, fir all d'Autorisatiounen ze kréie fir datt mir kéinten opmaachen. Ech ginn zou, datt et net 100% war, awer ganz dacks – wëll ech och soen – ginn Institutiounen op, obwuel nach Aarbechten, Klengegkeeten ze maache sinn. Mir sinn awer esou verantwortungsbewosst Politiker, datt mir net d'Schoulen opmaachen an dann duerno eppes geschitt. Dofir kann ech mech nëmmen dem Här Martins uschléisse wat hie gesot huet.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Ech wëll nach just kuerz eppes zu deem héije Supplement, deen nach komm ass, soen. Am Bau hu mir ganz vill Holz bannendra verschafft, wat jo och speziell op d'Pedagogik vun de Kanner entwéckelt ginn, an dat hat och säi Präis. A wärend mir am Bau waren, ass de Präis nach eng Kéier esou vill Prozent an d'Luucht gaangen. Déi Leit, déi deemools mat mir am Schäfferot waren, déi wëssen dat ganz genee, datt mir do souzen an den Ingenieur an d'Techniker op der Plaz waren an déi eis dat nach eng Kéier erkläert hunn. Wat och nach eng Kéier dobäikoum, dat sinn d'Reseaue ronderëm, déi nei respektiv anescht hu musse geluecht ginn. Deen Deel, wou elo de Précoce dran ass an dee stoe bliwwen ass, huet och mussen ugepasst ginn. D'Reseauen hunn och do mussen alleguer nei gemaach ginn, wat primär net virgesi war. Natierlech koumen do och nach déi héich Prozenter nom Covid derbäi. Mir hate Retard duerch de Covid kritt. De Bau war esou laang zou, do huet e guer net fonctionéiert. An do si mir mat den Haussë konfrontéiert ginn. Mir hunn awer gesot, datt mir esou wäit am Bau fortgeschratt sinn an et schliisslech eppes fir d'Kanner ass, wat de Kanner eppes soll bréngen, well déi Kanner, déi do eraginn, déi kréien do eng Educatioun, an da musse mir eis als Gemeng bewosst sinn, datt mir eng gewëssen Zomm mussen op den Dësch leeën. Mir hunn dat deemools entscheet an dunn hu mir dat och esou gemaach.

Wann ech och elo nach op déi sougenannte Problemer higinn, déi mat der Sécherheet ze doen hunn, dann hate mir jo do scho gesot, datt mir e speziellt Sécherheetskonzept fir ronderëm eis Schoule wëllen ausschaffen. Ech wëll awer elo dat heite soen. An der Lamadelainer Schoul sinn am Moment net méi Kanner dran ewéi virdrun. Also déi Sécherheet ëm d'Schoul war d'lescht Joer genee esou ewéi se dëst Joer ass. Wat dobäikomm ass, dat ass déi grouss Maison relais. Déi ass moies um 7 Auer schonn op. Moies um 7 Auer kënnen d'Leit d'Kanner bréngen, esou datt do fir déi Leit, déi hir Kanner wëllen heihinner bréngen, net dat grousst Opkommes vu Verkéier ass ewéi dat normalerweis ass, wann een um 8 Auer 500 Kanner an d'Schoul bréngt. Also, dofir kann ee soen, datt et drëpsweis geet. Déi eng kommen um 7 Auer, déi aner um 7.15 Auer. A fir 8 Auer ginn d'Kanner vun den Educatricen iwwer e Fousswee eriwwer an d'Schoul bruecht. Ech mengen, do musse mir dat relativéieren. Jo, et ass gréissere Verkéier ëm d'Schoul. No 4 Auer, wann d'Leit d'Kanner siche kommen oder um 5 Auer an der Maison relais, da kommen emol déi eng oder déi aner, déi ginn op de Kiss&Go, op de Parking, huelen hir Kanner a gi fort. Awer datt do e grousst Gewulls wier, wéi dat heiansdo gesot gëtt, an datt do esou eng grouss Gefor duerch dat neit Gebai wier, dat muss een awer emol dohinnerstellen, dat musse mir relativéieren a kucken. Ech ka mir ganz gutt denken, datt méi Leit dohinner fueren. Ok. D'Maison relais ass méi grouss ginn, awer dat zitt sech iwwer Stonnen dohin. Et ass elo net, datt um 4 Auer ongeféier 500 Leit do stinn, déi hir Kanner ewechhuelen, mir hunn der just 275 an der Schoul. Ech mengen, do musse mir e wéineg drun denken. A well mir d'Maison relais jo elo do hunn, do ginn d'Kanner och souwisou net alleguer um 4 Auer Heem. Déi ginn och eriwwer an d'Maison relais a ginn duerno no an no ofgeholl.

Mir sinn eis bewosst, datt mir d'Sécherheet ronderëm d'Schoule wëlle vergréisseren an datt mir jo och ganz gären hunn, datt eis Kanner sécher an d'Schoul kommen an och ofgeholl ginn. Awer ech géif awer elo net esou e Risefall draus maachen. Well dat géif ech elo emol déi Méint, déi elo kommen, analyséieren an dann, wéi gesot, dat Sécherheetskonzept komplett ausschwätzen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat ass richteg, wat dir sot. Mir kënnen eis deem nëmmen uschléissen. Effektiv, déi Leit kommen net all beieneen. Iwwer Stonne geschitt dat. Dofir mengen ech, datt d'Konzept besser ass ewéi virdrun. Wann een dat elo thematiséiert, da muss een dat och mam richtege Brëll kucken a wëssen, wat ass a wat ass net.

**Mellina Pierre (CSV):**

D'Thema ass de Supplement vun de Käschten, wat mir haut gewise kréien. Mir waren deem bewosst an ech mengen, mir haten dat am Dezember gesot, datt mir eis géifen eng Reserve

gi fir dee Supplement ze fixéieren. Deemools hate mer scho mat 2 Millioune gerechent, elo si mir bei 3,5 Millionen Euro, wat awer fir mech nach vertrietbar ass. Wat fir mech absolut net vertrietbar ass –an dat beweist, datt een sech net op esou Bureaue ka verloossen an et ass och vläicht dofir, firwat ech bei der Inauguratioun e bëssen aus der Këscht gespronge sinn – datt mir haut nach net wësse wat et kascht. Dat ass fir mech net méi akzeptabel, an dat wonnert mech bei deem Bureau net. Dat wollt ech just hei gesot hunn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir huelen als Schäfferotsmember Kenntnis vun där doter Remark a vun där ganzer Situatioun. Mir mussen d'Boot elo an de Schapp kréien, an dat si mir amgaangen ze maachen. Dat Ganzt fonctionéiert. Et kascht méi an dofir ginn et vill Grënn.

**Barnabo Nicolo (LSAP):**

Ech schléisse mech deem un, wat den Här Mellina gesot huet, well ech sinn ëmmer e bëssen erféiert, wa mir all Kéier Supplemente musse bäistëmmen. Mir hunn dat praktesch all Gemengerot wou esou Saache kommen. Um Depart hu mir Devisen, a mir musse wierklech versichen eppes ze maachen, datt mir an de Käschte bleiwen, well et ass effektiv enorm wat do u Supplemente kommen. Ech weess, et sinn elo elauter Punkten, déi hei opgezielt goufen – Covid, Sécherheet – an ech si mat allem averstanen. Awer ech fannen déi Zomme sinn einfach enorm a mir musse wierklech versichen eng Léisung ze fanne fir dat a Grenzen ze halen.

Mir hunn en Devis, mir ginn dovunner aus, datt et 10 bis 15% méi gëtt, Ok, domat kënne mer nach liewen. Awer alles wat driwwer geet, do musse mir Stop soen. Et si vill Leit, déi sech Sue maachen domat. Ok, dat ass hiren Job, awer ech menge mir mussen do wierklech eng Léisung fanne fir dat net z'iwwerschreiden. Mir haten dat jo och an eisem Walprogramm, datt mir dat e bëssen ënner Kontroll mussen halen. An ech wier frou, datt wa mir esou Devise kréien, mir och eng Léisung fanne fir wierklech net all Kéier vill Saachen nozestëmmen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

De Prinzip vum adaptéierten Devis ass u sech näischt Schlechtes. En ass vertrietbar wann en a Moossen ass. Awer et dierf net d'Reegel ginn, et soll d'Ausnam sinn.

**Agostino Barbara (DP):**

Ech wollt just zu deem eppes soen, wat d'Madamm Conter gesot huet. Wéi gesot, de geschate Käschtepunkt ass 19,4 Milliounen Euro. An da steet awer ganz kleng ënnen an de Remarken „La présente estimation ne tient pas compte des coûts du premier équipement et mobilier“. D.h. dat ass emol guer net do dran. Ass dat richteg?

**Martins Dias André, Schäffen:**

Dat war oder ass e Budgetsartikel à part gewiescht, deen näischt mam Bau ze dinn huet.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat ass ëmmer esou.

**Agostino Barbara (DP):**

D.h. mir si bei 19,4 Milliounen Euro – ech soen elo – d'Bauten en gros, déi technesch Installatiounen an d'Sanitäranlagen. Ass dat richteg?

**Martins Dias André, Schäffen:**

Dat ass Brutto. Dovunner ginn awer och nach d'Subsiden of, déi mir vum Familljeministère a vum Educatiounsministère kréien.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Da kënne mir dee Punkt ofschléissen an zum Vott kommen. D.h. déi zwee Punkten am Fong geholl, well mir déi zwee mateneen diskutéiert hunn.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Ech denke wa mir eis bei deem heite Punkt eens sinn, dann si mir eis och eens, datt mir déi Suen och mussen drasetzen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Well et ass jo ee Ganzt, och wa mir se eenzel opgezielt hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.7.

### Administration générale.

Construction d'une nouvelle école et d'une nouvelle maison relais à Lamadelaine: vote d'un crédit supplémentaire de 3.453.313,86 euros – décision.

*Explications par M. André Martins Dias, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 3.8.

### Administration générale.

Travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue Adolphe à Pétange: vote du décompte définitif – décision.

*Explications par M. Guy Brecht, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *1.648.798,69 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *1.600.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense effective:* | *1.634.858,46 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 4.1.

### Affaires sociales.

Organisation des après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» pour l'année 2024 – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Fir d'Organisatioun vun der Vakanzaktioun 2024, déi vum 22. Juli bis den 2. August stattfanne wäert, musse mir méi oder manner 90 Moniteuren, déi op d'mannst 17 Joer al musse sinn, engagéieren. Mir bidden deenen alleguer eng Formatioun un, déi de Brevet A nach net hunn. Mir fixéieren och de Stonnentaux vun de Studenten. Déi mam Brevet A kréien 1,30 € Index 100. Déi aner kréien déi Zomm, déi gesetzlech fir d'Studente festgesat ginn ass.

Folgend Detailer kann ech nach zousätzlech ginn: d'Vakanzaktioun gëtt ëmmer komplett vun der Gemeng finanzéiert. Dee Budget ass net an der Konventioun fir d'Maison relaise mam Ministère virgesi well dat eng Offer ass fir alleguer d'Kanner aus der Gemeng. Och wann se net an der Maison relais ugemellt sinn. Wärend deenen zwou Woche sinn eis Maisons relaisen dann och mëttes tëscht 2 a 6 Auer zou. D.h. déi Mëtteger ginn och keng Stonnen an der Maison relais facturéiert.

Wat d'Aschreiwungen ugeet, do hate mir ëm 700 Kanner op eis 3 Uertschaften opgedeelt. Nom Covid waren d'Zuelen e bëssen erofgaangen, awer am Joer 2023 waren nees 657

Kanner ugemellt. Dat waren 308 Kanner zu Péiteng 308, 215 zu Rodange an 134 zu Rolleng.

Wat d'Aktivitéiten uginn, esou hunn d'Zyklen all en individuelle Programm, deen hinnen ugebuede gëtt. D.h. et sinn 8 verschidden Aktivitéitspläng. All Joer ginn eis Veräiner och ugeschriwwen, ob si de Kanner wëllen en Atelier ubidden. Hei sinn och quasi ëmmer déiselwecht Veräiner, déi sech mellen. All Zyklus huet normalerweis 2 Ausflich. Ee méi klengen, ewéi Fun City, de Bowling, de Vitarium, an ee méi groussen, ewéi de Walligator oder de Beetebuerger Park respektiv den Eifel Park. Just den Zyklus 4.2. huet keen Ausfluch, well si 3 Deeg an d'Kolonie fueren. Den Zyklus 4.2. aus deenen 3 Uertschafte ginn zesummen, esou datt déi Kanner, déi scho Frëndschafte wärend de Schnéiklasse geschloss hunn, nach eemol e flotten Ofschloss hunn.

Wat den Encadrement vun de Kanner ugeet. D'Kanner am Zyklus 1.1 an 1.2 gi pro 6 Kanner vun engem Animateur encadréiert. Well awer keen Animateur soll eleng schaffen, maache mir ëmmer pro Grupp 2 Animateure mat 12 Kanner.

D'Kanner an den Zyklen 2.1 bis 4.2 gi pro 10 Kanner vun engem Animateur encadréiert. Och hei sinn ëmmer 2 Animateure pro Grupp – also 20 Kanner – oder 3 Animateure mat 30 Kanner.

Eis Animateure ginn am Moment vu 4 Chef-Moniteuren encadréiert a begleet. 1 zu Rolleng, 1 zu Rodange an 2 zu Péiteng. Ech géif hei de Gemengerot bieden, dëst esou unzehuelen.

**Welter Christian (Piraten):**

Mir wäerten dat matstëmmen a sinn och immens Fans vun der Vakanzaktioun. Do wollt ech just bei deem gréisseren Ausfluch, deen dir ugeschwat hutt, froen, datt mir wéinst dem Déiereschutz – sollt een dat froe fir an den Zoo op Amnéville ze goen – dat net maachen. Et gi genuch aner Méiglechkeete fir mat de Kanner en Ausfluch ze maachen ewéi se bei Déieren ze féieren, déi do zur Show gestallt ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir huele Kenntnis vun där Remark. Wa mir all duerch sinn, da kann d'Madamm Agostino äntweren.

**Bernard Chris (Piraten):**

Ech wëll allgemeng eis Vakanzaktioun luewen. D'Vakanzaktioun gëtt deene Jugendlechen extrem Méiglechkeeten. Net nëmme well si hei hir Täsche kënne fëlle mat Täschegeld, awer och well si sech op der Uni kënnen aschreiwen. Well mëttlerweil huet d'Uni Lëtzebuerg d'Critèren esou definéiert datt, wann se wëlle léieren, da mussen se virweisen, datt se mat Kanner geschafft hunn. Deementspriechend mécht Péiteng do e ganz gudde Geste andeems se d'Moniteure respektiv déi Jugendlech ophuelen an hinnen d'Méiglechkeet gëtt fir als Schoulmeeschter oder Educateur schaffen ze goen. Ech fannen dat super, äert Argument.

**Agostino Barbara (DP):**

Här Welter, si mussen net an den Zoo op Amnéville goen, awer si kënnen eng Aktivitéit maachen andeems se an d'Gaasperecher Déierenasyl ginn a mat den Déiere spadséiere ginn. Dat ass da vläicht eng flott Alternativ.

Op där aner Säit, déi Formatioun, déi hei ugebuede gëtt, ass eng Standardformatioun. Kënne mir vläicht och als Gemeng Péiteng fir déi Educateuren a Moniteuren eng Eischt-Hëllef-Formatioun virgesinn? Also fir déi Animateuren an Educateuren, déi do an der Vakanzaktioun sinn. Dat well eng grouss Unzuel u Kanner um Site wäerte sinn.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

D'Educateuren, déi matmaachen, déi hu souwisou dee Brevet. Gewësse Studenten, déi och schonn iwwer 18 Joer hunn an a verschiddenen Institutioune sinn, déi hunn déi och. Et ass natierlech net speziell gefrot, awer mir hunn ëmmer ganz vill Begleedung, well d'Maisons relaisen nomëttes zou sinn, esou datt einfach Educateuren aus der Maison relais matmaachen. A wéi gesot, déi hunn de Brevet.

**Agostino Barbara (DP):**

Also d'Educateuren zu Lëtzebuerg – well ech jo déi Formatioun selwer gemaach hunn – déi hunn net d'Formatioun an der Éischter Hëllef. Dat ass net an hirem Diplom mat derbäi.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Neierdéngs schonn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Also mir mussen ophalen. Et kann net jiddereen sech d'Wuert huelen. Wann een draschwätzt, da kritt en d'Wuert vum President geholl. Soss si mir duerno e Poterclub. D'Madamm Conter huet elo eppes gesot. D'Madamm Agostino Barbara an duerno d'Madamm Agostino Maria.

**Agostino Barbara (DP):**

Mir geet et drëm, datt mir Leit hunn, déi déi Éischt-Hëllef-Formatioun hunn. Et geet net drëm, datt all Moniteur se huet, awer datt an deene verschidde Gruppen eng Éischt-Hëllef-Formatioun do ass.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ok, mir hunn dee Message kritt.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Also fir der Madamm Agostino do ze äntwere mat der Formatioun an der Éischter Hëllef. Ech weess, datt net all Educateur se huet, dat ass richteg. Awer et sinn der, déi di Formatioun hunn, well se musse jo och esouvill Stonne maachen. An do war ech net méi spéit ewéi dee leschte Freideg bei hinnen. An do hate mir effektiv rieds dovunner, datt dat am Kader vun hirer „formation continue" erageholl gëtt. Et ass awer richteg, datt am Moment nach net jiddereen déi Formatioun huet.

Dat mam Déierenasyl ass, esou wäit ech weess, nach net gemaach ginn. Ech kann dat awer als Iddi proposéieren an et un deen zoustännegen Service weiderginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt just vum Déierenasyl soen, datt et eng gutt Iddi ass. De Problem ass awer: et dierfe keng Kanner ënner 18 Joer mat engem Hond trëppele goen. Et muss eng Begleetpersoun dobäi sinn. Ech mengen, wann elo de Moniteur dobäi ass an en huet 10 Kanner dobäi fir mat engem Hond trëppelen ze goen, dat gëtt näischt. Dat ass eng Sécherheet, déi si vum Déierenasyl virschreiwen. Et ass eng gutt Saach, awer ech mengen, dat gëtt näischt.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Also mir kucken a bleiwe beim Thema, well soss op eng Kéier si mer op der Juegd an ech weess net, wou nach. Haut ass effektiv eng grouss Diskussiounskultur heibannen an et geet vun Hëppches op Haapches. Ech hätt am léifsten, mir géife beim Thema bleiwen. Ech wëll kengem ze no trieden, awer et wier net schlecht.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

**Affaires sociales.**

Arrêt provisoire du compte de l'exercice 2021 de l'Office social – décision.

*Explications par M. Guy Brecht, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.3.

**Affaires sociales.**

Arrêt provisoire du compte de l'exercice 2022 de l'Office social – décision.

*Explications par M. Guy Brecht, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

**Propriétés.**

Convention d'occupation temporaire et de réalisation de travaux concernant l'immeuble à usage mixte sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», avec le Fonds du Logement – décision.

*Explications par M. André Martins Dias, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Romains», de la part de la copropriété de la résidence «Rue des Romains» – décision.

*Explications par M. André Martins Dias, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.3.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch» de la part de M. Illya Kurek et Mme Paula Figueiredo Ferreira – décision.

*Explications par M. André Martins Dias, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

**Sylviculture.**

Plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2024: approbation des devis – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Dat hei ass en alljärlechen Exercice an et geet ëm de „plan de gestion annuel". Dat sinn all d'Aarbechten, déi an eise Bëscher vun 131 Hektar gemaach ginn. Dat ënner der Leedung vum Christian Berg, eisem Fierschter, a mat der Bemierkung, datt mir dës Aarbechten ënner dem Label FSC (Forest Stewardship Council) ënnerhuelen. Den Devis vun 179.100 €, dee mir virgeluecht kréien, ass a verschidde Punkten ënnerdeelt.

D'„Gestion durable des forêts", dat sinn haaptsächlech d'Paie vun de Bëschaarbechter fir reng den Ënnerhalt vun eise Bëscher. D'Coupen, dat sinn d'Fällungsaarbechten. Mir begrenzen d'Fällungsaarbechten op 40 Kouerte fir d'Awunner vun eiser Gemeng, an dëst fir d'Holzfällen ze limitéieren. Mir schaffen deelweis mat Bëschfirmen, z.B. wa mir d'Holz erausshuelen. Do fuere mir mat Ardennerpäerd fir ökologesch an de Bëscher ze schaffen an de Buedem net onnéideg duerch den Asaz vu schwéierem Material ze verdichten. Dës Aarbechte mat den Ardennerpäerd verbanne mir och mam Ëmweltdiplom, wou d'Kanner kucke kommen. En Deel vun eise Bëschweeër ginn och mat den Ardennerpäerd zesumme mam „Service forestier" geméint.

Dann hu mir och spezialiséiert Firme wa mir ural Beem hunn, déi solle restauréiert an domat erhale ginn. Hei gëtt dat doudegt Holz ewechgebotzt.

Naturschutzaarbechte sinn z.B. den Ënnerhalt un de Réckhaltebecken an der Cité Jenken, um Hierschtbierg beim Dëmpel oder och nach eis ganz flott Bichebëscher am Beräich vum Scoutschalet zu Péiteng an um Tëtelbierg.

Sensibilisatioun, dat sinn z.B. pedagogesch Aktivitéiten, den Ëmweltdiplom oder de Seniorendag um Rouden Haff.

Logistik, dat ass den Ënnerhalt vun eise Gefierer. Hei ass virgesinn, e Kubota ze kafen. Ech hu mir soe gelooss, datt dat e 4X4-Gefier ass, e bëssen esou ewéi e Golf Cart. Dee gëtt agesat fir den Ënnerhalt vun de klengen Trëppelweeër ewéi de Sentier des poètes bei der Hall Paul Wurth oder de Joggingsparcours um Tëtelbierg. Wat nei virgesinn ass, dat ass fir en „Tiny"-Bësch unzeplanzen. Dat kéint een z.B. op der Gemengewiss an der Strooss op de Gehren hannerem Kierfecht zu Rolleng maachen.

Da kommen ech och nach op e wichtege Problem an eise Bëscher ze schwätzen, an dat ass mam Klimawandel ze verbannen. Mir hu vill al Bichen, déi di laang Dréchent net verdroen. Wann ee beim Péitenger Hondsterrain an de Bësch eroptrëppelt, da gesäit ee lénks verdréchent Bichen. Do kënnt déi nächst Jore vill méi Aarbecht op de Service forestier vun der Gemeng Péiteng zou. Méi ewéi an der Vergaangenheet mussen d'Bëscher kontrolléiert a gebotzt gi fir d'Sécherheet vun eise Matbierger ze garantéieren. Alles an allem hu mir en Devis fir 2024 virun eis leien iwwer 179.100 €, déi mir an eis Bëscher investéieren. Mat enger Recette vun 19.440 € hätte mir hei en Defizit vun 159.660 € fir an eise Budget. Ech géif de Gemengerot bieden, dëst esou guttzeheeschen.

**Arendt Patrick (CSV):**

Ech kommen hei zur „Protection de la nature en milieu forestier", an do huet d'Schäffin elo grad vun der Sensibiliséierung geschwat. Ech begréissen dat a wollt do e bëssen ureegen. Do ginn et nach aner Saachen, an do wollt ech zwee Punkten uschwätzen. Deen éischte Punkt ass deen: mir haten emol an der Zäit, datt bei dësem Punkt de Fierschter present war fir och op déi méi déifgräifend Froe kéint äntweren. Dat wier net schlecht, wann dat déi nächste Kéier nees de Fall wier.

A da ware mir och schonn e puer Mol an de Bësch, wou mir als Gemengerot hei en Datum festgehalen hunn a konkret op der Plaz ee vun deene Projete konnte kucke goen a Froe stellen. Hei ass et wichteg ze wësse wa mir vun der Sensibiliséierung schwätzen, da muss een och wëssen, datt mir, duerch de Klimawandel bedéngt, Problemer kréie mat Neobiota an Neophyten. Wat ass dat? Dat sinn uertsfriem Déieren a Planzen, déi sech amgaange sinn hei unzesidelen. Ech stellen der just 4 vir. Déi maachen eis ganz vill Problemer.

Dat éischt ass de Wäschbier. Wann der gesinn hutt, dee leschte Projet – de Fauna-Projet - vun der Ëmwelt-kommissioun vun der leschter Mandatsperiod, do ass deen och mengen ech mat drop gewiescht. Deen hate mir och gesinn an eise Bëscher. Dee mécht z.B. e ganz grousse Problem um Tëtelbierg, well deen ass hannen. De Fierschter a seng ganz Equipe huet do e ganzen Hang fräi geschloe fir den Uhu zeréckzekréien. Mir kréien deen awer net zeréck, well mir de Wäschbier hunn.

Den zweete Problem, dat hunn ech eréischt virgëschter gesinn, dat assdéi asiatesch Runn, déi amgaangen ass sech extrem ze verbreeden. Do ass elo zuRëmeleng e ganz grousst Nascht fonnt ginn. Wat mécht déi? Déi huet e ganzgrousse Problemfaktor, well déi ass vill méi aggressiv ewéi déi europäesch Runn.Déi gräifen zesummen un. Bei där Déierenaart hunn d'Mënschen och effektiv emole Problem, well déi gräifen als Schwarm d'Mënschen un.

Dann ass déi drëtt Saach, dat wësst dir bestëmmt och schonn, dat ass de Buchsbaumzünsler. Deen ass och net ohne, well deen ass amgaang, dee ganze Pällem futti ze maachen. Ech hu selwer Pällem doheem am Gaart an ech hunn dauernd dee Buchsbaumzünsler bei mir. Dat ass e grousse Problem, déi kommen all aus dem Süden erop, an dat ass alles klimabedingt.

An dann natierlech de Prozessiounsspinner, dee ganz geféierlech ass bei Allergien. Net nëmme bei eis ma och bei Hënn, wat och e grousse Problem ass.

Bei den Neophyten, do ginn et der eng ganz Rei. Do ass de Riesenbärenklau, deen och net ohne ass. Ech hat do viru Joren eng „question communale" gestallt. Dat schéngt awer bei eis um Terrain de Moment nach net e gréissere Problem ze sinn.

Dann hu mir d'„Surveillance-police de la nature en milieu ouvert". Do wollt ech just matdeelen, datt mir an den Tagebaugebitter d'„Bodenbrüter" setzen hunn. Do – et huet een einfach mat deene Leit ze dinn – sinn der, déi sinn amgaang andauernd déi Schëlter futti ze maachen oder ze beschmieren. Dat ass wierklech e grousse Problem. Do muss ee kucken, datt een dat och e bëssen am A behält.

Dann ass ganz kuerz déi Saach vun den „Tiny"-Bëscher ugeschwat ginn. Ech fannen dat megacool a war selwer eng Kéier mat Greenpeace zesummen. Do waren och Leit, déi ech kannt hunn, déi mir dat erzielt hunn. Déi hunn dat wierklech matten an enger Uertschaft gemaach. Dofir heescht et och „Tiny"-Bësch matten an enger Uertschaft. An do ass Greenpeace och komm, déi haten hir Leit ugeschriwwen, an déi hunn dat fräiwëlleg gemaach. Do hat d'Gemeng net vill Aarbecht. D'Gemeng huet just den Terrain zur Verfügung gestallt, an do ass de ganzen Dag en Opruff gemaach ginn, an do sinn elauter Fräiwëlleger komm an déi hunn dat bannent e puer Stonne gemaach. Dat war genial. Dat war deemools op RTL, dat kënnt dir nokucken. Et fënnt een et bestëmmt an der Rubrik Mediathéik. Mir haten dat jo och an eisem Parteiwalprogramm. An där Hisiicht musse mir och do weiderkommen. Ech fannen et och immens gutt, datt dat vum Schäfferot hei uviséiert ginn ass.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Ech hu just e kuerze Punkt. Et geet haaptsächlech dorëm, datt beim Ënnerhalt vun den Dëmpelen den Hierschtbierg drasteet. Wéi ass et da mam „Rückhaltebecken" uewen an der rue des Alliés? Dat hunn ech néierens fonnt. Viru kuerzem hu Bëschaarbechter och do geschafft an et ass och e Grill op dat Gebaute geluecht ginn. Awer ronderëm ass nach zimmlech alles verwëldert. De Spadséierwee ass och nach net färdeg. Ech fannen et ass awer wichteg, datt do mam Fierschter gekuckt géif ginn, wéi dat Ganzt do ugeluecht géif ginn. Et ass elo gutt, elo kënnt de Wanter an da ginn net esou vill Leit dohinner. Ma wann et fir d'Fréijoer e wéineg géif an d'Rei gesat ginn, esou datt, wann nees Leit do spadséiere wëlle goen – et si jo och emol esou Wandergruppen, déi do eropginn - déi och en uerdentleche Wanderwee virfannen. Doriwwer eraus wier et och eng gewësse Sécherheet vis-à-vis vun deem „Rückhaltebecken", well deen ass ganz op. A wann een do mat Kanner higeet, da kann dat geféierlech ginn.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech wollt just soen, datt all Su, dee mir an d'Bëscher stiechen – dat ass jo eis gréng Long, déi mir mussen hunn – ganz wichteg ass. Awer ech hunn dat Ganzt gutt duerchgelies an et si wéivill Artikelen, déi mir am Budget stoen hunn, déi awer net esou ausgefouert ginn ewéi se do stinn. Ech wäert dat och elo duerno soen. Wat ech géif begréissen, dat wier, datt duerch d'Bëschliewen ëmmer eng Verjéngung vum Bësch gemaach géif ginn. Mir si jo och scho mam Fierschter kucke gaangen, a mir sollte mam Fierschter jo d'Orchideeë kucke goen. Et wier flott, wa mir dann och emol mam Fierschter an de Bësch géife goe fir ze kucken, wéi esou eng Verjéngung stattfënnt, wou d'Bëscher futti sinn, wou se erneiert ginn, oder och wann ee bei d'Bëschfest um Roudenhaff géif dohinner goe fir ze kucken, wéi d'Päerd schaffen. Dat ass immens. Dofir bewonneren ech déi aus dem Éislek, déi mat der Kutsch, well dir kënnt och mam Rollstull op d'Kutsch an dann duerch de Bësch fueren. Dat ass ëmmer immens flott, dat Bëschfest.

Déi Artikelen, déi ech wollt uschwätze sinn déi hei. Do steet z.B. „surveillance-police" 600 €. Och d'Orchideeë musse geschützt ginn an där hu mir jo och um Tëtelbierg. An ech verstinn net, wat dat wëll heeschen „surveillance-police – orchidées", 600 €. Wie kontrolléiert dat? Wat bedeit dat? Déi Fro stellen ech mir.

Dann ass nach eppes do. Den Artikel 15, Säit 415. Do steet „Jungwuchspflanzpflege, Gasleitung-Schoulkanner gepflanzt (Polen) – 1.100 €". Wat ass dat? Ech ginn do guer net eens. Ech verstinn dat och guer net.

Da kënnt den Artikel mam Päerd am Plon. Dat ass den Artikel 4: „fauchage à l'aide du cheval", 2.200 €. Also viru Jore waren d'Päerd ëmmer am Plon, déi hunn do ëmmer geméint. Déi lescht 2 Jore war kee Päerd méi am Plon. Dir wësst, datt ech dëst Joer schonn e puer Mol reklaméiert hunn an datt ganz vill Leit am Ëmweltservice reklaméiert hunn, well am Plon net geméint ginn ass. D'Gras ass iwwert den Holzsteg iwwer den Hals gewuess, esou datt een esouguer Zecken an den Hals kritt huet. Et hu wéivill Leit reklaméiert, ech och. An ech hunn esouguer beim Fierschter nogefrot. Duerno ass geméint ginn - all Respekt – awer net mam Päerd an net mat de Bëschaarbechter. Ma eis Gemengenaarbechter hunn dunn do geméint, fir datt alles soll propper sinn. Et war dunn och alles propper. Wa mir awer dann 2.200 € am Budget stoen hunn, an eis Aarbechter maachen dat, déi jo souwisou eng Pai kréien, dann hoffen ech, datt mir dat anert Joer kucken, ob dat dann net nees drasteet.

Da steet nees den Tippi dran. Deen hunn ech schonn eng Kéier ugeschwat. Do stinn 1.800 € dran. Dat ass wann d'Kappweide geschnidde ginn. Da bleiwen déi Straich ëmmer leien. An do hunn se och am Plon mat de Kanner en Tippi gemaach. Do hunn ech hei schonn eng Kéier gefrot wat gemaach gëtt, ob erëm en neien Tippi gemaach gëtt oder kommen se no deem Tippi kucken. Dat sinn einfach d' Straich vun de Kappweiden, déi do e Bou maachen. Dat steet mat 1.800 € dran. An da steet do de Fussballsterrain Péiteng. Gëtt do elo en neie gemaach? Sinn do och Kappweiden? Et deet mir leed, awer dat sinn esou vill Artikele mat 1.800 €, 2.200 €, wou ech mech wierklech froen, ob dat gemaach gëtt oder net.

Do wier ech frou, wa mir duerno eng Ofrechnung géife kréien, ob dat gemaach ginn ass oder net. Ech wier wierklech gespaant, well ech weess, datt fréier d'Schof an d'Wiss komm sinn. Déi kommen och net méi, well den Här Arendt huet d'Wiss gepacht an dee méint d'Wiss.

Dat ass dat, wat ech dozou wollt beanstanden, an da kucken, ob wierklech déi Aarbechten dann d'nächst Joer gemaach sinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ier ech der Madamm Agostino Maria d'Wuert ginn, wollt ech virschécken, datt dat hei en Exercice ass, dee mir schonn zënter Joren hunn. Normalerweis ass et de Fierschter, deen hei de Lead huet. Dofir mengen ech, datt mer déi nächste Kéier, wa mir dat hei virstellen, de Fierschter ruffen an da kann hien iech déi Detailer all ginn. Well d'Madamm Agostino huet keng Zäit fir alles kucken ze goe wat hei an do ass. De Fierschter mécht de Point vun de Bëscher a kuckt, wat ass a wat net ass. Doropshi gëtt e Programm opgesat fir ze kucken, wat si schaffen. Dofir mengen ech, datt dat do Froe sinn, déi dir dem Fierschter sollt stellen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Jo, ma dat steet awer an eisem Budget.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Averstanen. Ma dir musst awer kucken, wéi e Budget opgestallt gëtt. Mir mussen dem Gemengerot e virstellen, awer de Fierschter huet de Lead an deem Ganzen do. Géift dir elo verlaangen, wann dir elo Schäffe wiert, oder géift dir dat do wëssen, wat op Säit 412 steet?

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech weess, datt d'Madamm Agostino dat elo nach net ka wëssen. Ech hu gesot, ech hoffen, datt mer, wa mir d'Ofrechnung kréien, dat net facturéiert kréien. Soss géif ech nokucken, ob mir dat d'lescht Joer facturéiert kritt hunn, well et war kee Päerd do. Et ass net fir ze laachen. D'Leit hunn andauernd hei reklaméiert. Mir bezuelen dach keng 2.200 € wann eis Aarbechter et maachen.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Wéi gesot, ech wier frou, wa mir déi dote Froe schrëftlech kéinte kréien, esou datt ech dem Fierschter déi kéint weiderginn an datt mir do Äntwerte kréien, ob do eppes gemaach ginn ass oder net. Natierlech, wéi de Buerger-meeschter och seet, ech kann et nach net wëssen, well dat ass onméiglech. Awer ech ginn dat awer alles weider an da froe mir eng Äntwert.

Wat de Fierschter mir awer gesot huet, dat ass, datt effektiv de ganze Gemengerot géint Abrëll oder Mee mat an d'Bëscher gaangen ass. Wéinst dem Covid ass jo alles opgehale ginn. Awer hie selwer huet virgeschloen, dat nees erëm vum nächste Joer un ze maachen. Dann nach eng aner Propose: dat anert Joer invitéiere mir de Fierschter an de Gemengerot an dann ass en och hei fir déi richteg Äntwerten ze ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir haten nach ni esou eng Begeeschterung fir de Bëschplang ewéi dëst Joer. Dat ass Ok. Ech hu kee Problem domat, awer da musse mir hien dat anert Joer ruffen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat war eng flott Traditioun. Ech brauch iech net z'erkläre wou déi Traditioun hierkomm ass, datt mir mam Fierschter an d'Bëscher kucke gaange sinn. Dat war ganz interessant. Do hu mir op der Plaz konnte gesi wat geschitt a wat net geschitt, wat futti ass, wat d'Natur futti gemaach huet, wat de Klimawandel futti gemaach huet an deene leschte Joren. Et war ganz flott an opschlossräich. Dofir wollt ech och nach eng Kéier ureege fir déi Traditioun z'iwwerhuelen a weiderzeféieren, fir datt mir zesumme mam Här Berg kucke ginn an hien eis op der Plaz déi néideg Erklärunge ka gi respektiv weisen, wat wou geschitt. An eventuell, wa gewënscht, kënne mir hien och froen, datt hie mat hei an de Sall kënnt fir dat z'erklären. Dat ass awer warscheinlech net esou interessant ewéi op der Plaz selwer.

Madamm Agostino, wann dir als Ëmweltschäffin kéint mam Fierschter dat ukuerbelen, uleiere fir datt mir zesummen am Gemengerot duerch d'Bëscher kucke ginn an datt hien eis kann op der Plaz erklären, wat, wéini a mat wat fir Suen, déi mir erapompelen, geschitt.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Wéi ech virdru gesot hat, wäerte mir dat maachen. Éischtens fir an d'Bëscher kucken ze goe wat op der Plaz gemaach gëtt. An zweetens, fir datt hien dat anert Joer och dobäi ass fir är Froen ze beäntweren.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Voilà. Dat hei war en Exercice, deen duerch de Covid ausgefall war, an dee mir elo nees maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et si scho vill Äntwerte komm. Dir hat déi Saach mat de Päerd ugeschwat an och, datt mir dat duerch de Covid net méi gemaach hunn. Dat war eng flott Saach, well do ware mir als Gemengerot a Schäfferot invitéiert fir dat emol kucken ze goen. Da kënne mir eis och e Bild maache firwat déi Sue verschafft ginn a wat fir e Sënn dat mécht. Dat gesäit een och, an d'Kanner, déi dobäi sinn, kréie jo och den Ëmweltdiplom iwwerreecht a si begeeschtert, wann se gesi wéi dat fonctionéiert. Well si kënnen sech guer net virstellen, datt d'Päerd iwwerhaapt e Bësch kënne méinen oder e Bam erauszéien. Et war och flott fir d'Leit heibannen, déi dat nach net gesinn hunn, well et war ganz interessant wéi mir dat deemools um Roudenhaff gemaach hunn.

Déi aner Fro ass déi: déi 41.800 €, sinn déi fir déi Kubota-Maschinn? Ass dat eng Maschinn, déi den Service vum Fierschter kritt? Leeft deen och elektresch oder gëtt et dat schonn? Hannendru steet nämlech „enlèvement des déchets en forêt“. Do fiert nämlech och ëmmer elo e Won vun der Gemeng duerch de Bësch fir dann eben de Knascht vun de Leit – se packe jo eng Béchs, e Pak Zigaretten oder wat et och ëmmer ass, fir mat an de Bësch ze huelen, awer se packen et net fir nees mat Heem ze huelen – ewechzehuelen. Dofir muss dann en Service vun der Gemeng duerch de Bësch fueren. Leeft dat iwwer de Fierschter oder iwwer en Service vun der Gemeng? Well ech fannen, dee Won fiert och elektresch. An deemno wien do jogge geet oder Vëlo fiert, deen héiert deen net kommen. An ech hu selwer scho gesinn, datt se uewe beim Scoutschalet schëtzeg gefuer kommen. An da kommen der do mam Vëlo gefuer, déi deen Hobby hunn, an dat ass dann eng Gefor, esougutt fir déi, déi um Won fuere wéi och fir déi, déi um Vëlo fueren. Dofir wollt ech froen, wéi et fonctionéiert a wien déi Leit erausschéckt fir deen Dreck sichen ze goen. An och ob et esou dacks muss sinn. Et kéint een d'Leit vläicht drop hiweisen, datt se hiren Dreck solle mat Heem huelen. Den Här Arendt huet jo gesot, mir setzen iwwerall Schëlter hi wou Weeër ugezeechent sinn. Et kéint een awer och e Schëld derbäistellen, firwat een säin Dreck aus der Natur soll mat zeréckhuelen an net an de Bësch geheien. Well ech hu selwer gesinn, do wou dir beim Péitenger Kierfecht eropgitt, do haten se e flott Schëld higesat, wou se flotte Projet mat den Ukrainer haten. D'Schëld war 2 Deeg do, do hate Leit

gemengt, se missten et futti maachen. Uewen erop war e Schëld fir op de Giele Botter erop, dat och futti gemaach gouf. Et feelt de Respekt vun de Leit fir déi Aarbechten, déi vun de Leit vum Fierschter gemaach ginn.

An déi aner Saach ass déi. Do steet „entretien voirie forestière". Do wollt ech iech froen, ob et méiglech ass, fir datt d'Gemeng eng Kéier kéint de Wee vum Rommelshaff erop op de Giele Botter maache fir datt d'Leit uerdentlech kéinten eroptrëppelen. Well ech hunn de Fierschter, de Service Parcs selwer gefrot, ob se kéinten eng Kéier eropgoen. Do stinn d'Brennnesselen esou héich, datt d'Leit net méi derduerch kommen. A wann d'Leit e Meter eropginn, da rutschen se och nees en hallwe Meter zeréck. Kéinte mer do e passabele Wee maache fir datt d'Leit anstänneg an de Bësch kommen? Well et ass e flotte Wee. Wësst dir wou et ass? De Rommelshaff um Prënzebierg? An der Mëtt um Prënzebierg geet eng Kéier e Wee eran an de Bësch. Ech hunn de Fierschter scho selwer eng Kéier gefrot, ma hien huet gesot, ech soll et nach eng Kéier hei weiderginn, fir datt dat och op der richteger Plaz ukënnt.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Also, dat mat de Leit, effektiv, mir hunn ebe verschidde Leit, déi sech – fir et elo ganz propper auszedrécken – net ganz korrekt am Bësch verhalen. Net nëmmen am Bësch, awer haaptsächlech am Bësch. Do kënne mir esou vill Schëlter dohinner stellen ewéi mer wëllen. Wat geschitt? Wéi den Här Arendt och gesot huet, da ginn och nach déi Schëlter beschiedegt. Dee Problem kréie mir net esou einfach an de Grëff. Ausser mat den „agents municipaux", wou mir der jo e puer agestallt hunn. Wann déi méi Kontrolle maachen an d'Leit vläicht musse bezuelen, da spieren se dat vläicht an dann iwwerleeën se. Dat ass emol e Virschlag, deen ech elo hunn. Anescht weess ech net, wéi mir dat an de Grëff solle kréien.

Dat mam Kubota, do huet de Fierschter mir keng Infoe ginn, ob deen elektresch wier oder net. Ech géif mengen net, well hien huet mir dat wierklech am Detail erkläert, huet awer elo net dorop higewisen. Dofir mengen ech net, datt en elektresch ass.

Dat mat de Weeër hänkt dovunner of, wat fir eng Weeër et sinn. Et ass deels deels. Entweder de „Service forestier" oder eis Servicer.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

D'Konklusioun ass déi, datt d'nächst Joer de Fierschter hei ass fir op déi Froen ze äntweren. Dat si Froen, déi nach ni gestallt goufen. Ech si jo scho laang dobäi an de Pierre Mellina ass nach méi laang dobäi. Esou eng laang Diskussioun hate mir nach net doriwwer. Ech kritiséieren dat net, ech stelle just fest.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Mir proposéieren dann, datt de Fierschter heihinner kënnt. An do och déi Propose mat de Weeër, wou dir hutt a wéi een dat ka besser maachen, kënne mir him dann och direkt matdeelen. Hien ass jo de Mann vum Fach.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Loosse mer elo net vun de Pecherte schwätzen, well soss si mer nees fort. Madamm Bouché, et ass un iech.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

D'Madamm Agostino huet d'Bëschfest ugeschwat. D'Bëschfest war dëst Joer. An de Roudenhaff gehéiert jo awer zur Gemeng Péiteng. Firwat kréie mir als Gemengerot oder als Schäfferot keng Invitatioun, well dat war dëst Joer? Well mir kréien ëmmer eng Invitatioun. An ech verstinn et net, datt mir als Gemeng Péiteng nach ni eng Invitatioun kritt hunn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Esouwäit ech weess ass d'Postadress vum Roudenhaff zu Déifferdeng, oder?

**Martins Dias André, Schäffen:**

Neen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Majo, da musse mir dat kucken. Mir huelen dat mat. Dat huet zwar näischt heimat ze dinn, awer dat ass an der Rei. Mir maachen elo dee Punkt hei fäerdeg.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

### Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement d'un terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Fontaine des Porcs», de la part de la société ArcelorMittal Belval & Differdange SA – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement / morcellement du terrain sis à Rodange, au lieu-dit «A la Fontaine des Porcs», n° cadastral 1080/7258, en deux nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.2.

### Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement de sept terrains sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy», de la part de la société TRIDENT SARL – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

*Il est proposé au conseil communal de marquer son accord au lotissement / morcellement des terrains sis à Pétange, au lieu-dit «Route de Longwy», n° cadastraux 1318/7862, 1318/7863, 1318/7864, 1318/7865, 1318/7866, 1318/7867 et 1320/8900, en trois nouveaux lots et de renoncer à un éventuel droit de préemption sur lesdits terrains.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, rue Nicolas Biever – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig échevin.*

*À partir du lundi 2 octobre 2023, pour une durée estimée à 2 mois, et suivant l'avancement des travaux, à Rodange,*

*dans la rue Nicolas Biever:*

- *la circulation routière sera interdite sur la voie de circulation du côté pair sur le tronçon compris entre la maison n°50 et la maison n°92;*
- *la circulation routière sur la voie de circulation du côté impair sera règlementée en double sens et sera réglée par des feux tricolores entre la maison n°48 et n°51;*

- *le stationnement sera interdit sur le tronçon compris entre la maison n°33 et n°61;*

*dans la rue Josy Meyers:*

- *la sortie vers la rue Nicolas Biever sera uniquement possible en direction de la rue Maragole à Lamadelaine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

**Transports et communications.**

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, Chemin de Brouck et rue du Clopp – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*À partir du lundi 2 octobre 2023, de 7.00 à 17.00 heures, pour une durée estimée à 3 mois, et suivant l'avancement des travaux, à Rodange,*

*dans le Chemin de Brouck:*

- *la voie de circulation sera rétrécie du côté opposé de la maison n°6;*
- *la circulation sera réglée par des panneaux de priorité/feux tricolores selon les besoins;*

*dans la rue Clopp:*

- *le passage pour piétons sis à hauteur de la maison n°39 sera temporairement supprimé;*
- *un passage pour piétons provisoire sera aménagée à hauteur de la maison n°34.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.3.

**Transports et communications.**

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, rue Guillaume – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

À partir du jeudi 28 septembre 2023, pour une durée estimée à 12 mois, et suivant l'avancement des travaux, à Rodange,

*dans la rue Guillaume:*

- *la circulation piétonnière sera interdite à la hauteur des maisons n°39 et n°41;*

*dans la rue Prince Jean:*

- *la circulation piétonnière sera interdite sur le trottoir longeant la maison sise au n°41 de la rue Guillaume;*
- *le stationnement sera interdit sur le emplacements longeant la maison sise au n°41 de la rue Guillaume;*
- *l'emplacement pour personnes à mobilité réduite sera temporairement déplacé devant la maison sise au n°38 de rue Guillaume.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.4.

**Transports et communications.**

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*À partir du lundi 9 octobre 2023 et jusqu'au samedi 15 juin 2024, et suivant l'avancement des travaux, à Rodange,*

*dans la route de Longwy (N5):*

- *la circulation des piétons et le stationnement seront interdits à la hauteur de l'immeuble n°44-60;*
- *la déviation des piétons sera assurée par des passages piétons provisoires à la hauteur des immeubles n°42 et n°64.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

**Vie associative.**

Statuts de l'association «Association Nationale des Victimes d'Accidents de Travail ASBL» – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

**Il en est pris acte.**

## 10.

**Dépenses diverses.**

Octroi de cadeaux de service – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

# Gemeinderatssitzung vom 23. Oktober 2023

**Anwesend:**

| | |
|---|---|
| **Halsdorf Jean-Marie**, Bürgermeister (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 1. Schöffe (LSAP)<br>**Martins Dias André**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Brecht Guy**, 3. Schöffe (LSAP)<br>**Agostino Maria**, 4. Schöffin (CSV)<br><br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Barnabo Nicolo** (LSAP)<br>**Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Conter-Klein Raymonde** (CSV)<br>**Mellina Pierre** (CSV)<br>**Welter Patrick** (LSAP) | **Agostino Barbara** (DP)<br>**Becker Romain** (déi gréng)<br>**Bernard Chris** (Piraten)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)<br>**Ecker Jean-Pierre** (Piraten)<br>**Monteiro Teresa** (Piraten)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Christian** (Piraten) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. - Personal.

Die Punkte 1.1 bis 1.5 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsgruppe D1 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) für den Verkehrs- und öffentlichen Beleuchtungsdienst – Team der Ordnungshüter – Beschluss.

Herr Chris Czempisz aus Rodange wird als Beamter der Gehaltsgruppe D1 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) ernannt.

Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsgruppe D1 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) für den Verkehrs- und öffentlichen Beleuchtungsdienst – Team der Ordnungshüter – Beschluss.

Herr Kevin Hilger aus Roedgen wird als Beamter der Gehaltsgruppe D1 mit besonderem Kompetenzbereich (Ordnungshüter) ernannt.

Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Frau Iris Poensgen wird definitiv als Gemeindebeamtin der Gehaltsgruppe B1, Verwaltungsbereich, ernannt.

Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Herr Alain Silverio wird definitiv als Gemeindebeamter der Gehaltsgruppe B1, Verwaltungsbereich, ernannt.

### 2. - Mitteilungen.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Rat Chris Bernard hält seine erste Ansprache als neu gewähltes Gemeinderatsmitglied.

Herr Patrick Arendt, in seiner Eigenschaft als Mitglied des Syndikats Minett-Kompost, gibt Auskunft über getätigte und noch ausstehende Arbeiten im Syndikat.

### 3.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Aufstellung der Rangordnung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 9.300.888,20€ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festsetzung des im Grundsteuerbereich angewandten Multiplikatorwertes für 2024 - Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und 4 Gegenstimmen (Piraten).

### 3.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festsetzung des im Gewerbebereich angewandten Multiplikatorwertes für 2024 - Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und 4 Gegenstimmen (Piraten).

### 3.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichten und Anschließen eines Gebraucht-Trafopostens im Sportzentrum Bim Diederich in Petingen: Abstimmung über den Gesamtkostenvoranschlag von 55.000 € (inkl. MwSt.) sowie den Spezialkredit von 55.000 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bau einer neuen Schule und einer neuen Maison Relais in Lamadelaine: Abstimmung über einen angepassten

Kostenvoranschlag über 19.400.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bau einer neuen Schule und einer neuen Maison Relais in Lamadelaine: Abstimmung über einen Zusatzkredit über 3.453.313,86 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerungsarbeiten am Unterbau in der rue Adolphe in Petingen: Abstimmung über die definitive Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *1.648.798,69 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *1.600.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *1.634.858,46 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 4.1. - Soziales.

Organisation der Freizeitnachmittage „Vakanzaktioun“ für das Jahr 2024 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.2. - Soziales.

Provisorische Entscheidung über die Betriebskonten des Sozialamtes für das Jahr 2021 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.3. - Soziales.

Provisorische Entscheidung über die Betriebskonten des Sozialamtes für das Jahr 2021 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.1. - Liegenschaften.

Konvention zwecks zeitweiliger Nutzung sowie Ausführung von Arbeiten in Bezug auf das Wohnhaus mit unterschiedlicher Nutzung am Standort „rue du Clopp“ in Rodange mit dem „Fonds du Logement“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.2. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue des Romains“ in Petingen von der Wohnhauseigentümerschaft „rue des Romains“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.3. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „Avenue Dr Gaasch“ in Rodange von Herr Illya Kurek und Frau Paula Figueiredo Ferreira - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Forstwirtschaft.

Kommunaler Waldbewirtschaftungsplan für das Jahr 2024: Bewilligung des Kostenvoranschlags - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.1. - Raumplanung.

Teilungsanfrage für ein Grundstück am Standort „A la Fontaine des Porcs“ von der Gesellschaft ArcelorMittal Belval & Differdange SA - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.2. - Raumplanung.

Teilungsanfrage für 7 Grundstücke am Standort „Route de Longwy“ von der Gesellschaft TRIDENT SARL – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue Nicolas Biever in Rodange – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue du Clopp und dem Chemin de Brouck in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.3. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue Guillaume in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.4. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Vereinswesen.

Statuten der Vereinigung „Association Nationale des Victimes d'Accidents de Travail ASBL“ – Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

### 10. - Verschiedene Ausgaben.

Zuerkennung von Mitarbeitergeschenken - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

# Séance publique du 27 novembre 2023

***Durée de la séance**: 15.45 à 18.15 heures*

**Présents:**

**Halsdorf Jean-Marie**, bourgmestre (CSV)
**Mertzig Romain**, 1er échevin (LSAP)
**Martins Dias André**, 2e échevin (CSV)
**Brecht Guy**, 3e échevin (LSAP)
**Agostino Maria**, 4e échevine (CSV)

**Barnabo Nicolo** (LSAP)
**Birtz Gaby** (LSAP)
**Conter-Klein Raymonde** (CSV)
**Mellina Pierre** (CSV)
**Welter Patrick** (LSAP)

**Agostino Barbara** (DP)
**Bernard Chris** (Piraten)
**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)
**Ecker Jean-Pierre** (Piraten)
**Monteiro Teresa** (Piraten)
**Welter Christian** (Piraten)

**Absents et excusés:**

**Arendt Patrick** (CSV)
**Becker Romain** (déi gréng)
**Scheuer Romain** (déi gréng)

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.45 heures)**

11. Personnel
    - 11.1. Nomination d'un fonctionnaire communal (m/f) du groupe de traitement A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du service culture et communications – décision.
    - 11.2. Promotion d'un fonctionnaire communal – décision.
    - 11.3. Promotion d'une fonctionnaire communale – décision.
    - 11.4. Démission volontaire d'un fonctionnaire communal – décision.
    - 11.5. Démission volontaire d'un fonctionnaire communal – décision.
    - 11.6. Démission volontaire d'une employée communale – décision.

**Séance publique (16.00 heures)**

12. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
13. Administration générale
    - 13.1. Titres de recettes – décision.
    - 13.2. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal: 2e lecture – décision.
    - 13.3. Règlement d'ordre intérieur de la commission communale du vivre-ensemble interculturel – décision.
    - 13.4. Renouvellement des commissions consultatives (habitants) – décision.
    - 13.5. Nomination des membres dans l'équipe climat prévue dans le «Pacte Climat 2.0» - décision.
    - 13.6. Adaptation des modalités d'utilisation du service «Pbus» - décision.
    - 13.7. Avenant n°1 à la convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse fixant la participation financière aux frais de construction de la nouvelle école de musique à Pétange – décision.
    - 13.8. Classe de neige: vote d'un crédit supplémentaire – décision.
    - 13.9. Réaménagement des anciens bureaux de Help pour les besoins du service culture et communication dans le bâtiment administratif à Pétange: vote du décompte - décision.
    - 13.10. Travaux de réfection de la façade sud du bâtiment administratif à Pétange: vote du décompte - décision.
    - 13.11. Concept de mobilité: vote du décompte - décision.
    - 13.12. Installation d'un nouvel éclairage LED aux terrains de tennis situés dans la rue de Linger à Pétange: vote du décompte - décision.

13.13. Modernisation de la régulation de la piscine de Pétange: vote du décompte - décision.
13.14. Aménagement d'un gîte touristique dans le cadre d'un projet de revalorisation de la région «Minett»: vote du décompte - décision.

14. Enseignement musical: Organisation définitive de l'enseignement musical pour l'année 2023/2024 – décision.
15. Affaires sociales
    15.1. Convention avec les associations «ProActif SARL» et «Association des Musée et Tourisme Ferroviaires (AMTF Train 1900) ASBL» relative à la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail – décision.
    15.2. Démission d'un membre du conseil d'administration de l'Office Social – information.
    15.3. Approbation du budget rectifié de 2023 et du budget de l'exercice de 2024 de l'Office social – décision.
    15.4. Aide financière pour soutenir le projet de l'Organisation non gouvernementale de Développement «Action Solidarité Tiers Monde ASBL» au Togo – décision.
    15.5. Aide financière pour trois projets de l'Organisation non gouvernementale de Développement «Pharmaciens Sans Frontières Luxembourg ASBL» au Bénin, au Sénégal et au Népal - décision.
    15.6. Aide financière pour soutenir le projet de l'Organisation non gouvernementale de Développement «PADEM ASBL» au Pérou - décision.
    15.7. Aide financière pour vingt-neuf projets de l'Organisation non gouvernementale de Développement «SOS Villages d'Enfants Monde Luxembourg ASBL» – décision.
16. Ordre public: Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2024 – décision.
17. Propriétés
    17.1. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «A Stacken», à M.Skrijelj Admir et Mme Ramcilovic Eldina – décision.
    17.2. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part de M. Jules Weber - décision.
    17.3. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue des Près», de la part de Mme Christiane Schreiner – décision.
18. Transports et communications: Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

### Personnel.

Les points 1.1 et 1.6 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos. Le conseil communal a décidé de rendre public la décision suivante:

Nomination d'un fonctionnaire communal (m/f) du groupe de traitement A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du service culture et communications – décision.

**Mme Biver Véronique, demeurant à Rodange, est engagée aux fonctions de fonctionnaire communale.**

## 2.

### Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ech hätt zwou Kommunikatiounen un iech ze maachen am Sënn vun der Transparenz an dass dir wësst, wéi mir weider kommen a verschiddene Saachen. Mir hunn decidéiert am Service Regie an an de Gemengeservicer een Audit ze maachen. Firwat maache mir elo do een Audit? Ma well mir déi Servicer ganz restrukturéiert hunn an deem Sënn, dass mir nach just op engem Site sinn – virdru ware mir op ville Sitten – , datt mir ee Coordinateur agestallt hunn do ënnen an deem neien Atelier an dass mir och effektiv de Pointage hunn an all déi Saachen. Do kucke mer, fir eng Kéier de Point ze maache mat all de Servicer, fir ze kucke wou eis Stäerkten a Schwächte sinn, wou mir Saache kënne verbesseren oder anescht organiséieren. Wéi gesot, deen Audit wäert dann och an der Budgetsdiskussioun zur Diskussioun kommen. Firwat soen ech dat haut? Ma well och haut op de 27. November e Courrier datéiert ass, dee mir un déi eenzel Leit geschéckt hunn déi op der Gemeng schaffen, esou datt se am Bild si wat elo kënnt. Do gi verschidde Leit gefrot, wou si eventuell Problemer gesinn. Doraus gëtt e Bild gezeechent. A laut deem Bild musse mir kucke fir weiderzefueren. Dofir hunn ech iech dee Punkt elo hei am Numm vum Schäfferot virgeluecht.

Een anere Punkt, ass deen, mir hunn et elo an eisem „huis clos“ mat kritt, datt e Member vun eisem Sekretariat demissionéiert huet. Mir haten och intern eng Ausschreiwung gemaach, ob eng Persoun wéilt an eist Sekretariat schaffe kommen. Et ass keen anere Beamten hei am Haus, deen et interesséiert huet an d'Sekretariat schaffen ze kommen. Also hu mir gesot, dass mir déi Plaz och ausschreiwen. Mir maachen een Appel à candidature, wéi mir dat esou oft maachen an der Kategorie B1 an an der Kategorie A2. Mir versiche jo, dass de Service vun eisem Secrétariat général, dat mat dat wichtegst Stéck an der Organisatioun vun enger Gemeng ass, gutt a performant funktionéiert. Dofir wësst dir jo, dass mir och elo op der Gemeng een Archivist hunn. Dat ass eng gutt Saach, dat ass an Zukunft gekuckt an hei wëlle mir och an Zukunft kucken. Eis Speerspëtzt, den Här Braun an den Här Schmit, hunn allen zwee eng 5 vir. Déi schaffen och keng 20 Joer méi. Mir mussen awer méi wäit kucke wéi dat, also musse mir kucken, dass mir ee Service kréien, deen no

vir kuckt an dee laangfristeg gutt funktionéiert. Dofir wäerte mir dann dësen Appel à candidature maachen. Ech wollt iech och nach soen, dass et eis wichteg ass, dass mir och do eis Gemeng wëlle moderniséieren, dass mir gutt Servicer hunn. Dofir gëtt an de nächsten Deeg och decidéiert fir ee Psycholog anzestelle fir eis Servicer. Dir wësst jo, wou Mënsche sinn, sinn och Problemer an dann ass et och gutt wa Leit do sinn, déi sech domat kënne beschäftegen. Dat ass e bëssen och an der ganzer Philosophie vum Audit, an der Philosophie vun der Reorganisatioun vum Sekretariat an esou weider. Dofir wollt ech dem Gemengerot dat matdeelen.

An dee leschte Punkt, mir hunn eng Demande vun der Piratepartei fir e Punkt op den Ordre du jour ze huelen. Do ass d'Reegel déi, dass mir nom leschte Punkt vum Ordre du jour iwwert dëse Punkt diskutéieren.

## 3.1.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 1.967.357,12 euros – décision.

*Explications par M. André Martins Dias, échevin.*

*Recettes les plus importantes:*

| | |
|---|---|
| *TVA – septembre 2023* | *89.255,41 €* |
| *Remboursement de l'Etat des emplois d'insertion pour chômeurs de longue durée* | *33.081,70 €* |
| *Participation de l'Etat dans les frais de l'enseignement musical* | *1.727.074,85 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

### Administration générale.

Règlement d'ordre intérieur du conseil communal: 2e lecture – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Wei de Numm "2e lecture" et seet, hu mir dat jo schonn eemol duerchdiskutéiert. Mir hunn dat jo da missen eraschécken, wéi d'Gesetz et virgesäit, an do hu mir e puer Remarke gemaach kritt. Notamment déi, zum Beispill, dass de Huis clos, andeem et e Huis clos bleift, mä dass een an déi Dokumenter misst Asiicht kréien. Dat hu mir da geännert, zum Beispill an de Reglementer. Mä am grousse Ganzen hu mir strikt dat befollegt, wat mir annuléiert kritt hunn, mir hunn och e puer Suggestioune vun hinne kritt a mir hunn dat och op eis Aart a Weis ëmgesat, esou dass dann elo dat neit Reglement virläit.

**Bernard Chris (Piraten):**

Mir hunn eis Gedanke gemaach iwwert dat Wuert "huis clos". Huis clos op Franséisch heescht eppes anescht wéi op juristeschem Niveau, an "huis clos" kënnt aus engem ganz ale franséische Wuert an et heescht effektiv "non publique". Mä et kann awer och anescht gedeit ginn. Huis clos heescht nämlech och, dass keen d'Informatioune kritt. Wéi och de Huis clos an der Chamber, do kënnt keng Informatioun eraus un d'Bierger. Dat heescht, wann een dann seng Kommissiounen am Huis clos mécht, dann huet et effektiv herno d'Tendenz, datt de Schäffen herno u sech all kéiers misst dobäi si fir de Huis clos ze iwwergoen an dann all d'Informatiounen ze kréien. Tatsächlech ass et esou, dass de Huis clos um Geriicht heescht, dass de nëmmen een Deel vun den Informatioune kriss. An do géife mir soen, dass mir de Huis clos, zemools bei de Kommissiounen, als "non publique" géifen ersetzen. Deementspriechend hätte mir dann do méi ee klore Begrëff. Well Huis clos ass effektiv juristesch gesinn zimmlech schwammeg. Dat ass eis Interpretatioun.

Dat zweet ass, wat och am Dokument ass, dat ass dass d'Kandidaten, déi als Bierger sollten an enger Kommissioun mat figuréieren, do kommen ech vläicht herno nach op de Punkt 3.4. ze schwätzen, déi sollten an eisen Ae keng politesch Relatioun hunn, also kenger politescher Partei zougehéieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci fir déi zwou Suggestiounen. Zu der zweeter wäerte mir beim Punkt herno driwwer diskutéieren. Zu der éischter, ass et fir eis ganz kloer, datt de Huis clos ee Huis clos ass. Dat heescht an dem Sënn, déi Debaten déi sinn, solle just vun deene Leit geféiert ginn déi dann hei banne sëtzen. Mir hunn dat doten och an der Chamber diskutéiert – ech war jo 30 Joer an der Chamber – an do si mir jo och zur Conclusioun komm, dass een op Dokumenter muss kënnen Asiicht kréie wann een en Intérêt huet. Do war et souguer esou wäit gaangen an der Chamber, wann do Geheimdéngscht-Dokumenter waren, dass do Leit konnten eragoen, et ass just kontrolléiert ginn, dass ee kee Fotoapparat dobäi huet, an da konnt een Asiicht hunn an alles liesen. Dat ass genau dat wat mir och maachen. An ech mengen, wann de Service juridique vum Intérieur dat esou erëm gëtt, da solle mer dat iwwerhuelen a mir ginn eis net do eng sichen. Si hunn et jo juristesch gekuckt. Si hunn eis eng juristesch Äntwert ginn, mir hunn déi juristesch Äntwert eent zu eent ëmgesat an deene Punkten, an da solle mer net nach eng Kéier dru fréckele goen. Ech mengen ech géif et esou si loosse wéi et elo ass a géing net an deem Dokument elo Saachen änneren. Ech weess net wéi de Kolleegen hir Meenung ass, mä ech mengen, mir sollten dat elo esou si loossen an et esou stëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.3.

### Administration générale.

Règlement d'ordre intérieur de la commission communale du vivre-ensemble interculturel – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dir wësst, dee Punkt hate mir och schonn eng Kéier hei diskutéiert am Gemengerot. Et ass am Fong den neien Numm vun der Commission d'intégration. Dir wësst, dass den 23. August dëst Joer dat Gesetz an der Chamber gestëmmt ginn ass an et soll dann applicabel sinn ab dem 1. Januar. Dofir hu mir eis dann och esou opgestallt, dass mir ab dem 1. Januar esou fuere wéi d'Gesetz dat virgesäit. Wéi maache mir et? Ma esou wéi elo am Gesetz steet. Si hu gesot, mir sollen déi Kommissioun d'nämmlecht opbaue wéi déi aner berodend Kommissiounen. Dat hu mir dann och hei gemaach an deen eenzegen Ënnerscheed vun där heite Kommissioun hei ass, dass och zwee Leit sollen/kënnen dobäi sinn, déi net an der Gemeng wunnen, mä déi hei an der Gemeng schaffen. Fir dann och déi Dimensioun vum Zesummeliewen och iwwer d'Gemengegrenzen eraus ze kadréieren. Ech fannen dat eng ganz gutt Iddi a mir hunn deem och da Rechnung gedroen an deem Dokument, wat mir iech hei virleeën. Wéi gesot, et ass 1 zu 1 wéi déi aner Reglementer, d'Kompositioun mat deene supplementaren 2 Leit, déi eben dann net an der Gemeng Péiteng wunnen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Wéini kënnen d'Kandidaten sech do mellen, wéini gëtt dat ausgeschriwwen?

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Mir hate jo schonn eng Ausschreiwung. Mir maachen en zweeten Tour, dee geet elo eraus an dat Ganzt ass vum 1. Januar u gülteg. Dat heescht, mir si gutt an der Zäit. Déi Leit déi elo zeréckbehale ginn, déi sinn automatesch drop, déi kënnen elo nach hir Kandidatur zeréckzéien, wann se net méi wëllen. Wann se dat awer net maachen, da sinn se definitiv bei de Kandidate wou mir herno kucken. Dat heescht, déi Kandidaturen déi do sinn, déi sinn do an aner Leit kënnen sech dann nach mellen, respektiv dann och, wat an dësem Fall nei ass, Leit déi hei an der Gemeng schaffen a net hei wunnen, kënne sech och mellen. Doraus maache mir dann eng Mëschung an da komme mir zeréck an de Gemengerot. Mä haut ass et emol drëms gaangen, dass d'Reglement a Kraaft trëtt, och déi selwecht Prozedure, mat der Präzisioun, dass déi Leit, déi sech an der Commission d'intégration gemellt hunn, doduerch och Kandidat an der Commission du vivre-ensemble interculturel sinn. Dat ass ee Saz wou och wichteg ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.4.

### Administration générale.

Renouvellement des commissions consultatives (habitants) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ech kommen dann nach eng Kéier op dat zeréck wat den Här Bernard gesot huet am Numm vun de Piraten. Hien seet, e géif et net gutt fannen, dass an de Kommissiounen sech Leit mellen déi politesch an enger Partei sinn. Dat ass är Meenung, mir hunn als Schäfferot e bëssen eng aner Meenung. Mir si fir d'Participatioun vun de Bierger, an zwar eng Participatioun vun alle Bierger an et kann net sinn, dass wa Leit ee politescht Mandat hunn, sech dann net kënnen do mellen. Déi Leit mussen d'Méiglechkeet kréien och ze participéieren. Kloer gesot, eise System ass esou opgestallt, ech hat et gesot, dass am Pourcentage wéi de Gemengerot ass, si och representéiert sinn an deene Kommissiounen. Dann ass et an eisen Aen awer och selbstverständlech, dass Leit sech kënne mellen, déi sech zum Beispill bei de Gemengewalen opgestallt hunn, an déi do net gewielt goufen an se wëllen awer participéieren. Ech mengen, dass et net gutt ass wa mir Leit géifen ausgrenzen a soen, vun där Faarf däerf keen dobäi sinn, well deen eng aner Partei vertrëtt wéi déi wou mir hei banne vertrieden. Ech mengen dat wier net demokratesch an dofir si mir der Meenung, dass all Bierger muss kënne participéieren. D'Reglement ass och deementspriechend esou opgestallt ginn a mir wëllen och net eppes dodrun änneren. D.h. mir hunn also och elo eis Kandidaten hei, mir kucken net hei deen do ass op der Lëscht gewiescht an dofir stëmme mir deen net. All Mënsch muss d'Méiglechkeet kréien ze participéieren, wann en als Bierger Rechter huet. Ob se elo an enger politescher Partei sinn oder net. Et wier contraire zur Demokratie, wann een déi Leit net géif zouloossen. Dofir kënne mir dat do a kengen Ëmstänn esou matdroen.

**Bernard Chris (Piraten):**

Also ech géif hei awer nach reagéieren. Wéi mir elo d'Lëscht hei gesinn, ass et elo eng politesch Faarf déi hir Kandidature systematesch erascheckt a menger Meenung no ass dat e bëssen eng Verdrängungspolitik. Dat heescht déi Partei verdrängt effektiv déi Bierger, déi hei wéilte matmaachen. Ech mengen si hate jo d'Chance kritt, wou de Moment war fir wielen ze goen, si haten eppes ëm 3 Prozent kritt. Dat heescht, eis Bevëlkerung wollt hinne keng Stëmm ginn. Bon, an dem Sënn ass et mir och dann egal, mä wa mir hei d'Parteien, wéi déi Gréng oder eis DP Kolleegen hei hunn, deemno wéi de Vott ausgeet, hunn déi Lénk méi Mandatsrechter an de Kommissiounen, wéi eis Parteien déi effektiv gewielt gi sinn. Dat wollt ech elo just nach soen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat ass är Interpretatioun. Ech widderhuele mech nach eng Kéier: Eiser Meenung no kann all Mënsch participéieren. A wien do zeréckbehale gëtt, dat decidéiert dir net eleng an ech och net, dat decidéiere mir hei all zesummen. Wann do ee méi representéiert ass, wéi dir dat sot, oder fäert oder mengt, dann ass dat net d'Schold vun eis, mä dann ass et d'Schold vun eis Alleguerten, well mir hunn dee gestëmmt. Dat heescht, mir sinn an enger Demokratie an ech géif et net gutt fanne wann een do Leit net bäi léist, well se enger Bluttgrupp ugehéieren déi eis net geet. Dofir sinn ech der Meenung, jiddereen dierf sech mellen a mir kënnen da stëmme wéi mir wëllen. Wann dir fannt, dass verschidde Leit net dohinner gehéieren, da stëmmt se eben net. Ech mengen et ass relativ einfach. Äre Virgänger, den Här Goergen, huet ëmmer ganz vill Wäert drop geluecht op Participatioun, op Basisdemokratie an esou weider. Elo sot dir eppes ganz anescht wéi dat, wat hien hei an de leschte 6 Joer am Gemengerot gesot huet. Voilà, dat gesot ginn ech d'Wuert dem Här Barnabo.

**Barnabo Nicolo (LSAP):**

Här Buergermeeschter, et ass wéi dir gesot hutt. Ech mengen all Mënsch hat jo Méiglechkeet sech op déi Posten do ze mellen. Ech menge mir kënnen elo net Leit mat der Hand huelen a soen dir musst iech do mellen, et war jo och fir jiddereen a mir kënne jo elo net dofir, wa verschidde Leit sech gemellt hunn an anerer net. Voilà, dofir gëtt jo elo gestëmmt.

<u>**Commission des affaires culturelles et touristiques, des festivités musicales et culturelles (2 postes)**</u>

**1er poste – résultat du scrutin de vote:**

| | |
|---|---|
| • Barbosa Freire Nathalie: | 0 voix |
| • Da Silva Rodrigues Laura Maria: | 0 voix |
| • Da Silva Neves Sonia: | 0 voix |
| • **Rodrigues Yannick:** | **16 voix (élu)** |
| • Aucun des candidats: | 0 voix |

**2e poste – résultat du scrutin de vote:**

| | |
|---|---|
| • **Barbosa Freire Nathalie:** | **16 voix (élue)** |
| • Da Silva Rodrigues Laura Maria: | 0 voix |
| • Da Silva Neves Sonia: | 0 voix |
| • Aucun des candidats: | 0 voix |

<u>**Commission de l'économie et du commerce local (2 postes)**</u>

**1er poste – résultat du scrutin de vote:**

| | |
|---|---|
| • **Jaerling Eric:** | **16 voix (élu)** |
| • Laurent Eric: | 0 voix |
| • Thümmel Jean-Claude: | 0 voix |
| • Aucun des candidats: | 0 voix |

**2e poste – résultat du scrutin de vote:**

| | |
|---|---|
| • **Laurent Eric:** | **16 voix (élu)** |
| • Thümmel Jean-Claude: | 0 voix |
| • Aucun des candidats: | 0 voix |

<u>**Commission de la famille, du 3e âge et des handicapés (2 postes)**</u>

**1er poste – résultat du scrutin de vote:**

| | |
|---|---|
| • Charles Elsie: | 0 voix |

- **Ferreira Camilo: 16 voix (élu)**
- Ribeiro Silvia: 0 voix
- Thoma Jean-Claude: 0 voix
- Trichies Antoinette: 0 voix
- Wagner Ronald: 0 voix
- Aucun des candidats: 0 voix

**2e poste – résultat du scrutin de vote:**

- Charles Elsie: 0 voix
- **Ribeiro Silvia: 12 voix (élue)**
- Thoma Jean-Claude: 0 voix
- Trichies Antoinette: 0 voix
- Wagner Ronald: 0 voix
- Aucun des candidats: 4 voix

**Commission des finances, du budget et des règlements (2 postes)**

**1er poste – résultat du scrutin de vote:**

- **Kneip Marc: 16 voix (élu)**
- Thümmel Jean-Claude: 0 voix
- Aucun des candidats: 0 voix

**2e poste – (seule candidature restante), résultat du scrutin:**

- **Thümmel Jean-Claude: 12 voix 'Oui' et 4 voix 'Non' (élu)**

**Commission de la jeunesse (2 postes)**

**1er poste – résultat du scrutin de vote:**

- Bertolini David: 0 voix
- **Fonseca Monteiro Mirlène: 16 voix (élue)**
- Aucun des candidats: 0 voix

**2e poste – (seule candidature restante), résultat du scrutin:**

- **Bertolini David: 12 voix 'Oui' et 4 voix 'Non' (élu)**

**Commission des sports et des loisirs (2 postes)**

**1er poste – résultat du scrutin de vote:**

- **Conzemius-Ridlesprige Josianne: 12 voix (élue)**
- Da Silva Neves Sonia: 0 voix
- Remy Nicolas: 0 voix
- Rodrigues Yannick: 4 voix
- Trichies Antoinette: 0 voix
- Aucun des candidats: 0 voix

**2e poste – résultat du scrutin de vote:**

- Da Silva Neves Sonia: 0 voix
- **Remy Nicolas: 12 voix (élu)**
- Rodrigues Yannick: 4 voix
- Trichies Antoinette: 0 voix
- Aucun des candidats: 0 voix

## 3.5.

### Administration générale.

Nomination des membres dans l'équipe climat prévue dans le «Pacte Climat 2.0» – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

**A l'unanimité, M. Arendt Patrick, Mme Birtz Gaby, Mme Bouché-Berens Marie-Louise, M. Scheuer Romain, M. Welter Christian, M. Welter Patrick, membres du conseil communal et Mme Couto Paula, Mme Klein Valérie, M. Rodrigues Yannick, citoyen(ne)s, sont nommés membres de l'équipe cimat du « Pacte Climat 2.0 »**

**A l'unanimité, Mme Agostino Maria, échevine, est nommée présidente de l'équipe cimat du «Pacte Climat 2.0».**

**Il est pris acte des membres techniques de l'équipe climat, à savoir:**

**M. Breyer Serge (expert, service culture et communications), M. Kipchen Marc (coordinateur technique, département technique), Mme Kolber Carine (conseiller de base), M. Linden Claude (expert / secrétaire, service environnement), M. Majerus Samuel (conseiller spécialisé).**

## 3.6.

### Administration générale.

Adaptation des modalités d'utilisation du service «Pbus» – décision.

**Brecht Guy, Schäffen:**

Ech menge beim Pbus brauch ech net méi op den Historique zréckzekommen. Dir hutt dat an ärem Dossier alles stoen, do kënnt dir dat noliesen. Fakt ass just, datt mir vun Ufank u wéi en agefouert gouf, 2 Euro d'Course gefrot hunn. An dat ass esou laang gutt gaange bis d'Pandemie, do hunn d'Chaufferen nämlech keng Suen dierfen unhuelen an elo 3 Joer no der Pandemie hu mir eng Revisioun dovunner gemaach a sinn zur Conclusioun komm, dass mir de Pbus gratis solle loossen, an dat aus zwee Grënn. Éischtens, hei am Land besteet e gratis Service mam Bus a mam Zuch, an zweetens, dat wier fir d'Gemeng ee vill ze vill groussen Opwand, fir elo erëm anzeféiere fir déi 2 Euro ze froen. Dofir géif ech iech bieden eis Propositioun, de Pbus gratis ze loossen, unzehuelen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech begréissen d'Initiativ déi mir deemools geholl hunn, dass mir eise Pbus fir eis Senioren oder Leit mat ageschränkter Mobilitéit agefouert hunn. Well e gëtt vill genotzt an ech muss ee grousse Luef ausschwätzen, och un d'Chaufferen déi d'Leit ëmmer iwwerall bréngen, well se sinn immens fréndlech an hëllefsbereet. A Merci, dass mir op dee Wee gaange sinn an dat agefouert hunn.

**Bernard Chris (Piraten):**

Mir begréissen et natierlech och, dass et elo gratis bleift. Allerdéngs hu mir am Text elo puer Saache gesinn, wou mir vläicht kéinten adaptéieren. Ënner anerem, firwat muss de Pbus d'Leit an eng Nopeschgemeng féiere fir akafen ze goen? Ech menge mir hunn awer och genuch Geschäfter hei. Hei steet och dran, dass de Bus bis an Nidderkuerer Spidol fiert an do wësse mir awer och, dass am Fong déi haaptmedizinesch Agrëffer haut am CHEM zu Esch gemaach ginn. Deementspriechend wiere mir frou, wann een och géing bis dohinner kommen. D'Madamm Bouché hat ugeschwat, datt d'Seniore vum Bus profitéieren. Wann ech vu Seniore schwätzen, da sinn déi jo och bësse méi schlecht zu Fouss respektiv hu kee Führerschäi méi. Et ginn awer och Jonker déi kee Führerschäin hunn. Ech wunnen zum Beispill an der Waxweiler Strooss an do gëtt et kee Bus méi, deen erop op d'Gare fiert, weder op déi Rollenger nach op d'Péitenger Gare. Do si Schüler déi da moies effektiv de ganze Wee musse bis op d'Gare trëppelen. Do wier et vläicht fir déi och gutt, wann se een Transport hätte wou se géing op esou Plaze kéint féieren. Natierlech géing dat mat sech bréngen, datt de Pbus um 7 Auer misst ufänken ze fueren a net um 8 Auer. Hei schwätze mir elo och net vun Honnerte Schüler, mä vläicht sinn et der och souguer méi, da misst een dat nokucken. Mä dat wier awer och ee Service wou mir deene Jonken da kéinten ubidden.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Wann een Geschicht vum Pbus kuckt, ech weess net wéi gutt dir déi kennt, a firwat mir dee PBus agefouert hunn. Am Fong hu mir de Pbus ëmmer am Zesummenhang mam TICE gesinn.

Mir hunn eng TICE-Ubannung déi exzellent ass an der Gemeng Péiteng an och am Kordall. Mir hunn deen ëmmer als komplementar gesinn an ëmmer als Instrument fir eeler Leit. Dat heescht am Ufank war en ab 70 Joer an duerno si mir op 65 Joer erofgaangen. Et soll och een Instrument si fir Leit, déi e wierklech brauchen, fir deenen ze hëllefen. Vun äre Beispiller huele mir Note dovun, wa mir elo nach eng Kéier Diskussioune féieren. Firwat just eng Plaz an der Nopeschgemeng, wou d'Leit kënnen akafe goen? Well eben den Akaf an där Institutioun, kann ee scho bal soen, ass ee ganz anere wéi hei an der Gemeng. Dat heescht, wann een dohinner geet, da geet een net nëmmen dohinner akafen, et geet ee bei d'Leit, et ass een zesummen, et kann een hei an do maachen, dat heescht et huet eng ganz aner Nues. Dofir hu mir och de Club Senior geholl zu Nidderkuer. Deen ass och net an eiser Gemeng. Den HPMA ass awer een Element vun der Geschicht vun eiser Gemeng an eisem Kordall an et ass evident, dass mir dat bäibehalen. De CHEM vun Esch huet eng ganz gutt Ubannung iwwert den TICE, esou dass dat net exklusiv ass. A mir wollten eis Philosophie weider halen an hei ass et am Fong elo méi drëm gaangen, wéi den Här Brecht als Ressortschäffe ganz gutt gesot huet, fir et gratis ze maachen. Dee Modell muss ee kucken, wéi deen sech elo weider entwéckelt an da kënne mir nach eng Kéier drop zréckkommen.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.7.

### Administration générale.

Avenant n°1 à la convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse fixant la participation financière aux frais de construction de la nouvelle école de musique à Pétange – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Hei ass en Avenant ënnerschriwwe ginn, fir datt mir an Etappe kënnen de Subsid kréien an net eréischt, wann den Decompte gemaach ka ginn, nämlech wann d'Museksschoul ganz fäerdeg ass. Ech bieden de Gemengerot dëst esou z'approuvéieren.

**Mellina Pierre (CSV):**

Ech si frou, dass do e Changement mam Avenant ass. Et war am Ufank gesot ginn, dass mir dat kéinte kréien, och wann dat net direkt esou an der Konventioun stéing. Dat gëtt et jo och op anere Plazen, dat gëtt an de Maisons relaisen, dat gëtt et an der Schoul, wou een eng Avance kritt. Wann ee weess wéivill dee Käschtepunkt ass, da weess een och, dass ee muss kucken dass Tresorie herno opgeet an dann ass et wichteg, dass dat kann an Etappe bezuelt ginn. Dofir sinn ech och ganz frou, datt dat hei am Avenant steet, esou wéi een sech et och ouni Avenant hätt kënnen erwaarden.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Den Här Mellina huet scho villes dozou gesot. Ech wollt nämlech just nach soen, hunn se dann och elo fir herno beim Decompte final de Subsid ugepasst, oder deckelen se dat nach?

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

An der Konventioun kann een noliesen an do steet "Une participation financière périodique de l'État pourra se faire sous forme de tranches, auquel cas la Commune soumettra à l'État un décompte partiel des frais qui se rapportent à la partie des travaux achevés dans le cadre du projet visé par la présente convention", Dat heescht, datt dat global gekuckt gëtt.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Dat wier jo dann och gutt, well da kréie mir jo och wéinstens op dat, wat Museksschoul um Enn kascht huet, de Subsid ugepasst. Oder bleift bei deem, wat se am Ufank gesot hunn?

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat kann een hinnen herno eng Kéier schreiwen, mä am Prinzip ass dat plafonéiert.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.8.

### Administration générale.

Classe de neige: vote d'un crédit supplémentaire de 55.000,00 euros – décision.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Wéi dir iech sécherlech nach erënnere kënnt, hu mir am September hei d'Organisatioun vun de Schnéiklassen gestëmmt. Elo ass et esou, dass par rapport zu dem Fonctionnement vun deene Jore virdrun, den Hotel, wou eis Schnéiklassen dëst Joer higinn, d'Bezuelung vun dem leschten Acompte scho Mëtt Dezember froen, anstatt wéi bei dem Hotel, wou mir virdru waren, deen dat réischt am Januar gefrot huet. Sou dass mir hei am Fong de Kredit hu missten hiewe goe fir déi Rechnung kënnen ze bezuelen. Et ass net, dass et méi deier gëtt, mä et ass ebe just, dass d'Suen e bëssen éischter ausgi ginn a fir nächst Joer musse mir da virgesinn, dass déi Suen direkt do si fir am Dezember kënnen de leschten Acompte ze bezuelen.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Wësst dir och schonn, wéi de Bäitrag vun den Elteren ugepasst ginn ass?

**Martins Dias André, Schäffen:**

De Bäitrag ass d'selwecht bliwwen ewéi dat, wat mir am September gestëmmt hunn, dat heescht 300 € pro Persoun.

**Welter Christian (Piraten):**

Ech wollt just op der heiter Plaz dem Office social Merci soen, dass si deene Leit hëllefen, déi sech dat net esou leeschte kënnen. Ech wéilt och eng Kéier fir ee Schnéiklassen Second-Hand plädéieren. Do wier d'Iddi zum Beispill, dass d'Gemengenadministratioun ee Formulaire ausschafft, deen an deene respektive Klassen ausgedeelt gëtt. Esou hätt een als Gemeng d'Méiglechkeet d'Leit drop opmierksam ze maachen a mat anzebanne fir da Second-Hand-Material vläicht anzeféieren.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Déi Initiativ vun engem Second-Hand fannen ech net schlecht. Et muss een awer och soen, dass d'ASBL vun de Schnéiklassen iwwert Joren sech ee gewëssene Stock opgebaut huet vu Material, a wou och reegelméisseg nei Saache kaf ginn, fir de Kanner zur Verfügung ze stellen. Et ass ebe gewosst, dass et ee gewëssene Budget ass, fir déi Ausrüstung zu Verfügung ze stellen, an ech mengen do si ganz vill Kanner, déi dovunner profitéiere kënnen a net mussen alles nei kafe fir eemol an de Wantersport ze goen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ech mengen, dat do hate mir schonn déi leschte Kéier ugeschwat an haut geet et jo just ëm een Devis supplémentaire. Op déi Problematik hate mir iech deemools eigentlech geäntwert. Awer d'Iddi ass gutt.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.9.

### Administration générale.

Réaménagement des anciens bureaux de Help pour les besoins du service culture et communication dans le bâtiment administratif à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *127.605,00 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *130.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *122.473,61 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.10.

### Administration générale.

Travaux de réfection de la façade sud du bâtiment administratif à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Guy Brecht, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *25.000,00 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *25.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *21.622,40 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.11.

### Administration générale.

Concept de mobilité: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *181.358,30 € (ttc)* |
| *Total du devis approuvé:* | *0,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense:* | *128.512,47 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.12.

### Administration générale.

Installation d'un nouvel éclairage LED aux terrains de tennis situés dans la rue de Linger à Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Guy Brecht, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *40.000,00 € (ttc)* |
| *Total des devis approuvés:* | *40.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense effective:* | *30.354,30 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.13.

### Administration générale.

Modernisation de la régulation de la piscine de Pétange: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés:* | *70.000,00 € (ttc)* |
| *Total des devis approuvés:* | *70.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense effective:* | *59.814,23 € (ttc)* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.14.

### Administration générale.

Aménagement d'un gîte touristique dans le cadre d'un projet de revalorisation de la région «Minett»: vote du décompte – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

| | |
|---|---|
| *Total des crédits approuvés :* | *820.859,72 € (ttc)* |
| *Total des devis approuvés :* | *800.000,00 € (ttc)* |
| *Total de la dépense effective :* | *785.114,05 € (ttc)* |

**Welter Christian (Piraten):**

Ech hätt just zwou kleng Froen. Wäert et rollstullgerecht sinn a wäert et eng Méiglechkeet ginn, fir um Site vun der Gemeng ze buchen? Oder wéi wäert dat goen?

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat do gëtt jo gemaach am Kader vun engem Projet Trail am ganze Süde vum Land a mir hunn eis deenen Dispositiounen ugeschloss. An dem Sënn muss een iwwert dee Wee dann do reservéieren. Op dat elo handikapéiertegerecht ass, dat ass och eng Fro wou ech iech elo net esou ka beäntweren. Ech weess just, dass ech selwer schonn do war wéi mir et ageweit hunn, an dass ech mir schwéier virstelle kann, dass een do alles Handikapéiertegerecht adaptéiert kritt. Bon, et ass ee Projet vum ORT SUD an do kann een dann och kucken.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Wat interessant wier, dat ass, dass mir als Gemengerot emol vläicht een Decompte kréien, wéi oft e gebucht gëtt? Gëtt en oft gebucht, gëtt en net oft gebucht, ech menge wann en emol ee Joer funktionéiert, da wier et schonn interessant ze wëssen, wéi oft Leit wëllen dohinner goen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech wollt just soen, et ass flott datt deen Decompte och elo am Minus ass. Mir hu jo elo schonn e puer Decomptë gestëmmt an dat do ass jo awer och elo ee ganz Décken, wou mir wierklech vill investéiert hunn. Ech si frou, dass elo wéivill Decompten hei gestëmmt si ginn, déi am Minus waren. Net wéi all déi aner Decompten, wou mir ëmmer hu missen erop goen.

Fir op d'Fro vum Här Welter ze äntweren, ech gleewe kaum, dass dat ka rollstullgerecht sinn, well et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, déi si jo am Kader vum Trail gemaach ginn. Ech weess och, datt Leit mat ageschränkter Mobilitéit een Trail kënne matmaachen, mä et si vill aner Gitten, déi och net behënnertegerecht sinn. Eisen ass dat net eleng, et ass een Eisebunnswaggon mat Trapen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Also bei engem Deel war dir beim Sujet, an elo si dir och net méi beim Sujet, mä et ass awer an der Rei. Et ass gutt gesot a mir sollen och matenee schwätzen. Dat ass eng gutt Saach. Mir kréien och ee Subside vun 302.000 €, dat wëll ech iech och soen. Dat heescht, et ass ee Projet, wou eng Plus-value ass. Et kann een heiansdo net allem gerecht ginn, do sinn ebe Contrainten, mä dat ass awer elo hei net de Sujet. De Sujet war haut een Decompte ze maachen zu engem Präis, wou et net esou deier ginn ass a wéi gesot, wou mir eis am Fong ageklickt hunn an de System, deen aner Leit geréieren, an

zwar den ORT SUD. Domat hätt ech dat resüméiert a mir kéinten dann zum Vote kommen. Madamm Conter, mir kucken dat do effektiv ze maachen, mä et ass ganz schwéier bis elo, well mir haten de COVID an all déi Geschichten. Dat heescht et si nach keng representativ Zuelen do. Ma mir maachen eng Kéier de Point.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.

### Enseignement musical.

Organisation définitive de l'enseignement musical pour l'année 2023/2024 – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Dësen Text ass wéi ee klenge Règlement interne vun der Museksschoul, wou dra festgehal ass, wat deenen agebonne Persounen, spréch Chargé de la direction, Administratioun, Enseignanten a Schüler hir eenzel Rolle sinn a wéi de Betrib an der Museksschoul ofleeft.

Well all Joers d'Gegebenheeten änneren, virun allem duerch Modifikatioune vum Gesetz oder aner Ännerungen, gëtt deen Text ëmmer nees ugepasst. Esou och dëst Joer a follgende Punkten:

- Commission de surveillance: Duerch dat neit Gesetz vum Enseignement musical ass eng Iwwerwaachungs-kommissioun net méi néideg a gouf och am Péitenger Gemengerot ofgeschaaft. Deementspriechend huet den Text a ville Punkte missten ugepasst ginn.
- Generell goufe Punkten aktualiséiert andeems Termen, déi net méi existéieren (wéi Solfège oder Chargé de cours), ersat respektiv ergänzt gi sinn, well dat laut Gesetz geännert huet. Solfège heescht elo Formation musicale an de Chargé de cours gouf zum Enseignant.
- Aschreiwunge ginn zu Péiteng nach just paperless gemaach, deemno gouf dëse Punkt ugepasst. Déi "anciens" Schüler mellen sech all via de Gestiouns-programm "DuoNet" un, si hunn do ee perséinlechen Accès. Fir ganz nei Schüler gëtt ab der Porte Ouverte een Online-Formulaire op der Internetsäit vun der Musekschoul dropgesat. Déi Donnéeë ginn dann an enger Tabell gesammelt an doropshi kontaktéieren si déi nei Schüler. Dat hunn se bis elo schonn 2 Joer am Asaz a fonctionéiert ganz gutt.

  Am selwechte Punkt huet och ee Saz wéinst der Gratuitéit misste liicht ëmgeännert ginn.
- Soss goufen nach d'Lieux d'enseignement, esou wéi d'Datumer vun de Vakanzen an natierlech d'Schülerzuelen ugepasst.

Follgend Detailer kann ech iech nach opzielen:

Fir d'Schouljoer 2023/2024 hu mir 31 Enseignanten an 1 Chargé de direction.

Wéi op de Lëschten ze gesinn ass, ass d'Schülerzuel an der Museksschoul nees wäit iwwer 600 geklomme. Aktuell si 638 Schüler (Kanner an Erwuessener) ageschriwwen. Dësen Zouwuess ass e bëssen ee Phänomen vun der Gratuitéit an awer och vun der Popularitéit vun eiser Péitenger Museksschoul, déi ëmmer méi wiisst. Mat dëser Schülerzuel ass d'Museksschoul vun der Infrastruktur hir schonn eng Rëtsch jorelaang un hire Grenzen ukomm. Aktuell kënnen d'Coursen nëmme mat 3 Annexen, nämlech d'Museks- a Choralesäll zu Péiteng a Lamadelaine esou wéi 5 Säll an der Parkschoul, fonctionéieren.

De Renner ass nach ëmmer de Piano mat 154 Schüler, do stinn der nach 23 op enger Waardelëscht. Vill Succès hunn och nach ëmmer d'Sträichinstrumenter mat 67 Schüler, d'klassesch Gittar mat 55 an d'Perkussioun/Drumset mat 70 Schüler. E bëssen erhuele konnten sech verschidde manner besichten Instrumenter wéi den décke Blech, de Saxophon an d'Flute. Et ass awer nach ëmmer schwiereg, d'Kanner fir d'Blosinstrumenter am allgemengen ze begeeschteren.

D'Aktivitéite vun der Museksschoul wäerten och dëst Joer nees eng helle Wull sinn. Déi éischt musikalesch Encadrementer si scho gestart, Auditiounen a Concerten si schonn deels gewiescht oder deemnächst geplangt. Op der Säit museksschoul.lu, genee wéi och op Facebook an Instagram kënnt dir d'Aktivitéite vun eiser Museksschoul och verfollegen.

Wat dat neit Gebai ugeet:

D'Equipe vun der Museksschoul freet sech enorm op dat neit Gebai wat jo am Januar soll opgoen. Dës Situatioun wäert een totalen Ëmschwong fir hir Aarbechtskonditioune bréngen.

E ganz wesentleche Punkt sinn déi eenheetlech Klassesäll, déi akustesch isoléiert sinn an esou kee méi deen anere stéiert. Mat vill Stauraum, engem Lavabo a vun de Moossen hir schéi lëfteg, wäert et eng Freed sinn an deene Raimlechkeeten de Kanner d'Musek bäizebréngen. Virun allem well all d'Enseignantë kënnen ënnert engem an deem selwechten Daach schaffen. D'Noutwennegkeet vun enger Annex wäert bis op dënschdes komplett ewechfalen.

De Fait, datt dëst Gebai genee fir dësen Zweck gebaut gouf, mécht den Alldag och vill méi agreabel. Den Accès zu deenen eenzele Raim ass weesentlech vereinfacht an endlech och fir PMR méiglech. An dat zielt och fir den Accès zu der d'Administratioun.

E grousse Plus gëtt et virun allem fir d'Perkussioun an d'Formation musicale. Net nëmmen ass pro Fach ee Sall bäikomm, mä si hunn och eng wonnerbar Gréisst kritt. Besonnesch an der Formation musicale, wou mer dacks hu missten d'Schülerzuel wéinst der Infrastruktur limitéieren, dinn sech elo ganz vill nei Méiglechkeeten op.

D'Kiischt um Kuch vun der neier Museksschoul sinn awer déi nei Raimlechkeeten, déi bäikoumen. Un d'Wuel vun de Schüler gouf geduecht andeems mer hinnen ee spezielle Raum mat Übekabinnen, Dëscher a Still fir Schoulaufgaben oder ee gemittlechen Eck fir einfach emol ze entspanen an ze raschten, ageriicht hunn. Déi selwecht Chance hunn d'Enseignantë mat hirem extra dofir ageriichte Sejour an der Administratioun. Konferenzen a Reunioune sinn an Zukunft och "in house" méiglech. Mat deem neie grousse Versammlungssall brauch een net méi op aner Säll auszewäichen, ma et kann een hei Reuniounen, kleng Examen a Prouwen/Auditiounen ofhalen.

De gréisste Plus ass virun allem awer de Concertssall. Et gëtt kee Gebai an der Gemeng Péiteng, wat si net scho fir eis Concerten an Auditioune gebraucht hunn; sief et d'Centres culturels an d'Kierchen an deenen 3 Uertschaften, de Wax, d'Musekssäll an esouguer de Festsall vum Lycée Mathias Adam. An der neier Museksschoul kënne si elo an engem wonnerbare Raum hir musikalesch Aarbecht presentéieren. Besonnesch bei Branchë wou vill Logistik mat am Spill ass, sief et d'Perkussioun, d'Comboen an esouguer och d'Harfen, wäerten si keng Suerge méi hu mam Transport.

Deementspriechend si vill Iddien an de Käpp vun den Enseignanten an hirer Direktioun. Et wäert also, wéi virdrun, genuch musikalescht Liewen an der neier Museksschoul statt-fannen. Eng Gaaschtprouf dovunner gëtt et sécherlech och op den Eröffnungsfeierlechkeeten am Juni an am Hierscht 2024.

Net ze vergiessen natierlech och den ënnerierdesche Parking, mat deem d'Besicher, d'Elteren an d'Schüler, esouwéi de Staff vun der Museksschoul, net laang musse fir eng Parkplaz sichen a komfortabel an dréchen an eis Schoul kommen. Och d'Liwwerunge sinn Dank dem Monte-Charge kee Problem.

Ech kommen awer elo op d'Règlement interne, dat heescht d'Organisation définitive de l'enseignement musical pour l'année 2023/2024 zeréck a bieden de Gemengerot dëst esou z'approuvéieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Voilà, ech mengen eis Schäffin huet dat do wierklech gutt gemaach, e bëssen ee Bild gezeechent wéi dat d'nächst Joer wäert weidergoen an och gewisen, wou Ännerunge sinn a wat am Fong geholl op eis zoukënnt. Mir sinn och ganz gespaant an hoffen, dass déi Delaien elo esou agehale kënne ginn, dass mir effektiv am Januar déi éischt Course kënnen do halen, dass mir am Juni fir Nationalfeierdag een éischte Concert do maachen an dass mir dann Enn September kënnen eng grouss Ouverture do ënnen an dem schéine Sall maachen.

**Conter-Klein Raymonde (CSV):**

Ech wollt mech just op d'Organisation scolaire bezéien an zwar sinn do e puer Termen dran, wou ech géing wichteg fannen, dass mir déi vläicht kéinten änneren. Dat éischt wat ech natierlech mat Regret feststellen dat ass, dass mir d'Commission de Surveillance net méi hunn, dass déi ofgeschaaft ginn ass, dass dat jo elo soll ënnert dem Logo vun der Commission culturelle lafen. Ech hoffen, dass déi där Saach och gerecht gëtt, woubäi ech awer och muss hei feststellen, dass nach grouss aner Museksschoulen am Land eng Kommissioun bäibehalen hunn, eleng fir nach gewësse Punkte mat an d'Organisatioun vun der Museksschoul eranzebréngen. Gutt, bei eis ass dat net esou, ech wëll deem dann elo net nach laang nodroen.

Da sinn e puer Remarken, an zwar ass et esou am Punkt 2.1. vun de Generalitéiten, am zweeten Alinea. An zwar steet do, wann nei Chargéen agestallt ginn, "peuvent être invités". An der Vergaangenheet war et och esou, dass mir dee Punkt och gerechtfäerdegt hunn, dass mir Chargéë komme gelooss hunn a virun engem Jury spille gelooss hunn. An ech sinn der Meenung, dass dat och esou soll weider goen. Well et ass jo esou, wann een e kuerzen CDD huet, dann ass dat jo och egal, da seet een sech, gutt, dee kënnt nëmme kuerz, dee sprëngt an, deen hält seng Coursen a no 4 bis 5 Deeg ass erëm deen anere Chargé do. Wann dat awer ee längeren CDD ass oder een CDI, dann ass et a mengen Aen awer wichteg, dass een dee Chargé, deen sech do virstellt, och invitéiert fir wierklech ee Cours halen ze komme virun engem Jury. Do sinn ech der Meenung, dass een dee Punkt "peuvent être invités" ännert a seet, dass se solle kommen "ils seront invités" a net seet "ils peuvent être invités". Dat ass a mengen Ae ganz wichteg. Et ass nëmmen ee klengen Term, ma ech fannen et ganz wichteg, dass ee net seet du kanns kommen, mä dass ee seet du kënns virspillen.

Dann ass et och esou, bei der Disziplin vun de Kanner, beim Punkt 4.1, do hunn ech vermësst, dass net iwwert den Handy geschwat gëtt. Iwwert den Handy gëtt awer an alle Schoule geschwat an ech sinn der Meenung, dass den Handy och an der Museksschoul sollt en Thema sinn a net, dass d'Kanner op emol ufänken, wann se Cours gehale kréien, dass dann den Handy bimmelt an d'Elteren hunn ech weess net wat auszeriichten an de Cours gëtt gestéiert. Ech mengen den Handy soll ee mat afügen an d'Disziplin vum Schüler.

Bei den Aschreiwungen, do hunn ech gelies, gutt dat war bis elo och ëmmer esou, am Punkt 5 an de Generalitéiten, do steet "réduire la tâche conformément aux dispositions afférentes du droit de travail". Dat ass a mengen Aen ganz geféierlech. Bis elo si mir ëmmer eng ganz sozial Gemeng gewiescht a mir konnten eis och ëmmer ariichten, wann een Abandon war, dass mir aner Schüler gewësse Minutte bäiginn hunn. Dass awer elo de Ministère vill méi kontrolléiert a mir ganz genee wëssen, dass d'Abandone ganz räichlech sinn iwwert d'ganz Land. Mir rechnen och mat 12 bis 13% Abandonen. Ech war elo viru kuerzem an der AEM an dat ass ewell ganz normal. Mä dat sinn awer alles Schüler, déi herno d'Chargéë manner hunn. Well et ewell eng Gratuitéit ass, do si jo Kanner, entweder se kommen oder se kommen net, an da soen d'Elteren et kascht jo näischt, du brauchs net méi ze goen. Da sëtzt op eemol de Chargé do mat vill manner Schüler. A wann do d'Gemeng wierklech dran ass, dass se op eemol eng Réduction de tâche maachen, da fannen ech dat net gerecht. Well et muss een ëmmer bedenken, dat sinn Enseignanten, si gi jo och Enseignant genannt a schaffen ënnert dem Logo vun der Educatioun. Wann ech elo de Verglach maache mat de Schoulmeeschteren, ob déi elo 8, 10 oder 15 Kanner an der Klass hunn, dat ass egal, de Loun ass ëmmer dee selwechten. Hei kéint eng Gemeng higoen a soen, du hues esou vill manner Kanner, mir huelen dir esou vill ewech an ech mengen dat ass eng Saach, do musse mir awer ganz gutt oppassen. Dee Saz gëtt ze denken an do musse mir oppassen, dass mir deen net sollen änneren an der ganzer Organisation scolaire, dass mir do awer musse kucke fir sozial ze bleiwen. An der Lescht war dat net esou, mä et gëtt alles vill mei kloer an et gëtt alles vill méi kontrolléiert an ech sinn awer der Meenung, dass mir do sollen oppassen. Dat ware just meng Punkte wou mir wierklech um Häerz leien.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Et ass, mengen ech, elo hei ëffentlech gesot gi wou Saache sinn, déi een sech kann iwwerleeën oder diskutéieren. Eis Schäffin kuckt dat och mam Direkter. Et ass ëmmerhin deen Nämmlechte wéi nach virdrun. An dem Sënn huet jo näischt geännert. Et sinn och nach Elementer déi nach net dra sinn, wéi dat mam Handy elo. Virdrun hat dir d'Responsabilitéit an do war et och net dran. An ech mengen hei geet et elo net op ee Joer un. Mir huelen dat doten elo mat. D'Decisioun ass majoritär geholl ginn an ech fannen, dass et ee gutt Reglement ass. Dat hei si kleng Detailfroen, déi kann een dann diskutéieren. Wéi gesot, d'nächst Joer wäerte mir dat da gesinn.

Ech sinn awer net der Meenung, dass een d'Leit soll forcéieren, ech fannen de "peuvent" besser wéi de "seront", muss ech éierlech och soen. Dir hätt et jo och scho kënnen deemools änneren. Mä gutt, kommt mir kucken elo no vir. Mir huele Kenntnis vun deem, wat dir elo gesot hutt, a kucken dann nächst Joer wat mir do kënne maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

### Affaires sociales.

Convention avec les associations «ProActif SARL» et «Association des Musée et Tourisme Ferroviaires (AMTF Train 1900) ASBL» relative à la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

### Affaires sociales.

Démission d'un membre du conseil d'administration de l'Office Social – information.

**Brecht Guy, Schäffen:**

Mir hunn d'Demissioun vum Här Robert Polfer virleien aus dem Office social. De Roby ass leider gesondheetlech net méi esou gutt drop an de Roby war Member vum Office social vum 11. Mäerz 2002 un. Dat ass eng ganz laang Zäit an ech menge mir kënnen alleguerten dem Roby villmools Merci soen, wat hien am Déngscht vun deenen Äermste gemaach huet.

**Mellina Pierre (CSV):**

Ech mengen ech war, an den Här Buergermeeschter war och, dobäi wou den Här Polfer 2002 an den Office social komm ass. A wéi den Här Brecht et sot, huet hie ganz laang ganz gutt Aarbecht do gemaach. Ech mengen, hie war och den Doyen vun der ganzer Equipe, well hien nach ënnert dem ale Regime – wou den Office social nach méi no un der Gemeng ugegliddert war wéi elo wou et en Etablissement public ass – säitdeem ëmmer dobäi war an eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet. Ech mengen am Numm vun eiser Fraktioun, der CSV, géife mir dann och nach eng Kéier ee grousse Merci soe fir all déi Aarbecht, déi hie gemaach huet a mir géifen him eng gutt Pensioun wënschen, déi hien elo verdéngt huet.

**Il est pris acte de la démission de M. Robert Polfer comme membre du conseil d'administration de l'Office Social à partir du 21.12.2023.**

## 5.3.

### Affaires sociales.

Approbation du budget rectifié de 2023 et du budget de l'exercice de 2024 de l'Office social – décision.

*Explications par M. Guy Brecht, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.4.

### Affaires sociales.

Aide financière de 7.500,00 euros pour soutenir le projet de l'Organisation non gouvernementale de Développement «Action Solidarité Tiers Monde ASBL» au Togo – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Hei ass eng Saach déi all Joers zeréck kënnt. Am Kader vum Klimabündnis hu mir an eisem Budget «Aides au Tiers Monde» 30.000 € virgesi fir den ONG'en ze hëllefen. Wéi all Joer hu mir eng ganz Rëtsch vun Demanden erakritt an dëst Joer hu mir eis der véier erausgesicht. Ech fänke mat deem éischten un, dat ass d'ASTM, Action Solidarité Tiers Monde, déi mir all Joers dobäi hunn. Si hunn eis e Projet am Togo proposéiert, wou iwwer 200 Fraen, Member vu 6 Cooperativen, sech asetzen an dovu profitéieren. Mir géife proposéiere fir hinne 7.500 € zoukommen ze loosse vun deem Budget, dee mir disponibel hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.5.

### Affaires sociales.

Aide financière de 7.500,00 euros pour trois projets de l'Organisation non gouvernementale de Développement «Pharmaciens Sans Frontières Luxembourg ASBL» au Bénin, au Sénégal et au Népal – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

An deem selwechte Kader ass hei eng Demande erakomm vun «Pharmaciens Sans Frontières Luxembourg ASBL», déi am Benin, am Senegal an am Nepal dem Developpement hëllefen. Si hunn eis eng Opstellung erageschéckt, déi dir och konnt kucken. An dofir wiere mir frou wann de Gemengerot och hei mat 7.500 € dëser Organisatioun ënnert d'Äerm géif gräifen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.6.

### Affaires sociales.

Aide financière de 7.500,00 euros pour soutenir le projet de l'Organisation non gouvernementale de Développement «PADEM ASBL» au Pérou – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

An och hei an deem selwechte Kader an och Budget, proposéiere mir der Associatioun PADEM 7.500 € z'accordéieren, fir hinne bei hirem Projet am Peru ze hëllefen. D'Beneficiairë sinn 140 Kanner an 80 Famille vun den Dierfer aus dem Departement Cusco am Peru. Hei geet et ëm de Bau vun enger Spillschoul, dem Renforcement des compétences des femmes, dem Reboisement, der Sécurité alimentaire et maraîchage bio. Ech bieden de Gemengerot fir dëst esou ofzestëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.7.

### Affaires sociales.

Aide financière de 7.500,00 euros pour vingt-neuf projets de l'Organisation non gouvernementale de Développement «SOS Villages d'Enfants Monde Luxembourg ASBL» – décision.

**Agostino Maria, Schäffin:**

Mir kommen zu der leschter Propos an dësem Budget. Hei geet et ëm d'Organisatioun «SOS Villages d'Enfants Monde Luxembourg ASBL». D'Beneficiairë sinn iwwer 30.000 Kanner, Jonker an Erwuessener. Et sinn 29 Projeten a 16 Länner. Mir proposéieren och hei 7.500 € a froen de Gemengerot fir dëst z'approuvéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2024 – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dëst ass och en Exercice, dee mer all Joer frësch maachen. An et kann een dëst Joer feststellen, datt mer par rapport zu deene viregte Joren, déi Lëscht immens gekierzt hunn. Soss hate mer ganz vill Fräi Nuechten hei an der Gemeng a mir hunn domadder opgehale well mer gesot hunn, datt et onsënneg ass, datt all Duerf bei all Kiermes Fräi Nuechten hunn. Et ass kee Mënsch méi, deen haut d'Kiermes feiert wéi fréier. Fréier war et deen Dag, wou d'Leit erausgaange sinn an dofir waren et du Fräi Nuechten. Dat hu mer alles ewechgeholl. Mir hunn nach just – e bësse wéi dee Modell vun

der Stad Lëtzebuerg – bei Saache gratis Fräi Nuechte gemaach, déi wichteg sinn, an zwar samschdes beim Carnaval, samschdes a sonndes op Halleffaaschte wou mer eis Kavalkad hunn, op eisem Nationalfeierdag an op deenen Deeg ronderëm Chrëschtdag a Sylvester.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech wollt just nach eng Kéier froen, ob vill Caféen oder Restauranten, wann se Feieren hunn, nach ëmmer Fräi Nuechten ufroen. Well déi hu jo soss ëmmer missten op der Gemeng ugefrot ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Et sinn ëmmer déi selwecht Caféen, déi Fräi Nuechte froen. Ech hunn och déi selwecht Logik bäibehale wéi mäi Virgänger. Dat heescht, wann alles an der Rei ass, da kréien se Fräi Nuechten. A wann ze vill Zirkus gemaach gëtt, wou d'Leit reklaméieren, da kréien se keng méi.

Just hei si mer zeréckgefuer. Well wa mer der vill haten, da konnten déi Caféen, mat deene mer Problemer haten, automatesch eng Fräi Nuecht kréien. An dat ass elo net méi de Fall. An dofir ass dat heiten am Fong geholl och eng Moossnam fir d'Liewensqualitéit vun de Bierger an eiser Gemeng. Well et muss ee wierklech punktuell froe fir eng Fräi Nuecht ze kréien.

**Ecker Jean-Pierre (Piraten):**

Déi blann Fräi Nuechten, ginn et déi nach ëmmer? Wou de Wiert selwer kann decidéieren, wéini en eng Fräi Nuecht ka maachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Jo, déi ginn et nach ëmmer.

**Accord à l'unanimité. M. Welter Christian, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 7.1.

### Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «A Stacken», à M. Skrijelj Admir et Mme Ramcilovic Eldina – décision.

*Explications par M. André Dias Martins, échevin.*

*Le vente du terrain avec une contenance de 4,11 ares se fait au prix total de 184.950,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.2.

### Propriétés.

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,08 are) sis à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part de M. Jules Weber – décision.

*Explications par M. André Dias Martins, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.3.

### Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue des Près», de la part de Mme Christiane Schreiner – décision.

*Explications par M. André Dias Martins, échevin.*

*L'acquisition du terrain avec une contenance de 0,11 are se fait au prix de 82,50 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence temporaire de la circulation routière à Rodange, route de Longwy – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*Dans le cadre du chantier de la gare de Rodange, des travaux de raccordement aux réseaux publics et la construction d'un voile en béton dans la route de Luxembourg (N5), à la hauteur de l'intersection avec l'avenue Dr Gaasch, auront lieu à partir du 13.11.2023 et pour une durée estimée à 6 semaines.*

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech hätt just eng allgemeng Fro zum Schantjen op der Rodanger Gare. Ech sinn e Samschdeg nämlech zu Fouss op d'Gare gaangen, ma wat ass dann do mat de Foussgänger-sträife geschitt? Sinn déi falsch ugeleuecht ginn oder wat ass do geschitt? Well iergendeppes ass do schif gelaf. Ech wollt beim Pütz iwwert d'Strooss goen an um Trottoir sinn se scho richteg agezeechent fir déi Seebehënnert. Wann do awer e Seebehënnerten e Samschdeg iwwert d'Strooss gaange wier, da wier e riicht an de Gradin an an de Gruef gerannt. Well do geet kee Foussgängersträife virun. Ech hunn elo de Mëtteg opgepasst, wou ech laanscht gefuer sinn, elo hunn se do zougesat, datt keen do iwwert d'Strooss kënnt. An elo hunn si en iergendzwousch aneschters verluet. Och wann ee vum Bus kënnt – wou de Busarrêt ass – ass och esou eppes. Iergendwéi ass do eppes mat de Foussgängersträife schif gelaf. Ech weess net, wien do Schold ass, mä gitt iech dat ukucken.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir schwätzt vun enger anerer Plaz wéi déi, wou mer elo hei d'Reglement huelen. Dat doten huet elo näischt direkt mam Reglement ze dinn, well dir schwätzt vun enger anerer Plaz. Dir hutt awer Recht, do sti Barrièrë virdrun, fir datt d'Leit net kënnen do eriwwer goen. Mä do ginn et och ëmmer där Helden – ech nennen se bewosst esou – déi mengen, si missten déi Barrièrë réckelen. Do um Eck, wou dir gesot hutt, ass et verbueden iwwert d'Strooss ze goen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Mä do waren e Samschdeg keng Barrièren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech fuere jo all Dag do laanscht. Si stinn nach do. Et ass just, datt d'Leit se réckelen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Si kënnen dach net déi ganz Barrièrë réckelen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir schwätzt vun där Plaz beim Restaurant. A beim Reglement schwätze mer vun enger anerer Plaz, an zwar vun der Intersectioun mat der Avenue Dr Gaasch an der Haaptstrooss. An dir schwätzt vun der Plaz uewe beim Restaurant, wou den Assureur och wunnt. Dat sinn zwou verschidde Saachen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et si vläicht zwou verschidde Saachen, mä dat gehéiert jo alles zesummen. Do misst een awer vläicht kucken, mat deene Foussgängersträifen, net datt dat nach eng Kéier virkënnt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wann der gesitt, da stinn och do verschidde Schëlter, wou et fir d'Foussgänger verbueden ass ze treppelen. Natierlech hu mer och do ganz vill Leit – fir net ze soen de Gros – déi di Schëlter ignoréieren. Am Prinzip ass et virgesinn, fir bei der Gare eriwwer ze goen an déi aner Säit op der Héicht vum Rathse Léini. Dat sinn u sech déi zwou Plazen, wou et virgesinn ass eriwwer ze goen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Ech mengen, mir halen elo op mat deem Zwigespréich hei. Well et gëtt Form a Fong. Éischtens, wat d'Form ugeet, esou geet et net, datt dir matenee schwätzt. Mir sinn am Gemengerot an normalerweis – a mäi Virgänger huet dat och gemaach – ass et de Buergermeeschter, deen de Debat hei leet an net iergendeen aneren. Et freet een sech d'Wuert an da kritt een et an da schwätzt een iwwert de Sujet.

Et ass gutt, datt mer d'Problematik elo kennen. Mir kucken dat doten an da gesi mer wat ass a wat net ass. D'Tatsaach ass, datt e Problem besteet. Do si mer eis eens driwwer. A fir eis elo do d'Schold ze ginn, dat wier och net déi richteg Approche. Et si jo Staatsstroossen an et muss een dat kucken. Mir hunn elo Kenntnis dovunner an eis Bierger hu jo och elo nogelauschtert an déi wëssen och elo, datt mer Kenntnis vun deem Problem hunn a mir kucke fir deen ze léisen.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

### Point supplémentaire.

Point supplémentaire porté à l'ordre du jour sur la demande du parti politique Piraten, concernant la mise en place d'un Pedibus dans la commune de Pétange - décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu der Demande, déi mer kritt hu vun der Piratepartei fir e Punkt op den Ordre du jour ze huelen. Wat de Prinzip ugeet, fir en eropzehuelen, dee gëtt et. Och den Delai, wou der dat eragereecht hutt, ass an der Rei. Dat eenzegt, wat der net gemaach hutt ass, datt der dat Ganzt net motivéiert hutt. Theoretesch kënnt e Punkt, deen net motivéiert ass, net op den Ordre du jour.

Mir hu gesot, well et déi éischte Kéier ass, wou mer esou eppes hunn, an et sinn nei Leit, déi heibanne sinn, datt mer dës Kéier duerch d'Fangere kucken. Ma just dës Kéier kucke mer duerch d'Fangeren. Déi nächste Kéier, wann der e Punkt gären op den Ordre du jour hätt, musst der e motivéieren.

Mir huelen also de Punkt haut op den Ordre du jour a ginn iech d'Wuert.

**Bernard Chris (Piraten):**

Merci Här Buergermeeschter. De Pedibus ass e Projet, dee schonn a villen anere Gemenge stattfënnt. An ech wëll mech nach eng Kéier kuerz erklären. Effektiv hätt ech mech do e bësse besser missten ausdrécken. Et geet doréms, datt bestëmmte Kanner zu Fouss an d'Schoul ginn. Esou ass et och de Fall an eiser Gemeng. Ech wollt emol e puer Beispiller erauspicken, wou e Pedibus Sënn géif maachen, an duerno géif ech och op d'Wichtegkeet agoen.

Ech probéiere fir mech e bësse kuerz ze halen, well et jo trotzdeem um Schluss vun der Séance ass. Also zu engem ass et esou, datt eis Park-Schoul, déi direkt hei bei der Gemengeplaz ass, do sinn dann d'Kanner déi u sech an d'Park-Schoul ginn, vun der Biff aus un, respektiv nach en Deel vum Péiteng Zentrum, an déi kréie kee Bus zur Verfügung gestallt fir dann dohinner ze goen. Dat heescht, déi Kanner mussen dann duerch déi ganz Schoulsaison zu Fouss an d'Schoul kommen, an dat och an der däischterer Saison an där mer elo grad sinn.

De Pedibus hat ech mer am Konzept iwwerluet, well ganz vill Elteren aner Kanner mathuelen an do hunn ech mer d'Fro gestallt, ob dat effektiv securiséiert genuch ass, ob do eng Haftflicht dréit an ech hu mer d'Konzept vun deem ganzen einfach a Fro gestallt. An ech hu mech gefrot, ob d'Gemeng net do kéint ee klenge Geste maachen an deem Sënn, datt ee motivéiert Leit an engem gewëssene Quartier kéint recrutéiere fir d'Kanner sécher an d'Schoul ze bréngen.

Sécher an d'Schoul bréngen, wat bedeit dat? Ma engersäits richteg iwwer d'Strooss goen. D'Park-Schoul ass vläicht net e Beispill, mä dir wësst, datt mer bei der Eigent-Schoul déi selwecht Situatioun hunn, wou ganz vill Kanner zu Fouss an d'Schoul musse kommen. An déi Däbbesse lafen dann esou iwwert d'Strooss. Dat heescht, d'Ustoussungsgefor ass grouss. Zweetens wësst der – och wann et Gott sei Dank seelen ass – Crime geschéien a wou e Jong oder Meedche matgeholl gëtt. An dat ass déi grausaamste Virstellung fir e Papp oder eng Mamm. Dat heescht, do hätt een dann eng Protektioun u sech an zweetens, déi Kanner géifen dann ënner anerem de Bus vun der Gemeng entlaaschten an et géif déi Parksituatiounen, déi mer all Dag gesinn, och erliichteren. Well vill Eltere kommen da mam Auto extra bei d'Schoul fir just hir Däbbessen dann eraus-zeloossen, wat u sech engersäits net ganz wënschenswäert ass, well ech permanent eis Agents municipauxe gesinn. Wat jo och zu Recht ass, well se falsch parken an d'Securitéit an der Schoul ebe schlecht maachen an deem Sënn.

Dat wieren zum Beispill meng Motive gewiescht fir de Pedibus anzeféieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Wéi gesot, dir hätt dat och kënnen an ärer Demande mat dra schreiwen. Dir hutt et elo gesot an et ass och gutt, datt der déi Problematik uschwätzt, mä dat ass fir eis net iwwerraschend. Et ass éischter eng Bestätegung vun deem, wéi d'Situatioun ass. Nämlech déi, dass mer eis intensiv domadder beschäftegen, wierklech. Am Kader vun den Diskussioune fir d'Majoritéit an och fir d'Zukunftsprogrammen huet den André Martins a senger Féierung eis dee ganze Beräich do undiskutéiert an hie kann iech och elo e puer Saache soen. Also mir sinn déck am gaangen dorunner ze schaffen. Dofir ass och är Resolutioun fir e Pedibus – esou wéi een dat ëmmer esou flott an der Chamber seet – superfétatoire. An dat, well de Pedibus an eiser Gemeng soll agefouert ginn. Mir sinn am gaange fir en anzeféieren. En ass just nach net um Terrain do. An den Här Martins erkläert elo, wat um Terrain leeft. An an deem Sënn kënne mer och duerno, wann der gären e Vote hätt, net matstëmmen. Well mir sinn am gaangen dat ze maachen. Den Här Martins erkläert iech dat elo.

**Martins Dias André, Schäffen:**

Merci fir d'Wuert. Ech mengen, an deenen Ausféierungen, déi der elo gemaach hutt, si mer alleguerten hei ronderëm den Dësch averstanen, dass dat e flotten Outil wier, fir eise Kanner u sech an deem Sënn de Schoulwee méi sécher ze gestallten. Et ass esou, dass an der Vergaangenheet schonn eng Kéier en Ulaf probéiert gi war, an deen Ulaf huet awer éischter baséiert op d'fräiwëlleg Participatioun vu Leit, déi dann d'Kanner sollte begleeden op hirem Schoulwee.

Wéi sech do erausgestallt huet, war de Problem eben deen, datt een net genuch Volontairë fonnt huet fir dat ze maachen. Mir sinn awer als Schäfferot gewëllt, fir deen Challenge nach eng Kéier unzegoen a mat all de bedeelegten Acteuren ze schwätzen, fir ze kucke fir do eng Léisung ze fannen.

De Moment ass et nach verfréit fir Detailer ze ginn, well do nach mat enger ganzer Rei vun Acteure muss geschwat ginn. Mä esoubal mer do eppes hunn, wäerte mer net zécke fir domadder an de Gemengerot ze kommen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat dote wäert warscheinlech eng Aktioun ginn, déi eppes wäert kaschten, an dofir wäert bei de Budgetsdiskussiounen nach näischt dra sinn, well mer am gaange sinn dat Konzept opzebauen. Dat heescht, mir si wierklech um Wee dohinner an ech ka mer virstellen, datt mer an engem Joer esouwäit sinn. An deem Sënn ass är Resolutioun hifälleg. Wann der se gäre wëllt ofstëmmen, da kënne mer se ofstëmmen. Mä mir sinn am gaangen drun ze schaffen. An deem Sënn war et och gutt a schlecht. Dat heescht, dir hat iech net gutt presentéiert, mä mir hu gesot, datt mer et awer op den Ordre du jour huelen. Well dat, wat se froen ass och eist Uleies. Esou datt mer zesummen hei um richtege Wee sinn. Dat ass ëmmer ganz gutt an dat mécht mer scho Freed.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech wollt der Piratepartei Merci soen, dass si déi Resolutioun eraginn hunn. Well mir streide jo als DP scho jorelaang fir dee Pedibus. Vun do un datt ech dobäi sinn, hätte mir gären dee Pedibus an et ass ëmmer gesot ginn, dass et net méiglech ass. Ech hu jo och scho gesot, datt et net méiglech ass Leit ze huelen, déi dat benevole maachen. Well dat geet net, well déi Leit mussen assuréiert ginn. Ech weess dat duerch d'Suessemer Gemeng, well ech do eng Bekannten hunn, déi dat mécht. An dofir wier ech ganz frou wa mir dann awer elo op dee Wee géife goe fir de Pedibus, geséchert an net benevole, anzeféieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Dat ass genee dat, wat den Här Martins elo gesot huet. A mir féieren et sécher an, well mir hunn dat wierklech intern schonn diskutéiert.

**Mellina Pierre (CSV):**

Ech hunn d'Chance scho laang kënnen dobäi ze sinn. D'Madamm Conter ka mer dat och confirméieren. Well all déi Iddien, déi elo hei kommen, si schonn 10, 15 Joer hei am Gespréich. Och déi vun der Assurance ass am Gespréich an trotzdeem ass keng Persoun fonnt ginn, déi et wëll maachen. Ech hoffen, datt dir méi Chance hutt, wéi bei deem, wat mir an de leschte Jore gemaach hunn. An dofir sinn ech net esou ganz frou – ech akzeptéieren, datt mer dat haut elo diskutéieren – datt dee Punkt haut hei net korrekt op den Ordre du jour komm ass. Ech hoffen, datt mer an Zukunft dann och Punkten op den Ordre du jour kréien, wou mer dann och kloer gesot kréien, wéi der iech dat virstellt. D'Madamm Bouché huet elo just gesot, mat enger Assurance. An da kommt, mir probéieren emol a soen de Leit, wann der wëllt, dir maacht dat a mir assuréieren iech. Dat hate mer scho probéiert an do hat sech exactement kee gemellt.

Elo kënne mer kucken, wat mer nach supplementar kënne maachen zu där Saach. Well d'Assurance wäert warscheinlech net duergoen. Da musse mer kucken, ob mer déi Leit remuneréieren, an da musse mer kucken, ob mer e Contrat de travail mat deene Leit maachen oder net. All déi Saache wier ech elo frou gewiescht, wann an där Propositioun och eng Iddi komm wier. Fir einfach ze soen, mir fuerderen e Pedibus, dat fuerdere mer elo schonn, wéi d'Madamm Bouché gesot huet, 12, 13 Joer. Et ass um Detail wou et happert. An dofir mengen ech, datt mer et nach eng Kéier solle probéieren. Mä mir mussen eis awer bewosst sinn – an dat soen ech iech haut – wa mer déi Leit net remuneréieren, wann déi Leit net iergendwéi an enger Form eng Remuneratioun kréien, da wäert et eis goe wéi déi Jore virdrun, datt mer en Appell maachen an datt mer exactement kee kréien. Mä ech mengen awer, wann den Här Bernard seng Propositioun gemaach huet – hien huet jo och Kanner an der Primärschoul – da kéint hie jo schonn emol mam beschte Beispill virgoen a schonn emol vläicht een Deel Pedibus vun der Waxweiler Millen erof assuréieren. Dann hätte mer schonn en Ufank. Well dat war ëmmer dat, wat mer gesicht hunn, an zwar ee Mann oder eng Fra ze fannen, déi den Ufank gemaach hätten. Hei wier elo eng gutt Geleeënheet, fir als Conseiller dat dann och ëmmer Beweis ze stellen.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Merci fir dee Kommentar. Ech wëll nach eng Kéier soen, mir ware «bienveillant». An ech wëll nach eng Kéier soen, genau dat, wat mäi Virgänger, den Här Mellina gesot huet, si mer am gaangen ze maachen. Mir wëssen, datt et net méi «aux frais de la princesse» ze maachen ass. Dat heescht, mir mussen do Sue virgesinn.

Et wier flott gewiescht, wann der eis gesot hätt, wat är Iddie sinn. Dir hutt eng Iddi opgeworf, ma déi nächste Kéier musst der déi Iddi och developpéieren.

Mir waren haut fein an hu gesot, mir huelen dat op den Ordre du jour. Mä an Zukunft – an dat zielt fir all d'Parteien heibannen – wann se gären eppes op den Ordre du jour hätten, da sollen se dat anstänneg preparéieren.

Domadder wiere mer da fäerdeg, oder hätt der gären e Vote?

**Bernard Chris (Piraten):**

Neen, mir verzichten op de Vote.

**Halsdorf Jean-Marie, Buergermeeschter:**

Domadder ass dee Punkt dann ofgeschloss.

# Gemeinderatssitzung vom 27. November 2023

**Anwesend:**

**Halsdorf Jean-Marie**, Bürgermeister (CSV)
**Mertzig Romain**, 1. Schöffe (LSAP)
**Martins Dias André**, 2. Schöffe (CSV)
**Brecht Guy**, 3. Schöffe (LSAP)
**Agostino Maria**, 4. Schöffin (CSV)

**Barnabo Nicolo** (LSAP)
**Birtz Gaby** (LSAP)
**Conter-Klein Raymonde** (CSV)
**Mellina Pierre** (CSV)
**Welter Patrick** (LSAP)

**Agostino Barbara** (DP)
**Bernard Chris** (Piraten)
**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)
**Ecker Jean-Pierre** (Piraten)
**Monteiro Teresa** (Piraten)
**Welter Christian** (Piraten)

**Abwesend und entschuldigt:**

**Arendt Patrick** (CSV)
**Becker Romain** (déi gréng)
**Scheuer Romain** (déi gréng)

### 1. - Personal.

Die Punkte 1.1 bis 1.6 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Gemeindebeamten (m/w) in der Gehaltsgruppe A2, Verwaltungsgruppe, für das Amt für Kultur und Kommunikation - Beschluss.

Frau Véronique Biver aus Rodange wird als Gemeindebeamtin ernannt.

### 2. - Kommunikation.

Mitteilungen des Schöffenrates.

Bürgermeister Jean-Marie Halsdorf gibt Auskunft darüber, dass ein Audit in Bezug auf den Betrieb der Regiebetriebe durchgeführt wird und dass eine Stellenausschreibung gestartet wird um einen Beamten oder Gemeindeangestellten in Vollzeitbeschäftigung für das Gemeindesekretariat einzustellen.

### 3.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in Höhe von 1.967.357,12 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Hausordnung des Gemeinderates: 2. Lesung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Hausordnung des kommunalen Ausschusses für interkulturelles Zusammenleben - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerung der beratenden Ausschüsse (Einwohner) – Beschluss.

<u>Ausschuss für kulturelle und touristische Angelegenheiten, für Musik- und Kulturfeste (2 Posten)</u>

1. Posten – Abstimmungsresultat:
- Barbosa Freire Nathalie: 0 Stimmen
- Da Silva Rodrigues Laura Maria: 0 Stimmen
- Da Silva Neves Sonia: 0 Stimmen
- Rodrigues Yannick: 16 Stimmen (gewählt)
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

2. Posten – Abstimmungsresultat:
- Barbosa Freire Nathalie: 16 Stimmen (gewählt)
- Da Silva Rodrigues Laura Maria: 0 Stimmen
- Da Silva Neves Sonia: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

<u>Ausschuss für Wirtschaft und lokale Geschäftswelt (2 Posten)</u>

1. Posten – Abstimmungsresultat:
- Jaerling Eric: 16 Stimmen (gewählt)
- Laurent Eric: 0 Stimmen
- Thümmel Jean-Claude: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

2. Posten – Abstimmungsresultat:
- Laurent Eric: 16 Stimmen (gewählt)
- Thümmel Jean-Claude: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

<u>Ausschuss für Familie, Drittes Alter und Menschen mit Behinderung (2 Posten)</u>

1. Posten – Abstimmungsresultat:
- Charles Elsie: 0 Stimmen
- Ferreira Camilo: 16 Stimmen (gewählt)
- Ribeiro Silvia: 0 Stimmen
- Thoma Jean-Claude: 0 Stimmen
- Trichies Antoinette: 0 Stimmen
- Wagner Ronald: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

2. Posten – Abstimmungsresultat:

- Charles Elsie: 0 Stimmen
- Ribeiro Silvia: 12 Stimmen (gewählt)
- Thoma Jean-Claude: 0 Stimmen
- Trichies Antoinette: 0 Stimmen
- Wagner Ronald: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 4 Stimmen

Ausschuss für Finanzen, Haushalt und Verordnungen (2 Posten)

1. Posten – Abstimmungsresultat:

- Kneip Marc: 16 Stimmen (gewählt)
- Thümmel Jean-Claude: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

2. Posten – (einzige ausstehende Kandidatur), Abstimmungsresultat:

- Thümmel Jean-Claude: 12 Ja-Stimmen und 4 Gegenstimmen (gewählt)

Jugendausschuss (2 Posten)

1. Posten – Abstimmungsresultat:

- Bertolini David: 0 Stimmen
- Fonseca Monteiro Mirlène: 16 Stimmen (gewählt)
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

2. Posten – (einzige ausstehende Kandidatur), Abstimmungsresultat:

- Bertolini David: 12 Ja-Stimmen und 4 Gegenstimmen (gewählt)

Ausschuss für Sport und Freizeit (2 Posten)

1. Posten – Abstimmungsresultat:

- Conzemius-Ridlesprige Josianne: 12 Stimmen (gewählt)
- Da Silva Neves Sonia: 0 Stimmen
- Remy Nicolas: 0 Stimmen
- Rodrigues Yannick: 4 Stimmen
- Trichies Antoinette: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

2. Posten – Abstimmungsresultat:

- Da Silva Neves Sonia: 0 Stimmen
- Remy Nicolas: 12 Stimmen (gewählt)
- Rodrigues Yannick: 4 Stimmen
- Trichies Antoinette: 0 Stimmen
- Keiner der Kandidaten: 0 Stimmen

### 3.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ernennung der Mitglieder des Klimateams, das im Klimapakt 2.0 vorgesehen ist - Beschluss.

Einstimmig wurden Herr Arendt Patrick, Frau Birtz Gaby, Frau Bouché-Berens Marie-Louise, Herr Scheuer Romain, Herr Welter Christian, Herr Welter Patrick (alle Gemeinderatsmitglieder) sowie Frau Couto Paula, Frau Klein Valérie, Herr Rodrigues Yannick (alle Bürger und Bürgerinnen) als Mitglieder des Klimateams im Klimapakt 2.0 ernannt.

Einstimmig wurde Schöffin Agostino Maria zur Präsidentin des Klimateams im Klimapakt 2.0 ernannt.

Die Mitglieder des technischen Bereichs im Klimateam wurden zur Kenntnis genommen. Es sind dies Herr Breyer Serge (Amt für Kultur und Kommunikation), Herr Kipchen Marc (technischer Koordinator im technischen Amt), Frau Kolber Carine (Beraterin), Herr Linden Claude (Sekretär, Umweltamt), Herr Majerus Samuel (spezialisierter Berater).

### 3.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Anpasste Nutzungsbedingungen des PBus - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erster Zusatz zur Konvention mit dem Ministerium für nationale Bildung, Kindheit und Jugend in Bezug auf die finanzielle Teilnahme an den Baukosten der neuen Musikschule in Petingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Schneeklassen: Abstimmung über einen Zusatzkredit von 55.000 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.9. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerung der ehemaligen Büroräume von Help für das Amt für Kultur und Kommunikation im Verwaltungsgebäude in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *127.605,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *130.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *122.473,61 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 3.10. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Instandsetzungsarbeiten an der Südfassade des Verwaltungsgebäudes in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *25.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *25.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *21.622,40 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 3.11. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Mobilitätskonzept: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *181.358,30 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *0,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *128.512,47 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 3.12. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Installation einer neuen LED-Beleuchtung auf den Tennisfeldern in der rue de Linger in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *40.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *40.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *30.354,30 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 3.13. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Modernisierung der Steuerung des Schwimmbades in Petingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *70.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *70.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *59.814,23 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 3.14. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichtung einer touristischen Unterkunft im Rahmen der Aufwertung der Minetteregion: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

| | |
|---|---|
| *Gesamtkredit:* | *820.859,72 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtkostenvoranschlag:* | *800.000,00 € (inkl. MwSt.)* |
| *Gesamtausgabe:* | *785.114,05 € (inkl. MwSt.)* |

Beschluss einstimmig.

### 4. - Musikunterricht.

Definitive Organisation des Musikunterrichts für das Jahr 2023/2024 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.1. - Soziales.

Konvention mit den Vereinigungen „ProActif SARL“ und „Association des Musée et Tourisme Ferroviaires (AMTF Train 1900) ASBL“ zwecks Wiedereingliederung von Arbeitslosen auf den Arbeitsmarkt – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.2. - Soziales.

Rücktritt eines Vorstandsmitglieds des Sozialamtes - Beschluss.

Der Rücktritt von Herr Robert Polfer als Vorstandsmitglied des Sozialamtes ab dem 21.12.2023 wird zur Kenntnis genommen.

### 5.3. - Soziales.

Bewilligung des rektifizierten Haushalts 2023 sowie des Haushalts für das Jahr 2024 des Sozialamtes - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.4. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 7.500 € zur Unterstützung des Entwicklungsprojektes der Nichtregierungsorganisation „Action Solidarité Tiers Monde ASBL“ in Togo - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.5. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 7.500 € zur Unterstützung von 3 Entwicklungsprojekten der Nichtregierungsorganisation „Pharmaciens Sans Frontières Luxembourg ASBL“ in Benin, Senegal und Nepal - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.6. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 7.500 € zur Unterstützung des Entwicklungsprojektes der Nichtregierungsorganisation „PADEM ASBL“ in Peru - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.7. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 7.500 € zur Unterstützung von 9 Entwicklungsprojekten der Nichtregierungsorganisation „SOS Villages d'Enfants Monde Luxembourg -ASBL“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Öffentliche Ordnung.

Verlängerung der Öffnungszeiten der öffentlichen Ausschänke bei Gelegenheit einiger Feste oder Feierlichkeiten in 2024 - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Welter Christian hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 7.1. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „A Stacken“ in Rodange an Herrn Skrijelj Admir und Frau Ramcilovic Eldina - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.2. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Charlotte“ in Rodange von Herr Jules Weber - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.3. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue des Prés“ von Frau Christiane Schreiner - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Zusatzpunkt.

Zusatzpunkt - in Bezug auf die Einführung eines Pedibus - welcher auf Anfrage der politischen Partei Piraten auf die Tagesordnung genommen wurde - Beschluss.

Es fand keine Abstimmung statt.

# Questions des conseillers communaux

# Réponses du collège des bourgmestre et échevins




**Question écrite du 08.11.2023 de M. Jean-Pierre Ecker (Piraten):**

Betrëfft: Fussballsterrain zu Rodange

Den 29. Oktober 2023 war ee Fussballmatch am Stade Jos Philippart ofgesot ginn, well zu deem Moment ze vill Waasser um Terrain war. Et war net déi eenzeg Kéier, dass dëst geschitt ass: an deene leschte Woche konnt ech e puer Mol nom sëllege Ree selwer feststellen, dass d'Waasser net propper ofleeft an d'Sportsaktivitéiten deemno net kënne stattfannen.

Dëst ass erstaunlech, well hei nach extra een neien Drainage-System agebaut gouf, deen ëmmerhin eng 60.000 € soll kascht hunn.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech follgend Froe stellen:

1. Fir wéi laang wäert den aktuelle Waasserproblem d'Aktivitéiten um Terrain belaaschten a kann de Sportschäffe bestätegen, dass an Zukunft nach Sporteventer wäerte mussen annuléiert ginn?
2. Wat wäert de Sportschäffen ënnerhuelen, fir de Problem vum Drainage um Terrain vum Stade Jos Philippart ze léisen an zukünfteg Sportaktivitéiten um Terrain net "an d'Waasser falen ze loossen"?
3. Wéi eng zousätzlech Käschte wäerten ufalen, fir den Drainage vum Terrain an d'Rei ze setzen? Wäert d'Gemeng dës Käschten iwwerhuelen oder wäert d'Societéit, déi den Drainage installéiert hat, dofir opkommen?
4. Wéi laang sollten d'Sportsveräiner aplangen, bis d'Aarbechte vum Drainage komplett ofgeschloss sinn an dëse funktionéiert?
5. Wéi vill Liter Waasser pro Metercarré soll den Drainage kënne bewältegen?

**Réponse écrite du 07.12.2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Är Froen si berechtegt a mir hunn eis déi selwecht Froe gestallt. Säit dës Problemer ugefaangen hunn, si mir am gaangen drun ze schaffe fir Léisungen ze sichen a wäerten Iech och um Lafenden halen.

Bis haut huet d’Gemeng Follgendes ënnerholl:

Eis eege Servicer hunn ëmmer hiert Méiglechst gemaach fir den Terrain bespillbar ze halen, wat awer wéinst de Wiederkonditiounen an de leschte Wochen net ëmmer méiglech war.

Déi betraffe Firma huet eis zur Säit gestanen an ufanks Léisunge proposéiert, wéi zum Beispill den Terrain intensiv ze picken an ze besanden. Leider hunn dës Mesüre bis elo net zu wesentleche Verbesserunge gefouert.

D’Gemeng huet den neien Drainage mat enger Kamera befuere gelooss.

De Schäfferot huet beschloss nëmme 50% vum Montant un déi betraffe Firma ze bezuele bis déi Problemer behuewe sinn.

De 5. Dezember 2023 war déi betraffe Firma eng weider Kéier sur place. Do ass festgehale ginn, dass d’Firma nach zousätzlech Buedemanalyse wäert maache loosse fir déi genee Ursaache vun der Problematik kënnen ze detektéieren. Esoubal d’Konklusioune virleie, wäert d’Gemeng säitens der Firma doriwwer informéiert ginn.

**Question écrite du 13.11.2023 de M. Christian Welter (Piraten):**

Betrëfft: Sozialwunnengen zu Péiteng

An den Zuelen, déi de Buergermeeschter an de Schäfferot an der Äntwert op meng Fro vum 26. Oktober 2022 geliwwert hunn, gesäit een, dass an 10 Joer ronn 178 Wunnunitéiten an eiser Gemeng gebaut goufen, wat ronn 13% vun deem ausmécht, wat gebaut gouf (insgesamt 1.290 Unitéiten).

D'Gemeng selwer huet dobäi ganzer véier Wunnunitéite selwer baue gelooss.

D'Wunnengskris trëfft virun allem déi Leit, déi haut scho finanziell net iwwert d'Ronne kommen. Dofir geet et net nëmmen duer, dass méi gebaut gëtt, mä et muss dofir gesuergt ginn, dass d'Wunnenge bei deene Leit ukommen, déi se brauchen.

Dofir mussen esouwuel de Stat, déi ëffentlech Bauträger, mä och eis Gemeng souwéi all aneren externen Acteur méi Wunnenge fir erschwénglech Präisser verlounen, fir de Leit, déi de Mindestloun oder manner verdéngen, op mannst eng Chance ze ginn, fir hei an der Gemeng kënne wunnen ze bleiwen.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Wunnenge fir sozial Zwecker stinn aktuell an eiser Gemeng?
2. Wéi vill Wunnenge fir sozial Zwecker sinn aktuell fräi an direkt do, fir gehollef ze kréien?
3. Wéi vill vun deene Wunnenge kënnen op mannst vun enger Famill mat zwee Kanner bewunnt ginn?
4. Wéi vill Wunnenge ginn aktuell vun der Agence immobilière sociale Kordall (AISK) verlount?
5. Wéi ass d'Rotatioun bei der Bewunner vu Wunnenge fir sozial Zwecker? Aneschters gefrot, wéi laang ginn d'Wunnenge fir sozial Zwecker am Duerchschnëtt bewunnt?
6. Wéi vill Baugeneemegunge goufen an de leschten 10 Joer vun der Gemeng ausgestallt a wie waren déi fënnef Societéiten, déi als Bauhär am meeschte Baugeneemegungen an eiser Gemeng krut hunn, bzw. déi am meeschte Wunnunitéite gebaut hunn?

## Réponse écrite du 12.12.2023 du collège des bourgmestre et échevins:

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

1. D'Gemeng huet 23 Appartementer an 3 Haiser. 4 Appartementer si fir den Euro symbolique un d'Main-Tendue verlount.
2. Am Moment steet keng vun de Wunnengen eidel.
3. 10 Wunnengen.
4. Den Informatioune vun der AISK no betreit d'Agence aktuell 106 Wunnengen.
5. D'Gemeng féiert keng Statistiken iwwer déi Donnéeën.

   Anescht wéi bei der AISK, déi d'Wunnengen am Prinzip fir ee maximum vun 3 Joer verlount, gëtt bei de Gemengesozialwunnenge kee Bail gekënnegt, soulaang d'Beneficiairen eligibel sinn a keng Propose de résiliation vum Office social virläit.

   Et kann een awer aus de järlechen Adaptatioune vun de Loyeren erausliesen, dat den allergréissten Deel vun de Beneficiairen déi jeeweileg Wunnenge méi wéi 5 Joer bewunnt.
6. Total autoriséiert Unitéiten an 10 Joer: 1.580

| | | |
|---|---|---|
| Dovunner: | Unitéite gebaut: | 1.272 |
| | Unitéiten am Bau: | 234 |
| | Unitéite geplangt: | 74 |

Relevé vun de 5 Bauhäre mat de meeschte Baugeneemegungen an den autoriséierten Unitéiten:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | KALISTA IMMO S.A. | 26 Permisen | Total vun 153 Unitéiten |
| 2. | SNHBM | 12 Permisen | Total vu 76 Unitéiten |
| 3. | ELSA IMMO S.àr.l. | 11 Permisen | Total vun 127 Unitéiten |
| 4. | IMMO FUTURE S.A. | 9 Permisen | Total vun 23 Unitéiten |
| 5. | RODANGE LOTISSEMENT S.A. | 8 Permisen | Total vun 29 Unitéiten |

## Question écrite du 14.11.2023 de M. Christian Welter (Piraten):

Betrëfft: Stroumkonsum an der Gemeng Péiteng - Solarstroum

De Schäfferot a Buergermeeschter huet mer op meng Fro vum 2. Oktober 2023 een Tableau geliwwert, wou drasteet, wéi vill Energie duerch d'Solaranlagen op eise Gemengegebaier eiser Gemeng produzéiert goufen. 2022 goufen esou 438.870,31 Kilowattstonne Stroum produzéiert.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech follgend Fro stellen:

Wéi huet sech de Stroumkonsum (a KWh) vun der Péitenger Gemeng zënter 2020 pro Joer entwéckelt?

## Réponse écrite du 13.12.2023 du collège des bourgmestre et échevins:

An der Annexe fannt Dir eng Lëscht betreffend de Stroumverbrauch vun de Gemengegebaier vun der Péitenger Gemeng zënter dem Joer 2018.

Des weideren informéiere mir Iech datt d'Baisse vun 2019 op 2020/2021 op déi temporaire Ausserbetribnahm vun der Schwämm PIKO zeréck ze féieren ass.

Stroumverbrauch Gemengegebaier

| 2018 [kWh] | 2019 [kWh] | 2020 [kWh] | 2021 [kWh] | 2022 |
|---|---|---|---|---|
| 4 155 736,84 | 4 093 589,00 | 3 396 716,00 | 2 839 238,00 | / |

D'Consommatioun vum Joer 2022 wäerte mir Iech noreeche soubal mir den definitive Bilan erhalen hunn

**Question écrite du 14.11.2023 de M. Jean-Pierre Ecker (Piraten):**

Betrëfft: Scoutschalet

Ech wëll iwwert dëse Wee een Uleies uschwätzen, wat fir mech a fir vill Bierger an eiser Gemeng vu grousser Wichtegkeet ass. Et geet ëm eis Scouten a méi konkret ëm d'Käschte vum Scoutschalet, wou eis Scouten aktuell selwer d'Käschte vum Stroum, Waasser an d'Offallentsuergung mussen droen.

Op der leschter Assemblée générale vun de Scouten hat den Här Buergermeeschter versprach, dass d'Gemeng an Zukunft géif d'Käschte vum Stroum, Waasser a Müllentsuergung vun de Scoute géif iwwerhuelen.

Vill Membere vum Gemengerot, och ech, deelen dës Approche. D'Scoute sinn een onverzichtbare Bestanddeel vun eiser Gemeng a maachen eis Gemeng zu enger bessere Plaz. Et ass a mengen Aen immens wichteg, dass mer eis Scouten ënnerstëtzen an z'entlaaschten, well dës Organisatioun eise Kanner eng wäertvoll Fräizäitbeschäftegung bitt a wichteg Wäerter, wéi Teamaarbecht a sozial Kompetenzen, an eiser Gesellschaft promouvéiert a fërdert.

Leider ass bis haut nach keng Moossnam ënnerholl ginn, fir d'Verspriechen an d'Realitéit ëmzesetzen. Tatsaach ass, dass d'Scoute momentan nach selwer fir dës Käschte mussen opkommen, wat mir ongerecht schéngt wann ee vergläicht, wat d'Scouten Dag fir Dag fir eis Gemeng leeschten.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech follgend Froe stellen:

1. Wäert am nächste Gemengebudget virgesi sinn, fir déi ugeschwate Käschten z'iwwerhuelen?
2. Wäerten d'Scouten och réckwierkend Käschte rembourséiert kréien?

**Réponse écrite du 14.12.2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Mir wëllen Iech drop hiweisen, dass den Här Mellina, deen zum Zäitpunkt vun der Generalversammlung vun de Rodanger a Rollenger Guiden a Scouten am Februar 2023 Buergermeeschter war, keng Verspriechen an dës Richtung gemaach huet. Den Här Mellina huet de Vertrieder vum Veräi matgedeelt, dass dëst eng Alternativ kéint si fir dem Veräin ënner d'Äerm ze gräifen.

Doropshin huet de Schäfferot a senger Sëtzung vum 19. Mee 2023 decidéiert, d'Energiekäschte vun de Chalete vun den zwee Scoutsveräiner aus der Gemeng z'iwwerhuelen. Dëst geschitt eng éischte Kéier am Kader vun de Subsiden un d'Veräiner am Summer 2024. Dës Subside ginn da réckwierkend op d'Aktivitéite vum Veräin, respektiv - am Fall vun de Scouten - op de Verbrauch vum Joer virdru gerechent. Am Normalfall ginn dës Subsiden all Joer am Mount Juli vum Gemengerot gestëmmt an dann duerno ausbezuelt.

---

# Avis au public

## Impôt foncier et impôt commercial

- La décision du conseil communal du 23.10.2023 (point 3.3.) fixant le taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2024, a été approuvée par arrêt grand-ducal du 13.11.2023.
- La décision du conseil communal du 23.10.2023 (point 3.4.) fixant le taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2024, a été approuvée par arrêt grand-ducal du 13.11.2023.


## Urbanisme

- La délibération du conseil communal du 25.09.2023, portant sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Commune de Pétange concernant le site «Op Hëlprécht» à Rodange, a été approuvée par le Ministère de l'Intérieur en date du 11.12.2023, référence ministérielle 17C/020/2023, mopo PAR QE 19602/17C.
- La délibération du conseil communal du 25.09.2023, portant sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier «quartier existant» concernant le site «Op Hëlprécht» à Rodange, a été approuvée par le Ministère de l'Intérieur en date du 11.12.2023, référence 19602/17C, mopo PAG 17C/020/2023.

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

Eis Fréijoersbotz ass

# ENG KUER FIR D'NATUR



## SAMSCHDES, DEN 23. MÄERZ 2024 AB 8 AUER

**Hëlleft eis, d’Gemeng propper ze halen.**

**Kommt an ënnerstëtzt d’Veräiner an d’Regiebetriber vun der Gemeng.**

**Vun 12.30 bis 16 Auer: Ofschlossfest mat Kanneranimatioun an Infostänn Iertsebulli a Gegrills bei de Gemengenatelieren “an der Léier”**



**Umeldungen iwwer e-mail inscriptions@petange.lu bis den 8. Mäerz mat Ärem Numm, Ärer Adress, enger Telefonsnummer an der Unzuel vu Leit, déi deelhuelen. Weider Informatiounen op www.petange.lu**